Conseil communal

Séance publique du 17 septembre 2007

Durée de la séance: *14.00 à 16.20 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	/

ORDRE DU JOUR

Séance secrète :

1. Personnel: démission volontaire d'une aide-éducatrice.
2. Enseignement: nomination d'un médecin scolaire (m/f) - décision.
3. Prévisions sociales: engagement d'un apprenti supplémentaire (m/f) dans le métier de l'instructeur de natation - décision.
4. Enseignement musical:
   - 4.1. Nomination d'un chargé de cours (m/f) de mandoline - décision.
   - 4.2. Nomination de deux chargés de cours (m/f) de guitare - décisions.
   - 4.3. Démission volontaire d'un chargé de cours.
5. Indigénat: demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

Séance publique :

6. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
7. Administration générale:
   - 7.1. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
   - 7.2. Budget de l'exercice 2007: service ordinaire, première modification des recettes et des dépenses - décision.
   - 7.3. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année 2008 - décision.
   - 7.4. Fixation des taux multiplicateurs à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2008 - décision.
   - 7.5. Décomptes de travaux extraordinaires
     - 7.5.1. Travaux de renouvellement des infrastructures dans la rue des Jardins à Pétange - approbation.
     - 7.5.2. Aménagement d'un parking pour la piscine en plein air et d'une voie de communication à Rodange, au lieu-dit « Am Doihl » - approbation.
8. Propriétés: acquisition d'un terrain labour et de deux places sis à Rodange, lieu-dit « Am Doihl » de la part de M. Robert Felten, Mme Denise Felten-Müller et Pauline Spiroux-Felten de Rodange - décision de principe et vote d'un crédit supplémentaire.
9. Personnel: remplacement d'un poste d'expéditionnaire administratif, à demi-tâche, par une tâche complète - décision.
10. Enseignement: contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
11. Prévisions sociales:
    - 11.1. Aide aux sinistrés - subvention au profit des victimes du tremblement de terre au Pérou - décision.

11.2. Avenant à la convention avec le centre d'animation et de guidance pour personnes âgées « Club Senior Prënzebierg » asbl pour l'année 2007 - approbation.

11.3. Convention avec le Centre d'Initiative et de Gestion Locale Pétange (CIGL) au sujet d'une participation financière communale pour l'équipement et de la mise à la disposition de locaux de l'« Internetstuff » sise à Pétange, 4, rue Pierre Grégoire - approbation de la convention et vote d'un crédit supplémentaire.

12. Tourisme: construction d'un mirador par le « Interesseveräin de Lamadelaine »: octroi d'une aide financière et vote d'un crédit spécial - approbation.

13. Sports et loisirs: construction d'un hall sportif multifonctionnel et amélioration des infrastructures aux abords du stade Jos. Philippart à Rodange - vote d'un crédit supplémentaire.

14. Vie associative:
14.1. Dissolution de diverses sociétés.
14.2. « Sportfëscher Péiteng » asbl - modification des statuts.

15. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 à 5 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

- *Mme Monique Gouden, épouse Gibéryen*, est démissionnée de ses fonctions d'aide-éducatrice;
- *Mme le docteur Martine Hatz*, de Lamadelaine, est nommée médecin scolaire aux écoles de Lamadelaine/Rodange pour le terme des prochaines cinq années;
- *M. Eric Kauth*, de Rodange, est engagé comme apprenti supplémentaire dans le métier de l'instructeur de natation pour les piscines communales;
- *Mme Alla Tolkacheva, épouse Aubert*, d'Esch-sur-Alzette, est nommée au poste de chargé de cours de mandoline.
- *M. Daniel Gyurkoczy*, de Soleuvre, et *M. Christian Peckels*, de Mondercange, sont nommés aux postes de chargés de cours de guitare.
- *M. Tim Kleren*, de Tuntange, est démissionné des ses fonctions de chargé de cours.

6.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Als éischt Informatioun wollte mer matdeelen, datt den nächste Samschdeg den Abschid vum Paschtouer Edmond Klein zu Rodange ass. An do ass d'Mass net, wéi ugekënnegt um 19 Auer, mä schonns um 18.30 Auer.

Mer waren als Péitenger Gemeng an deene leschten Deeg relativ oft an de Schlagzeile wéinst deem Haus, dat an der Lonkescher Strooss zu Péiteng zesummegefall ass. An et schéngt mer wichteg fir iech dozou e puer Informatiounen ze ginn. Fir d'éischt wëlle mer als Schäfferot emol jidderengem Merci soen, deen do matgehollef huet. Besonnesch de Pompjeeën, déi während enger ganzer Rei vu Stonne mat ganz ville Leit op der Plaz waren, fir engersäits d'Sécherheet op de Plaz ze garantéieren, a fir duerno dem Här, deen do concernéiert ass, seng perséinlech Saachen aus dem Haus ze huelen.

Ech wëll och virun allem nach zwee Leit a meng Mercië mat aschléissen, nieft all deenen aneren, déi op deem Site do geschafft hunn : Dat ass op der enger Säit eis Assistante sociale, déi di Leit do encadréiert huet. Well et muss ee wëssen, datt et am ganzen 12 Leit waren, déi hu miissten évacuéiert ginn, sief dat aus dem Haus 72 wéi och aus dem Nopeschhaus.

D'Gemeng huet natierlech dofir gesuergt, an dat op Käschte vum Promoteur, dee jo responsabel ass fir dat wat geschitt ass, datt déi Leit am Hotel ënnerdaach komm sinn. De Promoteur huet och fir de Moment d'Responsabilitéit iwwerholl, och wann nach net ganz kloer ass, ob si elo responsabel sinn, oder ee vun hire Sous-traitanten. Si hunn awer ganz kloer d'Responsabilitéit iwwerholl, a si huelen och d'Fraisen 'à charge'.

Déi aner Persoun, déi ech wëll ernimmen, ass den Här Glesener, deen an eisem Service de l'architecte responsabel ass fir d'Vergi vun de Baugenehmegungen. Och hie war déi ganzen Zäit um Terrain fir ze kucken, wat ka geschéien, a fir vu Gemengesäit aus déi néideg Dispositiounen ze huelen, wann der ze huele waren.

Ech sinn der Meenung, datt mer déi Leit konnte relativ gutt ënnerdaach bréngen. Et ass awer nach net kloer, ob déi 11 Leit aus dem Haus Nummer 70 scho kënnen zeréck an hiert Haus goen. Mir waarden nach op den Expert dee soll laanscht kommen, fir eis dat kënnen ze confirméieren. Mir wëllen do kee Risiko agoen, an dofir waarde mer nach deen Expert of.

De Chantier gouf och direkt gestoppt, an e bleift fir de Moment och gestoppt. Mir waarden nach hei op déi néideg Informatioune vun der ITM, déi eis soll soen, wéi dat um Chantier ka virugoen, a wéi de Chantier ka weider ofgesécher ginn a weider drop geschafft ka ginn.

Alles an allem kann ee soen, datt de Promoteur unerkannt huet, datt dat doten ënnert senger Responsabilitéit geschitt ass. Et muss een och soen, datt de Promoteur sech vill Méi mécht, fir deene betraffene Leit ze hëllefen. Hien iwwerhëlt d'Fraisen, an en ass och haut mat deem Mann aus dem Haus Nummer 72, déi jo haaptsächlech betraff ass, Wunnenge kucke gaangen, fir datt dëse Mann och nees esou séier wéi méiglech en Ënnerdaach fënnt. Do lafe Gespréicher, an d'Assurance mussen natierlech och do mat schwätzen. Mä déi Firma huet sech däer Saach ugeholl, an ech sinn och iwwerzeegt, datt se dat Niedegt maachen, fir datt fir déi Leit eng definitiv Léisung fonnt gëtt, an datt déi eng nees zeréck an hiert Haus kënnen, a datt fir den Här aus dem Haus Nummer 72 eng nei Wunneng fonnt gëtt.

Vun der Gemeng aus ass kee Feeler geschitt. De Feeler läit ganz kloer beim Promoteur, respektiv bei sengen Sous-traitanten.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass bei de Kommunikatioune vum Schäfferot net Usus, datt Memberen

aus dem Gemengerot d'Wuert ergräifen, an dofir soen ech iech Merci, datt ech trotzdem d'Wuert hei kréien. Well dat heiten elo viru kuerzem geschitt ass, hat ech keng Geleeënheet, fir eng schrëftlech Fro eranzeginn.

Ech wollt just soen, datt Péiteng an der leschter Zäit oft mat esou Saachen an de Schlagzeilen ass. Dat hei ass elo schonns fir drëtt banne kuerzer Zäit. Dat éischt war an der rue du Chemin de Fer, dat zweet an der avenue de la Gare, an dat drëtt, wat am dramateschsten ass, ass dann elo op der Lonkescher Strooss. Ech wollt froen, wéi de Schäfferot dozou steet fir weider Baugenehmegungen an deem Stil erauszeginn. Mengen Informatiounen no sinn nach op mannst 3 Residenzen an der Lonkescher Strooss, vun der Schell-Statioun bis op d'Porte de Lamadelaine, geplangt. Si mir 'en règle' mat eise Baugenehmegungen, fir datt esou Residenzen esou no un al Haiser kënne gebaut ginn ? Well et ass ëmmer bei esou Fäll wou déi al Haiser Rëss kréien, respektiv wéi hei, zesummefalen. Well ech wunne jo net wäit ewech, an ech hu gesi wéi den Entrepreneur mat senger risegrousser Buermaschinn ënnert dat anert Haus gebuert huet. An do do huet miissten esou kommen; dat war viraus ze gesinn. Hu mir do keng Handhab fir ob Gronn vun der Baugenehmegung eppes ze ënnerhuelen, datt esou Saachen net méi virkommen. Well ech fannen et dramatesch, datt eis Gemeng dräimol banne kuerzer Zäit an de Schlagzeile war.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et sinn 2 grondverschidde Saachen. Dat eent ass d'Baugenehmegung. De Buergermeeschter gëtt eng Baugenehmegung fir en Haus ze bauen. An däer Baugenehmegung steet, datt all Mesurë musse geholl ginn, fir datt d'Nopeschhaiser net a Matleedenschaft gezu ginn. Et ginn och 'état des lieux' vun den Nopeschhaiser gemaach. Wéi den Entrepreneur elo do virgeet, ënnerläit deem senger Responsabilitéit.

An dësem Dossier hei ass et och ganz kloer, datt d'Gemeng net responsabel gemaach ka ginn.

Op der anerer Säit kënne mir net refuséieren, datt een op sengem Terrain eppes ofrappt. Wa mer dat géife verbidden, da géif doudsécher de Propriétaire vun deem Terrain eis usichen a mer géifen um Geriicht deen zweete Präis kréien. Natierlech muss et an däer Form gemaach ginn, datt d'Noperen net a Matleedenschaft gezu ginn. Ech hunn awer och op der Tëlee gesot, a mer wäerten och hei kucken, watfir Moyenen d'Gemeng huet, fir nach zousätzlech Garantië vum Promoteur ze kréien, wann eppes Gréisseres soll gebaut ginn. Besonnesch wann et op Pol a Mol erugeet. Et ginn awer haut technesch Moyenen, fir datt esou eppes net virkënnt. De Beweis gesäit een hei beim Bau, deen vis-à-vis vun der Gemeng am gaangen ass. Do war kee Problem. Mir hunn nach eng ganz Rei vu Projeten, wou kee Problem ass.

Bei deem Projet an der Lonkescher Strooss ass awer ganz kloer e Feeler geschitt. Ech sinn elo net Techniker fir kënnen ze soen, wat elo do net geklappt huet. Dat sollen eis d'Experte soen. Mä hei ass net 'selon les règles de l'art' geschafft ginn, well soss wier dat doten net virkomm. Mä mat den technesche Moyenë vun haut ginn et awer sécherlech Méiglechkeete fir esou een Haus ofzerappen an en neit Gebai opzeriichten ouni datt d'Nopeschhaus an de Koup fält.

A mer musse kucken, ob mer an eise Baugenehmegungen net nach méi präzis musse ginn a Fuerderunge stellen. Mir mussen awer och kucken, a wéi fern mer dat Recht hu fir dat ze maachen. Mir loossen eis do beroden, an a Fonctioun vun deem, wat do erauskënnt, wäerte mer an eise Baugenehmegunge méi präzis ginn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Här Buergermeeschter, ech soen Iech Merci.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat wieren déi 2 Punkte gewiescht, déi ech ënnert 'Communications du collège des bourgmestre et échevins' wollt uschneiden. Den Här Welter wollt awer och nach eppes zu engem Projet soen, deen elo an d'Haus steet.

Gilbert Welter, Schäffen :

D'Administration des Eaux et Forêts huet mat der Hëllef vum Schäfferot de Gestiounsplang vun eise Gemengebëscher bis d'Joer 2016 opgestallt. Mir presentéieren, zesumme mat der Administratioun, Iech an och der Ëmweltkommissioun dësen 'plan décennal', fir datt mer äer Iddien nach kënne mat afléisse loossen. D'Presentatioun ass den 23. Oktober 2007 um 18 Auer hei am Sëtzungssall. Dir kritt nach alleguerten eng schrëftlech Invitatioun zougestallt, an och den Dossier kritt dir ronn 14 Deeg virun der Presentatioun an d'Case geluegt, esou datt sech jidderee ka preparéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Eng weider Kommunikatioun géif Iech dann och nach den Här Breyer maachen.

Roland Breyer, Schäffen :

Et huet e bësse mam Sinister op der Lonkescher Strooss ze dinn, dat heescht, mat deem Haus dat zesummefält. Bedéngt duerch dee Sinister war Ponts et Chaussées averstanen, fir fréizäiteg d'Bretelle um Contournement nees opzemaachen. Op Interventioun vum Buergermeeschter waren se averstanen, fir d'Porte de Lamadelaine fréizäiteg opzemaachen. Si waren domatter d'accord, well soss wier d'Bretelle nach eng Woch méi laang zou gewiescht. Mir hunn och direkt vun der Situatioun profitéiert fir drop opmierksam ze maachen, datt d'Barrière zu Rodange nach ëmmer zou ass. Si wëllen déi Barrière elo net automatesch opmaachen, well dat och nach mam Chantier 'Nau' ze dinn huet. Mir hunn awer fir de Mëtteg eng Entrevue an der Stad arrangéiert, wou Experten vu Ponts et Chaussées, vun de CFL a vun de Ministèrë mat derbäi sinn. An do soll versicht gi fir eng Léisung ze fannen, datt esou séier wéi méiglech eng Situatioun op der Gare zu Rodange entsteet, déi mir och gären hätten. Dat heescht, datt wéinstens an enger Richtung nees d'Barrière opgemaach gëtt. Dat soll elo de Mëtteg décidéiert ginn, a mer erwaarden eis, datt - wann de Chantier 'Nau' esou wäit fortgeschratt ass - déi Clôture an der Strooss kann ewechgeholl ginn - d'Barrière och erëm op wäert goen. Mir sinn zouversiichtlech, datt dat an deenen nächste Wochen an déi Richtung wäert goen.

Déi zweet Informatioun betrëfft d'Gemeinschaftsantenn. Mir hunn 4.517 Abonnéen, an eng Partie vun hinne stellen sech Froen zu der digitaler Tëlee. Si kruten alleguerten e Courrier Heem mat méi techneschen Informatiounen. Dat ass net ëmmer ganz digest fir eis Leit. Do geet ënnert anerem Rieds vun neie Tëleesprogrammer, déi se kënne kréien, vum digitale Fernseh dee kënnt. Et war eng Oprou, datt, wann et digital gëtt, de Schierm schwaarz bleift. Dat ass awer net de Fall, well entretemps assuréiert gëtt, datt et bis 2011 wéinstens dauert, bis een net méi analog kann empfänken. Bis dohinner si Periode virgesinn, wou deen een oder anere Programm ewechgeholl gëtt, an doduerch Plaz geschaf gëtt fir dat digitalt Netz. Well dat eng technesch komplizéiert Matière ass, hu mer mat Nokia Siemens ausgemaach, datt mer Enn Oktober zwou ëffentlech Versammlungen hei an der Gemeng organiséieren. Eng fir Rodange a Lamadelaine, an eng fir Péiteng, a wou de Bierger sech ka renseignéieren, wat e muss hunn oder wat ee sech muss uschafen. An et ass fir d'Leit ze

berouegen, datt se mat hirer aler Televisioun kënne weider kucken, och wann et vläicht net méi déi ganz Palette vun de Programmer ass. Well lues a lues wäert deen een oder aneren ewechfalen, fir d'Breet vum Band fir dat digitalt Netz kënnen ze profitéieren. Och sollt d'Méiglechkeet ugebuede ginn, fir iwwert de Kabel vun der Antenn den Internet unzebidden oder esouguer ze telefonéieren. All déi Méiglechkeete bidd dat Netz elo, an et ass dofir wou mer Enn Oktober zwou Informatiounsversammlungen mat Nokia Siemens organiséieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Voilà, dat zu de Kommunikatioune vum Schäfferot.

Mir hätten awer zu dësem Punkt och nach eng weider Saach. Well elo dee Sinister an der Lonkescher Strooss hei zu Péiteng war, hu mer miissten higoen an d'Strooss fir eng gewëssen Zäit spären, an dofir géif ech dem Här Breyer nach eng Kéier d'Wuert ginn. Well mer mussen engersäits d'Décisioun huelen, fir dëse Punkt d'Urgence op d'Dagesuerdnung ze huelen, a fir driwwer ofzestëmme wat soll do geschéien.

Point ajouté à l'ordre du jour.

Transports et communication.

Règlement temporaire de la circulation routière – confirmation.

Roland Breyer, Schäffen :

Wéi gesot, fir op der Héicht vum Haus Nummer 72 kënnen ofzesécheren, well d'Haus ofgedroe gëtt an och Lächer wéinst dem Waasser an dem Gaz musse gemaach ginn, fir Leitunge vum Réseau ofzeklemmen, muss d'Deelsteck tëscht der rue des Romains an der rue Pierre Grégoire fir de Verkéier gespaart ginn. Et ass och verbueden tëcht dem Haus Nummer 68 an der rue Bommert ze stationéieren. Och dierf op der selwechter Héicht den Trëttoir vum Foussgänger net benotzt ginn, well nach ëmmer d'Gefor besteet, datt eppes kéint eroffalen. Mir rechnen, datt et nach eng Woch wäert daueren, bis déi normal Situatioun nees hirgestallt ass.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi ass et mam Trafic, kann deen normal virulafen ?

Roland Breyer, Schäffen :

D'Strooss ass fir de Verkéier gespaart.

Jeannot Linden (LSAP):

Mä déi Lächer, dat ass jo alles fäerdeg.

Roland Breyer, Schäffen :

Et ass nach net sécher, ob dat Haus Nummer 70 stabil ass, an et war och nach net sécher op dat Haus Nummer 72 – zum Zäitpunkt wou d'Reglement geholl ginn ass – net kéint asacken, an doduerch net d'Haus Nummer 70 mat a Bewegung kënnt. An déi lescht Expertise läit nach net vir, an dofir loosse mer d'Strooss fir de Verkéier gespaart.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt net direkt eppes zum Verkéiersreglement soen, well dat schéngt mer ganz kloer ze sinn. Ech wollt awer nach eppes zu der Interventioun vum Romain Becker soen. Dir hutt gesot, datt een net alles ka maachen, fir esou Situatiounen ze verhënneren. Mir ass awer opgefall, an ech war och während 2, 3 Deeg um Chantier selwer, datt – wou bis de Misère do war, wou et bis geschitt war – d'ITM, an och Luxcontrol op eemol do waren. Kéint een net higoen, a bei problematesche Situatioun, d'ITM an Luxcontrol informéieren ier mat de Buerungen ugefaange gëtt. Ech hu gesinn, datt se ronderëm Buerunge gemaach hunn, duerch dee ganzen Terrain, an dat huet wonnerbar geklappt. Beim Haus selwer hu se awer op eemol 4 Buerunge mateneen gemaach. An ech ka mer virstellen, datt, wann se eng Buerung no däer anerer gemaach hätten, an eng Buerung no däer anerer mat Betong opgefëllt hätten, an d'ITM a Luxcontrol hätten dat suivéiert, da wier vläicht déi Situatioun do net agetratt. An do kéint d'Gemeng – ouni datt se sech laut hirem Bautereglement an der Illégalitéit géif bewegen – dat als Conditioun virschreiwen, an datt bei esou krokeleche Situatiounen d'office den Accord vun der ITM a vu Luxcontrol miisst virleien. Well hanneno kommen se jo souwisou kontrolléieren, an da wier et grad esougutt, si géife virdru kommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et muss een natierlech kucken, wéiwäit mir als Gemeng kënnen engem Promoteur e Bureau de contrôle kënne virschreiwen. Hei war och e Bureau do, dat heescht, et ware Leit vum Fach op der Plaz, an et gouf och alles mat deenen ofgeschwat. Just mir als Gemeng hunn do keng Asiicht an dat wat do décidéiert gëtt. Mir kënne soen, datt de Chantier esou muss organiséiert ginn, datt näischt um Nopeschhaus geschitt. Mä wéi si dat elo organiséiere kënne mir net kontrolléieren. Mir hunn och net déi Leit déi dat kënne suivéieren. Da miisste mer och soen, datt deen een oder anere Bureau eis Referenzleit sinn, an déi sollen dat eng Kéier iwwerkucken an eis en Avis ginn, ob dat an der Rei ass oder net. An da géife mer eréischt d'Autorisatioun erausginn. An da miisst dee Bureau och nach bereet sinn op d'Plaz kucken ze goen, ob d'Aarbechten och esou ausgefouert ginn. Wéi der wësst, ass de Pabeier gedëlleg, a wann um Chantier aneschters geschafft gëtt wéi dat wat um Pabeier steet, dann hu mer erëm keng Kontroll.

Mir musse kucken, awéifern mer dat geregelt kréien, an ob mer dat och kënnen dem Promoteur viru verrechnen. Well et ka jo net sinn, datt et d'Gemeng ass, déi schlussendlech déi Kontrollfirma muss bezuelen. All déi Saache soll ee versichen an deenen nächste Wochen ze kläeren, a wann dat zu 100% gekläert ass, da kann een och versiche méi Kontroll op dat Ganzt zu hunn.

Ech sinn awer nach der Meenung, datt dat net a priori der Gemeng hir Aufgab ass. D'Gemeng gëtt eng Baugenehmegung eraus wéi soll gebaut ginn. Mä mat watfir Matièren a wéi dat soll geschéien, gëtt net am Kader vun enger Baugenehmegung festgeluegt. Mä op Grond vun der Sécherheet kann een an Zukunft vläicht méi genee Fuerderunge stellen, zemools an deene Fäll wou op Pol a Mol gebaut gëtt. An dat wëlle mer mat Experten a mat 'avis juridiques' ënnersiche wéi mer dat kënne maachen.

Albert Muller (LSAP):

Dat ass och ganz richteg. Mä ech war selwer och während Stonnen um Chantier selwer, an ech hu festgestallt, datt déi Leit vun der ITM a vu Luxcontrol grad esoulaang do stounge wéi ech. An ech kéint mer virstellen, datt se am Virfeld och géifen do stoen, fir ze kucken, op d'Buerunge verstänneg duerchgefouert ginn, an och dann zum Beispill kënne soen, datt net solle 4 Lächer matenee gebuert ginn, mä ee Lach nom aneren. A wann dat eent Lach stabiliséiert ass doduerch datt de Betong ausgehärt ass, eréischt déi nächst Buerung ka virgeholl ginn.

Sécherlech muss gekuckt ginn, wien d'ITM bezillt. Mä ech kéint mer awer virstellen, datt den Entrepreneur miisst d'office de Certificat vun der ITM der Gemeng virleeën. Ech ka mer net virstellen, datt Leit vun der Gemeng déi ganzen Zäit do um Chantier stinn.

Roland Breyer, Schäffen :

Et gëtt nieft engem 'plan général de santé et de sécurité sur les chantiers' och nach e 'plan particulier de santé et de sécurité'. Ech miisst ee kucken, ob

net fir all gréisseren Objet esou een 'plan particulier' ka gemaach ginn, an deen der spezifescher Situatioun Rechnung dréit. An do gëtt d'ITM och mat agebonnen. De 'plan général de santé et de sécurité' ass jo geduecht, fir datt deene Leit déi do schaffen oder an der Ëmgéigend sinn näischt soll geschéien. Dat si generell Richtlinnen. Mä et kann een se awer och duerch dee 'plan particulier' op den eenzelne Chantier adaptéieren. Et miisst ee kucken, op dat net eng Léisung wier, déi een an eist Bautereglement kéint mat abauen.

Wat och ëmmer vergiess gëtt, dat ass, datt mer hei am Kordall sinn. A fréier stoung hei alles ënner Waasser. An d'Particularitéit vum Kordall ass vläicht enger aner wéi soss enzwousch. An dat miisst considéréiert ginn iwwert de Wee vun engem 'plan particulier de santé et de sécurité'.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir wäerten ënnersiche watfir Gremie kënne mat erugezu ginn. Op d'ITM elo bereet ass während Stonnen op de Chantieren ze stoen, ass eng aner Fro. Déi loossen sech dat och ganz oft vu Kontrollbüroe bescheinegen datt dat an der Rei ass. Mir wäerten awer emol mat hinne schwätzen, fir ze versichen esou Pannen an Zukunft beschtméiglechst ze vermeiden. Ech wëll awer bemierken, datt esou Pannen net nëmmen zu Péiteng geschéien. Ech hat de Muere mam Déifferdanger Buergermeeschter Rieds, an hie sot mer, datt och zu Uewerkuer viru rezenter Zäit esou ee Problem war.

Camille Bosseler (CSV) :

Kéint een eis Bautekommissioun net och an Zukunft domatter beoptrage fir e Suivi ze maachen. Op der enger Säit gëtt jo accordéiert, an op der anerer Säit kéinten se jo och op de Chantier kucke goen a kontrolléieren ob d'Aarbechten och esou ausgefouert ginn. Ech denken do un eng Zort Bautepolice, wéi se op verschiddene Plaze besteet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Fir dat kënnen ze maachen, brauch ee Statiker. Fir de Moment ass kee vun eis, dee ka gréng Luucht ginn, fir datt d'Leit nees zeréck an d'Haus Nummer 70 kënne goen. Mir mussen elo e Statiker komme loossen, deen eis seet, datt d'Saach an der Rei ass. Ech ka mer net virstellen, datt ee Member vun der Bautekommissioun - deen eventuell eng Formatioun als Elektriker oder Employé oder Comptabel huet, an deen an der Bautekommissioun sëtzt fir ze kucken, ob d'Konzept vum geplangtene Bau an der Rei ass – kann en Avis gi fir ze soen, datt et an der Rei ass wéi dee Mann baut. Do musse professionell Leit op d'Plaz kommen, an ech mengen, datt mir weder an der Bautekommissioun, nach iergendwéi an eisem Betrib, iwwerhaapt een hunn deen dat dote ka maachen an d'Responsabilitéit kann iwwerhuelen.

Accord à l'unanimité d'ajouter ce point à l'ordre du jour de la séance du conseil communal.

Confirmation à l'unanimité du règlement temporaire de la circulation routière.

7.1.

Administration générale.

Titres de recettes : déclarations diverses au montant total de 4.879.150,17 €, dont dotation de l'Etat, 2e trimestre 2007 (4.778.532 €), piscines, taxes rémunératoires, redevances, recettes et remboursements divers – facturation interne (32.136 €), TVA juillet 2007 (21.102,49 €), recettes buvette piscine Rodange (17.105,94 €) et part de l'Etat dans la formation des apprentis (7.243,79 €) – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Deen déckste Montant bei de Recetten ass d'Dotation de l'Etat vum 2. Trimester 2007 mat 4.778.532 €. Fir de Rescht sinn et haaptsächlech 'reprise de matériaux recyclables' a Recetten an der Rodanger Schwämm PiKo.

Approbation à l'unanimité.

7.2.

Administration générale.

Budget de l'exercice 2007, service ordinaire : 1re modification des recettes et des dépenses – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dir wësst, datt et Usus ass, datt am Hierscht déi verschidde Budgetsartikelen, besonnesch aus dem ordinäre Budget, duerchgekuckt gi fir ze kucken op Sue mussen nogestëmmt ginn oder net. Op de Säiten 37 an 38 vun ären Ënnerlagen hutt der eng Rei vu klenge Modificatiounen, déi sech am Total op der Säit vun den Dépensen op 191.208,38 €, a bei de Recetten op 209.636,43 € belafen. Dat heescht, mir kréien e positive Solde vun 18.428,05 €. Mat dëse Modificatioune miisste mer et fäerdeg brénge fir bis d'Enn vum Joer beim Rectifié d'Situatioun am Grëff ze hunn, an nach all ausstehend Dépensen, déi nach op eis zoukommen, ze assuréieren.

An ärer Dokumentatioun fannt der den Detail an d'Informatiounen zu all Artikel. Wann nach Froen oder Wuertmeldunge sollte sinn, da kann dat elo gemaach ginn.

Roger Klein (LSAP):

Ech hätt just eng Fro. Et ass mer opgefall, datt bei der Schwämm PiKo d'Facturation interne vum Waasser ëm 60% eropgeet, esou datt mer elo bal bei 200.000 € leien. Dat si praktesch 530 € pro Dag. Als Erklärung steet dobäi 'consommation plus importante que prévue'. Wéi konnt et kommen, datt mer esouvill méi Waasser verbrauche wéi virausgesi gi war ? 60% ass eng ganz gewalteg Steigerung. Wéi gesot, datt sinn elo iwwert 530 € den Dag just fir d'Fourniture vum Waasser. Do ass d'Opheizen an den Traitement vum Waasser nach net dobäi. Hu mer do eng Virstellung, wéi mer dat nees an de Grëff kréie fir dat ze reduzéieren ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Den Här Welter wäert sécherlech dozou Stellung huelen. Ech wëll awer virausschécken, datt dat heite sécherlech eng Situatioun ass, déi zanter 3 Méint nei opgetaucht ass. Mir sinn am gaangen, mat den Techniker zesummen, ze kucken, wat d'Ursaachen dovunner sinn. Mir hunn effektiv an deene leschten 3 Méint duebel esouvill Waasser gebraucht wéi déi Méint virdrun. Fir de Moment hu mer nach keng definitiv Explikatiounen, 'à moins' datt se elo ganz rezent komm ass. Dat kann eis den Här Welter da soen. Mir hunn elo emol déi Kreditter an de Budget gesat, well mer net wëssen, wéi séier mer dat dote behuewe kréien. Et ass sécherlech keng normal Situatioun, a mer mussen d'Situatioun nees op de Niveau vum leschte Joer zeréckkréien.

Gilbert Welter, Schäffen :

Mir haten effektiv eng Versammlung wou mer iwwert dee Fall 'Waasser' geschwat hunn. An eng vun den Explikatiounen, déi mer nach zousätzlech kritt hunn, ass, datt an der Tëschenzäit en anere System geholl gëtt fir d'Waasser propper ze halen, a fir datt d'Wäerter solle gutt sinn. Bis elo hate mer eis Wäerter an der Rei, mä si waren net esou, datt ee konnt soe si wiere perfekt. Et gëtt elo méi Waasser gebraucht fir nach besser Wäerter ze kréien, well punkto 'Santé' dat awer och soll matspillen.

Et ass awer esou, datt déi 8.000 m3 nach vill ze vill sinn. Mir hu gesot kritt,

datt mer an Zukunft ëm déi 5.000 bis 5.500 m3 pro Mount solle leien. Wéi gesot, mir louchen déi Zäit bei 3.500 m3 Waasser, an d'Wäerter waren net all ze gutt. Elo hu mer exzellent Wäerter. Mä de Verbrauch ass awer vill ze vill héich.

Mir hunn awer nach eng Kéier Drock ausgeléist, a mer wäerten och an eisen techneschen Servicer kucken, wéi wäit mer an Zukunft kënne mat Quellewaasser schaffen. Dat hate mer vum Environnement virun 2 oder 3 Joer refuséiert kritt, aus Grënn, datt eventuell och do d'Qualitéit vum Waasser net déi Bescht wier. Mir sinn awer am gaangen dorunner ze schaffen, a mer maachen och eng nei Demande fir kënne Quellewaasser ze gebrauche fir eis Schwämm. Well domatter géife mer Waasser spueren, well d'Waasser soll jo awer net onbedéngt verschwéngst ginn.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech hätt eng Fro zum Punkt 'cantine scolaire : entretien bâtiment', wou als Explicatioun 'travaux au niveau des moteurs et compresseurs' dobäi steet. Hei geet et jo ëm d'Schoulkantin zu Rolleng, wann ech gutt am Bild sinn. Et war jo schonns eng Kéier eng Fro heibanne gestallt ginn, datt déi Kompresseren a Ventilatore géifen terribele Kaméidi maachen, an datt dat soll behuewe ginn. Elo sinn hei 12.000 € wieder virgesinn, an ech wollt wëssen, ob déi Sue schonns investéiert si ginn an ob d'Aarbechte scho gemaach si ginn. Well de Kaméidi ass nach ëmmer do, a wann een op der Strooss laanscht geet, da mengt ee bal et géif een op ee balleren.

An ech bleiwe bei menger Ausso, déi ech schonns emol gemaach hunn, datt déi Firma, wann se Schrott geliwwert huet, soll zur Verantwortung gezu ginn. Do soll eng Expertise gemaach ginn, a wann deem esou soll sinn, da soll d'Firma selwer fir déi Käschten opkommen. Et kann net sinn, datt se eppes verkafe wat net fonctionnéiert, a mir duerno musse bezuelen. Well dat hei schénge Ventilatoren ze sinn, wou d'Lagere bannen dra futti sinn, a wann se géifen déi ersetzen, da géif et och schonns vläicht besser goen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass wahrscheinlech net alleng e Problem vum Material, dat geliwwert gouf, mä virun allem wahrscheinlech e Problem vun der Plaz, wou déi ganz Apparater festgemaach goufen. Dat ass an der Descente fir erof an d'Garagen ze fueren. Dat ass en Huelraum, a menger Ansiicht no vibréiert dat, a mer musse kucke fir eng aner Léisung ze fannen. Et leien e puer Varianten um Dësch, an déi wëlle mer mat deene Leit vun der zoustänneger Firma a mat de Coproprietairen aus der Residenz diskutéieren. Net datt eppes gemaach gëtt, wat duerno awer nees net dat richtegt ass. Et muss eppes geschéien, a mer hunn d'Suen elo an de Budget gesat fir datt mer och eppes kënne maachen. Mir hunn elo miissten op dës 'modification budgétaire' waarden, fir d'Suen – well et den ordinäre Budget ass – kënnen dranzesetzen. A mat deene Suen, déi mer elo virgesinn hunn, misst dee Problem kënnen aus der Welt ze schafe sinn. An nodeem elo haut de Gemengerot de 'feu vert' ginn huet fir d'Hausse vun de Kreditter, wäerte mer kucke fir eng Léisung ze fannen déi jiddereen zefridde stellt. Well Dir hutt Recht, esou wéi et elo ass, ass et inacceptabel.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Den Här Buergermeeschter huet schonns déi meescht Explicatioune ginn. Ech hunn nach e Freideg mam Techniker geschwat, an et leien de Moment verschidde Proposen um Dësch. An eng dovunner wier, datt déi ganz Apparater sollen erofgeholl ginn, an eventuell an de Keller eragesat ginn. Et sinn och nei Ventilatoren um Maart, déi ganz lues sinn, an déi manner Kaméidi maache wéi eng Spull- oder eng Wäschmaschinn. Natierlech muss elo gekuckt ginn, ob dat och dohinner ka placéiert ginn, an ob net nach vläicht eng Ventilatioun no baussen hi muss gemaach ginn. Net datt déi Ventilatoren an engem zouene Raum schaffen.

Eng aner Léisung, déi och nach an d'A gefaasst ginn ass, ass fir déi ganz Apparater hannenaus ze verleeën. Do mussen dann natierlech Leitungen no bausse gezu ginn. Do ass zwar d'Spillplaz vun de Kanner, mä et ass awer nach Plaz do. Déi ganz Apparater miisste just dann agekleet ginn.

Déi nächst Deeg ginn déi Propose gekuckt, a mat enger spezialiséierter Firma gëtt ënnersicht, watfir eng Léisung déi Bescht ass, fir datt mer an Zukunft do kënne roueg sinn. Et huet kee Sënn fir et elo nëmmen zur Halschent ze maachen, a mer dann an 2 Méint nees mussen ufänken.

A mer musse schnell handelen, well de Kaméidi ass fir de Moment wierklech esou haart, datt een en nach héiert, och wann een e puer Haiser dovunner ewech ass. An dat kënne mer de Leit net weider zoumudden.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech sinn nach ëmmer der Meenung, datt dat Haus nach keng 10 Joer do steet, an datt d'Installatioun nach keng 5 Joer al ass, an datt aner Méiglechkeete musse gesicht ginn. Et läit op der Hand, datt eppes do muss geschéien. An déi bescht Léisung ass wahrscheinlech déi, datt een déi ganz Installatioun hannenaus no bausse setzt.

Dann hunn ech nach eng aner Fro, an zwar zum Punkt 'travaux d'entretien et de réparation – piscine Rodange'. Do steet als Erklärung ' réparation vitrage et remplacement de l'installation de sonorisation'. Do ass et genee dat selwecht. Dat miisste jo nei Anlage gewiescht sinn, oder sinn do al Installatiounë mat iwwerholl ginn ? An ech wonnere mech, datt déi elo scho musse gewiesselt ginn.

Ech hätt och nach eng zousätzlech Fro dozou. Et huet ee mer gesot, datt d'Rodanger Schwämm während engem Weekend zou war, bedéngt duerch technesch Problemer. Kann ech och dozou weider Informatioune kréien ? Well et war néierens en Aushang ze gesinn, datt d'Schwämm sollt zou sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass mir samschdes matgedeelt ginn. Un däer enger Heizung ass geschafft ginn, an dunn ass déi zweet Heizung 'en panne' gefall. En plus kënnt dobäi, datt déi Firma, déi fir d'Heizung zoustänneg ass, mat 'sous-traitance' geschafft huet. An déi Sous-traitanten sëtzen net zu Lëtzebuerg, mä am Ausland, esou wéi dat ëmmer méi de Fall ass. An doduerch dauert dat eng gewëssen Zäit bis déi op der Plaz sinn. Dat ass och bedéngt doduerch, datt ee laut eisem Soumissiounsgesetz dee bëllegste muss huelen, an dann duerno mat esou Situatioune confrontéiert gëtt. Schlussendlech huet et dunn 2 Deeg gedauert bis d'Reparaturen un der Heizung gemaach waren. Entretemps ass déi Saach nees an der Rei. Et muss een awer mat der Firma, déi responsabel fir d'Wartung ass, klären, ob eng präventiv Wartung déi Panne net hätt kéinte vermeiden. Et muss een awer nach dozou soen, datt dat an deene leschten 2 Joer elo eng Kéier de Fall war, wou duerch en technesche Problem d'Schwämm zou war. Natierlech ass eng Kéier och eng Kéier zevill, a mer mussen en Aen drop halen. Well et ass a mengen Aen och net ganz normal esou wéi dat do gelaf ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Wat d'Ersetze vun der Sonorisatioun ugeet, esou ass eng Zomm elo an de Budget agesat ginn, well am Ufank net virgesi war, fir Fester an der Rodanger Schwämm ze organiséieren. Well déi Partyen elo bausse gefeiert ginn, soll een d'Musek natierlech och baussen

op der Wiss héieren. An doduerch gëtt d'Sonorisatiounsanlag verbessert. An déi Fester, déi an der Schwämm gefeiert ginn, si jo och flott, an och vun de Leit begréisst. Et ass vläicht fir d'Urainer vun der Schwämm net esou kamoud, an et kënnt alt emol vir, datt Vereenzelter reklaméieren, mä wa schéint Wieder ass, da muss een de Leit baussen op de Wisen och eppes bidden. An et ass och net alleng bei eis, wou esou Aktivitéiten ugebuede ginn. Et gëtt dat och op anere Plazen, an et gëtt ëmmer méi vun de Leit gefrot, an dofir musse mer eis och e bëssen der Zäit upassen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech wëll nach zu deem Punkt dobäisoen, datt een an der Zeitung konnt liesen, datt d'Zuel vun de Visiteuren an deenen oppene Schwämme lénks a riets am Joer 2007, par rapport zu 2006 an 2005, erofgaange sinn. An do kann een deene Membere vum Gemengerot, déi de Projet PiKo matgestëmmt hunn, nëmme félicitéiere fir hire Choix, deen se getraff hunn. Well eis Zuele sinn op jiddefall esougutt wéi déi vun deem Joer virdrun. Well mir hunn hei eng Méiglechkeet fir schwammen ze goen, och wann d'Wieder net grad esougutt ass. An dëse Summer war net däer Allerbeschten een. Zu Déifferdang, Gréiwemaacher, Veianen, iwwerall hunn se gekrasch an de September schonn zougemaach. A mir konnten awer weider deene Leit eppes bidden, déi d'Méiglechkeet net hu fir am Summer fortzefueren.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt eng allgemeng Bemierkung zu deem Tableau vun de 'modification budgétaire' hei maachen. Ech hätt awer och nach 3 spezifesch Froen zu deene Positiounen, déi an deem Tableau hei drastinn.

Den Tableau, esou wéi en hei virläit, ass fir mech näischt neies. Ech hu während X Joeren déi scho gesinn, an ech hunn och deelweis mat dru geschafft. An do, wou am Tableau 'recette effective' steet, ass et kloer, datt dat och esou ass, an do kann een näischt drun änneren. Op deenen anere Positiounen, wou zum Beispill Kreditter nogestëmmt gi sinn, oder nach gestëmmt ginn, do kann een sech allerdéngs 3 Froe stellen. Ech wëll kengem ënnerstellen, datt deen éischte Kredit schlampesch opgestallt gi war. Et kann awer sinn, datt een net 'en toutes connaissances de cause' war, an net wosst, wat eigentlech op ee géif duerkommen. Et kann awer och sinn, datt de Schäfferot mat der Propositioun komm ass, a gesot huet, datt op verschiddene Plazen d'Kreditter ze héich wieren, an datt net esouvill op deene Positiounen agesat soll ginn, well een net esouvill Sue kann ewechginn. An dat féiert dann och schlussendlech dozou, datt de Budget am Gläichgewiicht bleift. A mer wëssen, datt heiansdo esou operéiert gëtt. Dat ass déi allgemeng Bemierkung zu deem Tableau.

Da war natierlech och dat, wat den Här Pierre schonns ugeschwat hat, an zwar vun de Ventilatoren an der Schoulkantin zu Rolleng. Déi Äntwerten hunn ech kritt.

Dee Punkt 'réparation vitrage et remplacement installation de sonorisation' ass och erkläert ginn.

Et bleift nach just eng spezifesch Fro, an dat ass d'Positioun 'eau: fourniture pour l'entretien du réseau; réparations importantes aux conduites d'eau'. Dat sinn 15.000 €, an do kéint ee vläicht déi eng oder aner Explicatioun ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ier ech dem Här Breyer d'Wuert ginn, wat den Dossier vum Waasser ubelaangt, wollt ech zu Ärer Ausso zum Tableau eng Remarque maachen. Ech kann net richteg novollzéien, datt mer déi eng oder aner Modificatioun elo hei virhuele fir de Budget an den Equiliber ze kréien. Well wa mer dat, esou wéi den Tableau hei ass, schonns am Ufank vum Joer am Budget gehat hätten, da wier den Excédent vum ordinäre Budget ëm 18.428 € méi héich gewiescht, an de Budget hätt sech verbessert an net verschlechtert. Är Ausso wier richteg, wa mer elo massiv an de Keller gaange wieren, a mer hätten iwwert den Excédent, dee fir de Moment géif bestoen, d'Modification budgetaire finanzéiert. Dat ass awer net de Fall. An Dir konnt aus den Erklärunge jo eraushéieren, datt et Saache sinn déi een net konnt aplangen. Ech huelen do zum Beispill de Problem vum Waasser an der Rodanger Schwämm. Dat ass e Problem, deen an deene leschten 3 Méint eréischt opgetaucht ass. En anert Beispill ass de Wantersport. D'Classes de neige wëlle gären eng méi héich Avance hunn. Déi Avance ware bis elo ëmmer d'selwecht, a well elo d'nächst Joer d'Fuesvakanz vill méi fréi ass, mussen se och vill éischter Sue virstrecken. An dofir froen se eis, ob mer hinnen net kënnen eng gréisser Avance ginn. Dat ass awer u sech nëmmen eng Verschibung vun engem Exercice op deen aneren. Dat huet eigentlech näischt mat d'Dépensen déi sollte verstoppt ginn, wann ech Är Ausso richteg verstanen hunn.

Aner Dépensen, muss ech soen, fannt der esouwuel an de Recette wéi och an den Dépensen erëm. Ech huelen do zum Beispill d'Positioun 'versement à l'office social: part Etat'. Do hu mer 11.000 € weider erakritt, an natierlech gi mer och 11.000 € weider un den Office social. Dat selwecht gëlt och fir déi ganz 'Commodo-Incommodo'-Geschichten. Hei wësse mer net am Viraus, wéivill Demanden erakommen. Och dat huet op de Solde iwwerhaapt keng Influenz, well dat, wat mer op den Dépense weider hunn, hu mer och an de Recette weider.

Et kann een also soen, datt déi Befierchtungen, déi elo hei an d'Welt gesat si ginn, fir de Péitenger Schäfferot net zoutreffen. Dat maach vläicht an anere Gemengen de Fall sinn, awer hei zu Péiteng gëtt et dat net.

Roland Breyer, Schäffen :

Déi 'réparations importantes aux conduites d'eau' wäerte mer eréischt maachen. Mir musse jo fir d'éischt de Gemengerot froe fir Suen ze kréien. Mir wëssen, datt nach verschidde Reparaturen op eis zoukommen, haaptsächlech a Verbindung mat zwee grousse Chantieren. Dat wier bei den Iwwerlafbassengen, déi an der Aloyse Kayser-Strooss gebaut ginn, an dee Chantier um Contournement, wou de 'bassin d'orage' gebaut gëtt. Mir profitéieren all Kéiers, wa gréisser Lächer a Schächt gemaach ginn, fir eis Réseauë mat ze kontrolléieren. Heiansdo mussen eis Réseauen och aneschters verluecht ginn, an dat sinn haaptsächlech elo Aarbechten, déi mat deenen 15.000 € solle gemaach ginn.

Generell sinn et manner wéi 20% wou d'Previsiounen an d'Luucht ginn. Et huet haaptsächlech mat Chantieren ze dinn, déi net vun eis an Optrag gi ginn, a wou mer dann awer profitéieren, wann zum Beispill vu Sudgaz e Gruef gezu gëtt, fir Aarbechte virzehuelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Nach e Beweis, datt net alles virauszegesinn ass, ass zum Beispill de Punkt 'participation aux frais d'exploitation Syvicol'. Do kommen 4.245,50 € dobäi, well d'Cotisatioun vun 0,75 € op 1 € pro Awunner eropgaangen ass. Och dat ass eréischt am Januar / Februar vun dësem Joer décidéiert ginn. An ech muss iech soen, datt de Buergermeeschter vu Péiteng, dee responsabel ass fir dee ganze Kordall, géint déi Augmentatioun war. Leider Gottes konnt hien sech awer net duerchsetzen.

Albert Muller (LSAP):

Wann Dir erlaabt, ech wollt nach eng kleng Bemierkung zum Här Breyer

sengen Explicatioune ginn. Dee Schäfferot, deen hei an der Gemeng war ier Dir dra komm sidd, hat emol gesot, datt all déi Saache wéi déi heiten, déi op eis duerkommen, miissten am extraordinäre Budget figuréieren, an net am ordinäre Budget. An dat ass oft kontestéiert ginn. Ech hunn och elo näischt dogéint, datt se elo hei stinn, mä ech wollt just drop hiweisen, datt eng Madame aus engem fréiere Schäfferot ëmmer gemengt huet, datt déi Saachen an den extraordinäre Budget gehéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Déi Madame ass jo net méi hei.

Albert Muller (LSAP):

Ma Jo, dofir.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dofir maache mer et jo elo anescht.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Ech si frou, datt mer eis emol déi finanziell Mëttele ginn hunn, obschonns mer nach net richteg wësse wat mer maachen, fir déi Kompresseren zu Rolleng bei der Kantin ze ersetzen. Dat stéiert mech perséinlech e bëssen, well dat dauert elo schonns 6 Méint. Ech kann dee Chiffer, dee fir déi Aarbechte virgesinn ass, och net esou richteg verstoen. Fir deen dote Montant bauen ech nach 3 Frigoen an 2 Aggregater dohinner. An ech wier frou, wann ech a menger Qualitéit – well ech e bëssen an däer Branche doheem sinn – mat deene Leit, déi di Propositioune gemaach hunn, kéint schwätzen.

Ech ka mer net virstellen, datt – och wann ech 25 Meter Leitunge muss zéien – dat deen dote Chiffer gëtt, och wann hannenaus nach muss e Schaf gemaach gi fir d'Installatioun dranze-setzen. Et kritt een haut Aggregater fäerdeg geliwwert an déi no bausse kënne gestallt ginn. Ech kann deen héije Montant net novollzéien, an ech hunn och net gären, datt déi Firma probéiert iwwert dëse Wee ze profitéieren, well verschidde Leit net am Bild si wat soll do geschéien.

Ech wier och frou, datt déi Aarbechten, esou wéi et jo schonns haut ugeklongen ass, séier géifen ofgeschloss ginn. Well fir de Moment ass duerch déi ablécklech Situatioun d'Liewensqualitéit gläich Null, esougutt am Haus, wéi och fir déi Leit aus der Noperschaft.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Mir huele ganz gären Äre Wonsch un. Ech wäert den Techniker Bescheed soen, datt se sech solle mat Iech a Verbindung setzen, a mat Iech op d'Plaz goen, wann d'Firma do ass, fir déi ganz Saach ze beschwätzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et muss een och nach eng Kéier widderhuelen, datt am Ufank mat der Installatioun kee Problem bestanen huet. Duerno war eng Kéier e Problem, an et gouf och dru geschafft, an et war nees eng Zäitche roueg. An elo ass de Problem erëm opgetratt. Dat heescht, et si scho Mesurë geholl ginn, an déi hunn awer ni richteg gegraff. An ech ginn iech Recht, datt eppes do muss ënnerholl gi wat dann och definitiv ass. Mir kënnen net nach 6 mol hei am Gemengerot driwwer schwätzen. Wichteg war elo haut, datt mer déi néideg Suen an de Budget dra kréien. Et muss och net sinn, datt déi 12.000 € integral gebraucht gi fir déi Aarbechten ze realiséieren. Mä d'Sue sinn awer elo vun haut un disponibel, esou datt mer vun elo un eng Commande kënnen an Optrag ginn.

Accord par 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) contre 6 voix (LSAP).

7.3.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année 2008 à 250% – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Hei proposéiere mer dem Gemengerot deen Taux bäizebehalen, dee mer schonn zanter Joeren hunn.

Accord à l'unanimité.

7.4.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2008 – décision.

impôt foncier A : propriétés agricoles et forestières	*400 %*
impôt foncier B1 : constructions commerciales	*640 %*
impôt foncier B3 : constructions à usage mixte, immeubles non bâtis	*400 %*
impôt foncier B4 : maisons unifamiliales, maisons de rapport et constructions à autres usages	*200 %*

Accord à l'unanimité.

7.5.1.

Administration générale.

Travaux de renouvellement des infrastructures dans la rue des Jardins à Pétange : approbation du décompte.

Total des devis approuvés : 185.000 €
Total des crédits approuvés et total de la dépense effective : 229.871,53 €

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Déi Aarbechte sinn zesumme mat Sudgaz gemaach ginn. Do war en 'devis total' vun 185.000 € virgesi ginn. Duerno ass en 'décompte provisoire' gemaach ginn, an do hate mer hei am Gemengerot en zousätzleche Betrag vu ronn 30.000 € gestëmmt.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech kontestéieren d'Chifferen net, mä dat eenzegt, wat ech wollt soen, ass, datt um Eck, wou ee fir bei de Cactus ofbéit, zanter Méint opgerappt an nees zougemaach gëtt, an datt dee Chantier einfach keen Enn kritt. Ech huelen un, datt et d'Gaswierk ass, déi hei schaffen. Kann de Schäfferot net emol nohaken, wat do lass ass, fir datt de Chantier endlech ofgeschloss gëtt.

Roland Breyer, Schäffen :

Ech ginn dem Delegéierte vum Sudgaz dat dote mat op de Wee.

Albert Muller (LSAP):

Ech fannen, datt de Decompte ganz präzis a propper opgestallt ginn ass. Virun allem gefale mer d'Explicatiounen, wéi déi Dépassementer zustane komm sinn. Do kann ee wierklech erausliesen, wat geschitt ass, an et kann ee sech e Bild maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dir gesitt, och Är Interventiounen droen hir Friichten. Mir hunn dat viruginn, an déi richteg Leit hunn dat zu Ouere kritt a maachen dat Bescht, fir et esougutt wéi méiglech ze maachen.

Approbation à l'unanimité.

7.5.2.

Administration générale.

Aménagement d'un parking pour la piscine en plein air et d'une voie de communication à Rodange au lieu-dit 'Am Doihl' : approbation du décompte.

Total des devis approuvés : 1.016.297,60 €
Total des crédits approuvés : 771.680,30 €

Total de la dépense effective : 691.511,72 €

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Hei ass d'Dépense esou niddereg ausgefall, well d'Strooss an den ieweschte Parking net gemaach si ginn. Mir hunn och gemengt fir zu dësem Zäitpunkt drop ze verzichte fir dee Parking an déi Strooss ze bauen. Ëmsou méi hei och nach eng Méiglechkeet besteet – an dat wäert der duerno nach gesinn – fir Terrainen ze kafen, an déi eis da wäerten drop verzichten doen fir e Parking op dem Fussballsterrain ze aménagéieren. Den Décompte bezitt sech also nëmmen op déi Aarbechten, déi ënne geschitt sinn.

Albert Muller (LSAP):

Och hei ass den Décompte an der Rei. Mä ech wollt awer drun erënneren, datt et virun enger Zäit emol e Projet ginn ass, wou ee vir bei der Schwämm op de Parking eragefuer wier, an duerch d'rue de la Minière nees erausgefuer wier. A wéinst den Terrainen, déi elo eventuell kaf ginn, kéint een drun denke fir de Parking awer esou opzemaachen, datt een duerch d'rue de la Piscine erafiert, an duerch d'rue de la Minière erausfiert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir sinn eigentlech net esou ganz waarm fir déi Léisung, well mer einfach der Meenung sinn, datt et dee ganze Wanter an d'Fréijoer – wou den Daach vun der Schwämm net op ass – mam ënneschte Parking duer geet. Aneschters kréiche mer awer op eemol eng Rennpist ronderëm. Mir hunn et léiwer, datt mer 2 verschidde Parkingen hunn. Deen een, dee fonctionnéiert wann d'Schwämm op ass, an deen ieweschte fonctionnéiert nëmme sporadesch, wann den Daach vun der Schwämm op ass a mer méi Leit hunn.

Roland Breyer, Schäffen :

Et kann een nach dobäi soen – an dat kënnt der net wëssen – datt an dee Quartier vill Bewegung erakënnt. Mir si scho mat 'projets de lotissements' befaasst ginn, déi zum Beispill an der rue de la Piscine hannen an d'Gäert solle kommen. An hei soll een elo emol mat luese Schrëtt virugoen. Dir gesitt, datt mer elo wëllen Terraine kafen, déi et eis erméigleche fir vir erlaanscht nach Parkingen ze aménagéieren. Mir hunn och konnte feststellen, datt an däer Zäit wou d'Schwämm elo fonctionnéiert, kee Problem mam Parking bestanen huet. De Chaos, dee gefaart gi war, ass ausbliwwen. Mir wollten och dee Quartier net mat enger neier Strooss belaaschten. A well nach eng Rei Ongewëssheeten an deem Eck bestinn, soll een sech emol fir d'éischt dat ofsécheren, wat een huet. Den Terrain gëtt nach ëmmer vum Fussball gebraucht, an dee wäert och nach esou bestoe bleiwen. Mir solle fir d'éischt emol ofwaarde wéi d'Evolutioun ass, an déi Strooss net maachen. Well d'Nécessitéit ass fir de Moment net do.

Albert Muller (LSAP):

Dat ass och ganz richteg. Ech kann dat och ganz gutt verstoen. Mä déi Zäit, wou dee Projet gemaach ginn ass – fir ënnen eran- an uewen erauszefueren – war gemengt ginn, datt en onheemlecht Verkéiersopkommes géif entstoen, an do wollt een net déi Situatioun hunn, datt déi Leit aus der rue de la Piscine zevill Verkéier kréien. Dofir sollt déi Strooss nëmmen an eng Richtung ze befuere sinn, an déi Leit aus der rue de la Minière miissten d'Sortie acceptéieren. Mä et ass scho richteg, datt net esouvill Autoe kommen, an datt et noutwenneg wier fir déi Strooss ze maachen.

Guy Brecht (LSAP):

Et ass elo just vun Terraine geschwat ginn, déi kaf solle ginn. Sinn dat déi Terrainen, wou d'Scoutshäischen drop steet ?

Roland Breyer, Schäffen :

Neen, et sinn déi Terraine just hannendrun.

Approbation à l'unanimité.

8.

Propriétés.

Acquisition d'un terrain labour et de deux places sis à Rodange, lieu-dit 'Au Doihl' de la part de M. Robert Felten, Mme Denise Felten-Muller et Mme Pauline Spiroux-Felten de Rodange – décision de principe.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dëse Punkt wäert d'Madame Conter virstellen. Ech wëll just drop hiweisen, datt bei dësem Punkt u sech d'Initiativ vum Här Rosenfeld ausgaangen ass. Esou datt dat, wat hien deemools an d'Wee geleet huet, dann haut seng Conclusioune kritt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et, wéi schonns ugeklongen, ëm de Kaf vun Terrainen. De Compromis hu mer den 27. Juni 2007 ënnerschriwwen. Eng Expertise ass den 13. Juli vum Här Nau gemaach ginn.

Et gëtt hei em e Feld an 2 Plazen, déi am 'Doihl' leien, an d'Gesamtgréisst beleeft sech op 30,62 Ar. De Präis beleeft sech op 145.000 €. Mir géifen de Gemengerot bieden, am Ganzen 160.000 € zouzestëmmen, an dat fir de Kaf vun den Terrainen a fir d'Aktkäschten. Dee Kaf erméiglecht et eis, fir dee Parking bei der Schwämm PiKo, iwwer dee jo schonns vill geschwat ginn ass, ze vergréisseren an esou och e Parking méi no bei der Schwämm hätten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wa mer dee Parking aménagéieren, da brauche mer och de Bail fir den Terrain, dee mer mam Här Rongveaux gemaach haten an deen op 3 Joer leeft, d'nächst Joer net méi ze verlängeren a kënnen him dann den Terrain nees zeréckginn.

Guy Brecht (LSAP):

Dat do ass ze begréissen. Ech perséinlech si fir alles oppen, wann et nëmmen drëm geet fir dee Fussballsterrain am Doihl ze erhalen. An de Kafpräis schéngt mer jo och an der Rei ze sinn. Wann een et vergläicht mat deem, wat mer deemools fir déi bleche Garage bezuelt hunn, dann ass dee Präis effektiv an der Rei.

Roger Klein (LSAP):

Dat wat ech zu dësem Punkt wollt soen, ass elo vu mengem Virriedner gesot ginn, an ech schléisse mech deem un.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass jo esou, datt mer en zousätzleche Kredit vun 160.000 € stëmmen ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dat ass richteg.

Accord à l'unanimité.

9.

Personnel.

Service de la recette communale : remplacement d'un poste d'expéditionnaire administratif à demi-tâche par une tâche complète – décision.

Roland Breyer, Schäffen :

Mat dësem Punkt ware mer schonns eng Kéier hei am Gemengerot befaasst, mä et koum eng kleng Modifikatioun vum Inneministère.

Et gëtt e bëssen hei um Tëppel geridden. Mir hunn den 19. Juni 2007 décidéiert fir de Poste vun engem Beamten aus der Recette communale vu 50% op 75% ze hiewen, an dat well d'Demande esou war an d'Nécessitéit

vum Service dat och berechtegt. Elo kréie mer awer vum Ministère matgedeelt, datt laut dem 'statut général des fonctionnaires communaux' een nëmme kann eng ganz oder eng hallef Tâche ka ginn, an de Schäfferot kann dann dorop eng Réductioun ginn.

Dat heescht, datt mer elo net vun 50% op 75% eropginn, mä vun 50% op 100%, an de Schäfferot décidéiert da fir vun 100% erëm zeréck op 75% ze goen. Et ass en anere Wee fir op deem selwechten ze landen. Dat eenzegt wat ass, dat ass, datt mer elo e Posten zu 100% schafen a mir op deem Posten eng Réductioun vun 25% ginn. Wann elo spéider dee Fonctionnaire wëll zu 100% schaffe kommen, da besteet dee Poste schonn.

Accord à l'unanimité.

10.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel suppléant des écoles communales – ratification.

Ratification à l'unanimité.

11.1.

Prévisions sociales.

Aides aux sinistrés : subvention au profit des victimes du tremblement de terre au Pérou – décision.

Gilbert Welter, Schäffen :

De 15. August 2007 war am Pérou ee vun deene stärksten Äerdbiewe weltwäit, mat 500 Doudegen an zégdausende Blesséierten, ouni vum materielle Schued de schwätzen. International Spendenhëllef gouf iwwer d'Medie gefrot. Well mer am Budget 2007 en Artikel 'Aides aux sinsitrés' hu mat 7.500 €, géif ech proposéiere fir deene Sinistréierte mat 2.500 € ënnert d'Äerm ze gräifen. A well Caritas Lëtzebuerg an direkte Lien mat Caritas Pérou steet, proposéiere mer fir dës 2.500 € u Caritas Lëtzebuerg ze iwwerweisen.

Camille Bosseler (CSV) :

Et ass ze begréissen, datt an enger Zäit, wou d'Gemenge sech musse Prioritéite setze fir mam Budget am Gläichgewiicht ze bleiwen, awer trotzdem net déi human Hëllef am Fall vun Naturkatastrofe vergiess gëtt. Och wann et nëmmen eng Drëps op e waarme Steen ass.

Accord à l'unanimité.

11.2.

Prévisions sociales.

Avenant à la convention avec le centre d'animation et de guidance pour personnes âgées 'Club Senior Prënzebierg asbl' pour l'exercice 2007 – approbation.

Gilbert Welter, Schäffen :

Mir hunn den 21. Mee 2007 d'Conventioun vum Club Senior approuvéiert, wou mer mam Stat ofgeschloss hunn. An zwar waren dat déi 5 Gemengen Käerjeng, Kënzeg, Déifferdang, Suessem a Péiteng. Mir hunn awer elo den 30. Juli 2007 vum Ministère de la Famille e Schreiwes kritt, datt eng 'erreur matérielle' géif virleien op de Säiten 4 a 5 vun deem Dokument. An zwar war vergiess ginn, d'Engagementer vun de Gemengen dran ze schreiwen. Dat ass elo nogeholl ginn.

Approbation à l'unanimité.

11.3.

Prévisions sociales.

Participation financière, et mise à la disposition de la commune de locaux par le centre d'initiative et de gestion locale Pétange (CIGL) – approbation de la convention et vote d'un crédit supplémentaire.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Bei dësem Punkt geet et ëm eng Conventioun, déi mer mam CIGL hunn, an Zesummenhang mat der Internetstuff déi soll den 28. September 2007 ageweit ginn. Mir haten am extraordinäre Budget 2007 15.000 € Ausgabe stoe fir d'Internetstuff anzeriichten. Déi Sue waren haaptsächlech geduecht fir Computeren an déi néideg Installatiounen. Op der anerer Säit hate mer och eng Recette vun 15.000 € do stoen, wou dee kompetente Ministère eis e Subsid gëtt. Dat heescht, et war ofgeséchert, datt mer dat och subventionéiert kréien.

Et ass awer och esou, datt déi Raimlechkeeten eis et och nach erlabe fir nieft der Internetstuff e weidere Formatiounsraum zur Verfügung ze stellen, respektiv ze kreéieren, wou Computercourse kënnen ugebuede ginn. A fir dee Raum ze installéieren an ze équipéieren ass nach eng Kéier en zousätzleche Betrag vun 17.500 € noutwenneg. Esou datt den Invest, deen d'Gemeng do soll maachen – well fir déi Fraise musse mir opkommen, all déi aner Aarbechte fir déi Säll an d'Rei ze setzen, si vun de Leit vum CIGL selwer gemaach ginn – brauche mer eng Zomm vun 32.500 €.

Mir sinn awer der Meenung als Schäfferot, datt mer net – wéi am Ufank geplangt – nëmme solle Bréifkëscht spillen, an déi 15.000 € vum Ministère nëmme solle weider ginn. Mä doduerch, datt mer déi Formatiounssäll installéieren an aus der Gemengekees 17.500 € investéieren, miisste mer och iergendwéi eng Garantie kréien, datt mer dee Sall och kënnen zu eng 'taux préférentiel' kënne benotzen. Dofir hu mer elo eng Conventioun mam CIGL gemaach, wou mer mat hinnen ausmaachen, datt mir déi Raimlechkeeten zu engem bessere Präis kënne benotzen. An net nëmmen alleng mir – well mer loosse jo en Deel vun den Informatikscoursen an der Formation pour adultes iwwer de Syndicat an eventuell och aner Veräiner lafen – kréien d'Méiglechkeet fir zu engem 'taux préférentiel' an déi Raimlechkeeten ze goen. Dat wieren 30 € fir 2 Stonnen. D'Conventioun gëtt fir 3 Joer gemaach a kann da 'par tacite reconduction' vu Joer zu Joer verlängert ginn. Gekënnegt kann nëmme ginn duerch en ageschriwwene Bréif 6 Méint virun der Echéance.

Et ass geplangt, datt ab dem 1. Oktober 2007 esouwuel d'Internetstuff wéi och de Formatiounssall solle fonctionnéieren.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wollt froen, wien zoustänneg ass fir d'Surveillance vun der Internetstuff ? Ass dat de CIGL selwer ? Et kann dat jo net nëmmen eng Persoun sinn, déi drop oppasst, datt näischt futti gemaach gëtt. Déi Persoun kritt ganz bestëmmt och emol déi eng oder aner Fro gestallt, an déi Persoun miisst jo och dann eng entspriechend Ausbildung hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass richteg. Et ass esou, datt déi Persoun, déi sech dorëm bekëmmert, eng Ausbildung an deem Beräich huet. Déi Persoun gëtt och nach a spezial Course vum CIGL geschéckt. Et ass och esou, datt de CIGL net alleng hei zu Péiteng esou eng Internetstuff huet, mä och schonn a ganz villen aneren Uertschaften. Et besteet also Erfahrung op deem Gebitt. An déi Persoun, déi dohinner soll kommen, huet zolitt Kompetenzen, och fir dat eent oder anert emol kënnen ze flécken, a fir déi Internetstuff ze géréieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Eng Fro, déi ech wollt stellen, ass scho beäntwert ginn. Ech wollt näämlech dat selwecht froe wéi den Här Brecht.

Virun allem wat den 'safer internet' betrëfft, wou déi Jonk da sollen ënner Iwwerwaachung am Internet kënne surfen, an datt dat dann och alles esou klappt.

Eng zweet Fro wier natierlech déi, datt mer eis als Gemeng wahrscheinlech besser aus der CIGL-Geschicht erausgezunn hätte wa mer dem CIGL e Gemengelokal hätte kënnen ubidden. Elo muss de CIGL Loyer fir e privat Lokal bezuelen, an eis dat dann duerno nees zur Verfügung stellen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass esou, datt mer fir de Moment keen esou ee Lokal zur Dispositioun hunn. De CIGL war jo am Centre culturel zu Rodange, an déi Raimlechkeete ware scho fir déi normal Saachen ze kleng. A wou bis och Meedercher an der Equipe dobäi komm sinn, war och d'Trennung vun de Sanitäranlagen net méi an der Rei. Hei zu Péiteng huet sech elo d'Méiglechkeet gebuede fir dat och wesentlech méi grouss an och conforme ze maachen. Dat hu mer dann och hei gemaach, an déi Aarbechte sinn och zum groussen Deel vun de Leit vum CIGL selwer gemaach ginn. Dat heescht, do ass eng Formatioun gemaach ginn, do si Wänn geréckelt ginn, d'Buedembeleeg goufen erneiert, asw. . An de But vum CIGL ass jo och, fir jonke Leit kënnen eng Ausbildung ze ginn. An hei sinn 2 Mécke mat eng Schlag geschloe ginn.

Wat de 'safer Internet' ugeet, esou ass et ganz kloer, datt déi technesch Barrièren agebaut ginn déi noutwenneg sinn. All déi Gewaltspiller si verbueden op däer dote Plaz. Dofir sinn och 2 Leit virgesinn, déi ofwiesselnd Surveillance do halen, an déi oppassen, datt do näischt gekuckt oder gemaach gëtt wat net an der Rei ass. Et gëtt och e 'règlement d'ordre interne', dee ganz genee Regele festhält, an wat muss vun de Jugendlechen an den Elteren ënnerschreiwe ginn ier se Zougang zum Internet kréien. Si musse sech engagéieren, datt se sech un d'Spillregelen halen, a wa se sech net drun halen, da gi se direkt ausgewisen a dierfen net méi an d'Internetstuff eran.

D'Regele gi ganz kloer an engem Kontrakt, deen tëscht der Internetsuff an deenen Leit gemaach gëtt, festgehalen, an do huet de CIGL Erfahrung an deem Domaine, well schonn eng ganz Rei esou Internetstuffe bestinn. An dofir sinn ech och zouversiichtlech, datt dat esou ka fonctionnéieren.

Guy Brecht (LSAP):

Fir nach eng Kéier op dem Här Becker seng Interventioun zeréckzekommen, an zwar op d'Disponibilitéit vun de Säll, an dat haaptsächlech zu Rodange.

Do ass jo nach esou eng Zort klengen Turnsall, an dee géif jo dann och disponibel gi wann déi nei Sportshal bis zu Rodange do steet. Ass am Moment nach Aktivitéit an deem Sall ? Deen ass an der Zäit emol bei schlechtem Wieder vun de Majorette benotzt ginn. Gëtt dee Sall elo fräi, wann déi nei Sportshal bis steet ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech ginn dovunner aus, datt e fräi gëtt. Fir de Moment ass e sécherlech nach net fräi. Ech kann lech awer soen, datt d'Demande grouss ass fir e Sall ze kréien. Och elo, wou de CIGL fort ass, stinn d'Veräiner Schlaang fir déi Raimlechkeeten ze kréien. Esou eppes schwätzt sech ganz séier erëm.

Wat elo déi nei Raimlechkeete vum CIGL zu Péiteng uginn, esou kënnt der iech den 28. September dovunner iwwerzeegen, datt se vill méi grouss sinn, an datt se d'Méiglechkeet gi fir déi deelweis 20 Leit, déi do sinn, besser ze encadréieren. An ech weess net, op mer op enger anerer Plaz esou Raimlechkeete gehat hätte fir dat kënnen ze offréieren. Natierlech muss de CIGL fir d'Lokal Loyer bezuelen, mä et ass awer derwäert. An ech muss och soen, datt déi Jongen, déi do geschafft hunn, eng excellent Aarbecht geleescht hunn. Et ass sécherlech eng Beräicherung.

Guy Brecht (LSAP):

Do besteet keen Zweiwel drun.

Approbation à l'unanimité.

12.

Tourisme.

Construction d'un mirador par l' « l'Interesseveräin de Lamadelaine »: octroi d'une aide financière – avenant à la convention du 29 mai 2000 – décision.

Roland Breyer, Schäffen :

Mir gi bei dësem Punkt nees e bësse vun der Vergaangenheet ageholl. Och wann e puer Leit, och vun deenen, déi heibanne sinn, gehofft haten, dëse Projet wier an de Vergiess geroden.

De 14. Juli 2000 hat de Gemengerot eng Conventioun gemaach, an dat op Ufro vum Interesseveräin Lamadelaine, déi e Projet hate fir e Mirador ze bauen. Déi eng hunn et eng formidabel Iddi fonnt, anerer hunn de Projet e bësse belächelt. Et ass ëmmer gesot ginn, datt d'Gemeng géif den Terrain zur Verfügung stellen, well d'Autorisatioun vum Environnement och schonn do war. An den Interesseveräin miisst kucken, datt se d'Suen zesummekréie fir dee Projet ze realiséieren. An den deemolege Schäfferot hat festgehalen, datt, wa si et géife fäerdeg brénge fir d'Halschent vun engem Ministère ze kréien, da wier d'Gemeng bereet fir déi aner Halschent dobäi ze leeën.

An do ass ni méi eppes geschitt, bis d'lescht Joer. Dunn ass den Interesseveräin komm a konnt en 'accord de principe' vum Ministère virleeën. Den 13. Dezember 2006 huet de Ministère du tourisme hinne matgedeelt, datt se d'accord wiere fir d'Halschent, dat heescht 30.000 €, op den Dësch ze leeën. An dunn huet d'Gemeng Péiteng och miissten zu hirer Ausso stoen déi se am Joer 2000 gemaach hat.

Et kann een natierlech fir oder géint dee Projet sinn. Ech perséinlech sinn elo net ganz begeeschtert vun deem Projet, mä ech muss awer konsequent a mengen Décisioune sinn. Wann ech 2000 fir de Projet war, a gehofft hat, datt vläicht näischt aus deem Projet géif ginn, da muss ech och elo zu däer Décisioun stoen.

De Ministère huet 'Jo' gesot, an den Interesseveräin ass schonn am gaangen de Projet unzegoen. Bei der Muttergottesknippchen soll dann e Mirador opgeriicht ginn, deen no der Conventioun aus dem Joer 2000 touristesch soll exploitéiert ginn. Den Interesseveräin iwwerhëlt d'Charge als 'maître d'ouvrage'. Si iwwerhuelen och d'Responsabilitéiten an d'Modalitéite wéi dee Mirador da besicht ka ginn.

No der Conventioun vun 2000 stoung och dran, datt, wann duerch iergendee Grond den Interesseveräin géif ophalen, den Ouvrage gratis géif un d'Gemeng zeréckfalen. Well mir si jo de Propriétaire vum Terrain.

Mir miissten elo haut en Avenant maachen, wou mer soen, datt mer d'accord sinn an eis un de 'frais de construction' participéieren, an dat duerch eng Subventioun, déi op 30.000 € géif festgeluegt ginn.

Et ass wéi et ass, d'Vergaangenheet hëlt eis erëm.

Camille Bosseler (CSV) :

Um héchste Punkt vun eisen Uertschaften, nach méi héich wéi eis Muttergottesstatu, déi een och net méi vun ënnen aus bei der Kierch gesäit, an dat duerch d'Beem, déi ëmmer méi héich wuessen, fannen ech, datt duerch d'Zeréckschneide vun de Beem d'Siicht grad esougutt an esouwäit wier

wéi mat engem Aussiichtsturm. An dat Geld kéint een da méi noutwennegen Zwecker fir eis Jugend zoukomme loossen. Och ass fir mech dee Projet ze geféierlech. Aus deem Grond stëmmen ech dogéint.

Ech hat de Virschlag gemaach, fir uewen hinner e klenge Chalet ze setzen an d'Beem e bësse méi kuerz ze maachen. Dat wier manner geféierlech fir eis Kanner gewiescht. Och sollt éischter d'Plaz ronderëm Statu aménagéiert ginn. Dat wier de Projet, esou wéi ech e gesinn hätt. Mä däer heite Saach kann ech meng Zoustëmmung net ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et muss ee folgendes dozou soen. D'Gemeng huet hinnen am Joer 2000 deen Terrain zur Verfügung gestallt fir e Mirador opzestellen. Dat eenzegt, wat mer elo als Surplus hei ginn, ass déi Subventioun. Do kann een, wéi den Här Breyer gesot huet, - an ech héieren dat och aus dem Här Bosseler senger Ausso eraus, datt hien net ganz waarm ass, - gedeelter Meenung sinn. Mä am Joer 2000 hu mer als Gemeng schonn deen éischte Schratt gemaach. Mir waren d'accord, datt de Mirador gebaut gëtt a mer stellen als Gemeng den Terrain. An et kann een elo nëmmen nach driwwer décidéieren, ob mer als Gemeng e Subsid ginn oder net. Ob elo gebaut gëtt oder net, kënne mer – wa mer eis konsequent sinn – net méi a Fro stellen.

Camille Bosseler (CSV) :

Ech wollt nach präziséieren, datt ech déi éischte Kéier, wou iwwert de Mirador ofgestëmmt ginn ass, de Sall verlooss hat, well ech gesot hat, datt ech am Veräi wier an dofir net bei der Ofstëmmung dobäi wollt sinn, an net direkt eppes domatter ze di wollt hunn. Net datt elo ee géif soen, ech hätt déi éischte Kéier dofir an elo dogéint gestëmmt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech hunn dat elo net speziell op Iech bezunn. Ech hunn dat am allgemenge fir de Gemengerot gesot.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech si just de contraire zum Camille Bosseler senger Meenung. Ech sinn der Meenung, datt een de Mirador soll dohinner setzen, an datt een der Däiwel net scho sollt un d'Mauer molen ier dat Ganzt do steet. A wann ech gesinn, datt och staatlech Administratioune sech dru bedeelegen, wéi d'Eaux et Fôrets, déi di Constructioun iwwerwaachen, mer hunn de Fierschter, asw, op der Plaz, da gesinn ech net an, datt do soll eng Gefor sinn. Sécherlech, bei all Trap besteet eng Gefor, well do kann een ëmmer emol eroffalen. Dee Risiko besteet bei all Trap, egal wou se ass. An hei gi sécherlech och Trape gemaach. Mä ech fannen et gutt, datt op dëser Plaz eppes opgeriicht gëtt. A wann et emol bis do steet, da gesi mer jo och watfir eng Vue mer vun do uewen aus hunn.

Ech begréissen och, datt mer als Gemeng dëse Projet mat ënnerstëtzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech ginn Iech Recht. Et soll een emol fir d'éischt kucke wat et gëtt. Et kann e ganz flotte Projet ginn, deen eng zousätzlech Attraktioun fir eisen Eck duerstellt.

Jeannot Linden (LSAP):

De Camille Bosseler ass jo awer an deem Veräin dobäi, a si hale jo och d'Weeër propper an an der Rei, a wann deen Aussiichtsturm bis do steet, da gëtt dee sécherlech och vum Interesseveräin propper gehalen, an d'Leit ginn och dohinner. Wann eppes verwuess oder verknascht ass, da geet keen dohinner. An ech ginn dovunner aus, datt dat scho säin Succès kritt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Natierlech kënnt, esou wéi Dir gesot hutt, fir de Veräin eng gewëssen Aufgab dobäi.

Accord avec 14 voix (CSV, sauf M. Bosseler, LSAP, DP, Déi Gréng) contre 1 voix (M. Bosseler).

13.

Sports et loisirs.

Construction d'un hall sportif multifonctionnel et amélioration des infrastructures sportives aux abords du stade Jos. Philippart à Rodange – vote d'un crédit supplémentaire.

Roland Breyer, Schäffen :

Dat ass eng gutt Nouvelle mat enger schlechter vläicht verbonnen. Déi gutt Nouvelle ass déi, datt d'Aarbechte ronderëm, déi Stroossenaarbechten, méi séier virugaange si wéi mer et erwaart haten. Mir haten awer net esouvill Suen am Budget virgesinn. Mir wollten de Rescht op de Budget 2008 huelen, mä elo brauche mer se schonns dëst Joer. An zwar bräichte mer do e 'crédit supplémentaire' vun 700.000 €. Et ass also net esou, datt zousätzlech Aarbechte gemaach ginn, mä et ass esou, datt déi éischt Tranche vun den Aarbechte méi séier virugaangen ass a mer dat elo wëlle bezuelen. Normalerweis wäerte mer d'Alentoure fir Mëtt Oktober fäerdeg hunn.

Accord par 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) et 6 abstentions (LSAP).

Guy Brecht (LSAP):

Well mer eis vun 2002 u bei dësem Projet enthalen hunn, maache mer dat och haut. Ech wëll awer soen, datt eng Enthalung net dergéint wëll schwätzen. Mir enthalen eis déi ganzen Zäit nëmmen aus deem Grond, datt verschidde Saachen nach net ganz kloer sinn. A wa mer déi Saachen och eng Kéier anstänneg matgedeelt kréien, da wäerte mer eis Ofstëmmung nach eng Kéier iwwerdenken.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

De Projet kënnt esou lues zu Enn, an da kënne mer déi Onkloerheeten och nach eng Kéier kloerstellen.

14.1.

Vie associative.

Dissolution des sociétés :

- **Action Catholique des Hommes**
- **Association Promotionnelle du Tourisme et de la Nature du Bassin de la Chiers**
- **Disco Team High Voltage asbl**
- **Frënn vun der Actioun Lëtzebuergesch**
- **SV Les Pigeons Malades**
- **Taboo Tuning Freaks Lëtzebuerg**
- **The Winners Tennis Club**
- **U.P.P. Union Portugaise de Pétange**

Roger Klein (LSAP):

Ech hätt eng allgemeng Remarque, déi sech elo net op dës spezifesch Veräiner bezitt. Et fält ëmmer erëm op, datt, wa Veräiner sech opléisen, keng Fonge méi disponibel sinn. Op der anerer Säit mussen awer déi Veräiner, déi e Subsid vun der Gemeng kréien, an de Statute stoen hunn, datt am Fall vun enger Opléisung de Restant aus der Keess un d'Gemeng fält. An dee Restant ass ëmmer 'Null'. An dofir géif ech mat op de Wee ginn, datt déi betreffend Commissiounen, déi iwwert d'Subside-verdeelung décidéieren, sollen am Reglement virgesinn, datt op mannst déi Veräiner, déi e Subsid kréien, bei der Opléisung d'Keessebuch musse virleeën, fir datt ee gesäit wou déi Suen higaange sinn.

Bei deene Veräiner, déi kee Subsid kréien, huet d'Gemeng awer kee Recht fir dat ze froen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et kann een zwar soen, datt mer rezent subsidiéiert Veräiner haten, déi sech opgeléist hunn, a wou d'Zommen an d'Gemengekeess gefloss sinn. Mä generell kéint een dat froen, fir ze gesi wéi et dozou komm ass, datt de Fong op Null gaangen ass.

Il en est pris acte.

14.2.

Vie associative.

Sportfëscher Péiteng asbl – modification des statuts.

Il en est pris acte.

15.

Questions des conseillers communaux.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Wat gedenkt de Schäfferot mat der Maison 'Dausmann' ze maachen ? Et ass e Schandfleck vum Rodanger Zentrum. Alles gëtt nei gemaach, just do bougéiert näischt. Just zur Erënnerung: Mir hate virun e puer Joer mam Distriktskommissär iwwer de Modus geschwat, wéi een dat kéint ugoe fir vläicht net méi de Maître d'ouvrage ze sinn.

Roland Breyer, Schäffen :

Mir hu kierzlech erëm eng Entrevue mam Distriktskommissär gehat, haaptsächlech iwwert den dote Punkt, an och nach iwwert e puer anerer. Mir sinn elo décidéiert fir de Wee vun engem PPP (privat-public partnership) anzeschloen. An dee kéint folgendermoossen ausgesinn :

Fir d'éischt muss e 'plan directeur' gemaach ginn, an zwar fir dee ganzen Deel tëscht dem Fond du logement bis vir hinner. Net datt een nëmmen e Stéckelchen do eraushëlt, a sech nëmme Gedanken doriwwer mécht. Well mer wësse jo, datt nach aner Haiser do geschwë sollen an de Verkaf kommen. Wann dee 'plan directeur' dann duerch de Gemengerot gestëmmt ass, da gëtt en 'appel public' gemaach, wou mir e Lastenheft opstellen, a wou mir da soen, datt gemäss dem 'plan directeur' dat éischt Lous realiséiert gëtt. An do soll dann eng Unité X entstoen, mat esouvill Stäck a mat esouvill Surface commerciale dran. Mir maachen dann en 'appel public', deen un d'Promoteure geet. An déi sollen eis dann äntwere wat si géifen ubidden, watfir Qualitéit a wat se als Contrepartie der Gemeng géifen ubidde fir déi Surface déi se géife kréien. An duerch en neutrale Jury géif dann dee Beschten ermëttelt ginn.

Dat ass dee Wee, deen den Distriktskommissär ouni Weideres kéint matgoen. Mir sollten dat elo probéieren. D'Stad Lëtzebuerg huet schonn e puer esou Saache gemaach, an et ass eng ganz interessant Form. Et muss een sech just ganz kloer vu vireran ausdrécken, an do wäerte mer nach hei am Gemengerot d'Geleeënheet kréie fir driwwer ze diskutéieren. Mä et ass eng ganz interessant Perspektiv, well mer op der enger Säit soe wat mer gären hätten op der Plaz déi eis gehéiert, an als Contrepartie eng Surface X kréien, déi mer dann zum Beispill am soziale Beräich kënne profitéieren.

Theoretesch miisste mer an der éischter Halschent vum nächste Joer de 'plan directeur' hannert eis hunn, an an der zweeter Halschent den 'appel public' kënne maachen. Esou datt een domatter rechne kann, datt 2009 d'Aarbechte kënne lass goen a realistesch bannen 18 Méint kënnen ofgeschloss ginn.

A wie wees, et soll jo nach Bewegung an dee Quartier kommen, datt verschidden Haiser verkaf solle ginn, esou datt et méiglech ass, datt de Projet nach méi grouss gëtt.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Ass et net méiglech an der rue des Ecoles zu Rodange, wou d'Gemeng virun e puer Joer d'Gäert vun de Consorts Simon kaf huet, e Parking ze aménagéieren, deen dem Léierpersonal an der Noperschaft zegutt géif kommen, wéi zum Beispill an der rue de la Minière, wou eis eege Leit a kuerzer Zäit, ouni vill Opwand e praktesche Parking realiséiert hunn, a wou dee ganzen Eck der Gemeng Merci seet.

Roland Breyer, Schäffen :

Technesch gesi wier et absolut kee Problem fir dat ze maachen. Mir hu just e Problem mat den Acquisitiounen. Wou mer d'Terrainë kaf hunn, si se 'utilité publique' klasséiert ginn, a mer sinn an enger Zon, wou nei Wunnenge kéinten entstoen. An d'Fro stellt sech, ob een elo Parkingen an enger Zone 'nouveaux quartiers' amenagéiere kann. Et muss ee kucke wéi kompatibel dat ass. Wann dee Parking elo sollt nëmme fir eng Iwwergangsperiod sinn, en attendant datt mer wësse wat mer mat deenen Terrainë solle maachen, esou kéint een domatter liewen. Fir awer elo e Parking ze maachen, deen definitiv wier, miisste mer déi Terrainen nees ëmklasséieren oder an de PAP eranhuelen. Mir kucken emol, wéi wäit et kompatibel ass, an da kënne mer vläicht e Provisorium do maachen, dee sécherlech der Schoul an och deene Leit, déi do wunnen, vun Notze wier.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Ech wollt wëssen, wéini eise Parkleitsystem vum PiKo géif richteg fonctionnéieren. Hien ass schonns laang bezuelt an huet nach ni richteg fonctionnéiert. Et war als wichteg Informatioun fir d'Visiteure vun eiser Schwämm geduecht. Schued fir dës deier Anlag. Et kann dach net sinn, datt een eng Firma esou gewäerde léisst. Wat ass bis haut an dësem Dossier geschitt ? Wie lappt do, ass dat d'Firma oder wien ?

Roland Breyer, Schäffen :

Do lappen méi wéi eng Firma. Et ass esou, datt mer beim PiKo zwee Parkingen hunn, dee groussen an dee klengen, deen nogebaut ginn ass. Mir hunn och nach en drëtte System, an dat ass eis Keess. Dat heescht, mir hunn 3 verschidde Softwaren, déi matenee solle schaffen. Et ass eis ëmmer versprach ginn, et géif matenee fonctionnéieren, an et wier ënnerenee kompatibel. Et kann een awer feststellen, datt et praktesch ni fonctionnéiert huet, a wann emol Zuelen um Parkleitsystem ugewise goufen, da war hinnen net ze trauen.

Mir hunn awer ëmmer vun den Techniker a vun de Firmae gesot kritt, datt et miisst matenee goen, an et ass all Kéiers dann nees en Techniker aus Däitschland komm, deen dru gebastelt huet, an et koum een erëm eng Kéier zur Conclusioun, datt et awer net geet.

Mir hunn elo décidéiert fir en anere System ze maachen, a vun der traditioneller Software ewechzekommen. Et soll elo einfach iwwert eng 'boucle' an der Strooss gefuer ginn. Dat ass fiabel. Et fiert een op de Parking eran, an dat gëtt iwwert e Sensor an der Strooss enregistréiert. Dat selwecht gëlt och, wann ee vum Parking erof fiert.

Dee System ass ganz zouverlässeg an einfach ze realiséieren. Mir wäerten elo däer Schwellen an d'Strooss setzen an dann d'Autoen zielen, déi eran- an erausfueren. Mir kënnen dann zwar net d'Kapazitéit vun der Schwämm uweisen, mä mer kënnen d'Kapazitéit vum Parking uweisen. An et ass jo och dat wat wichteg ass, well mer da kënnen de Parking 'A' a 'B' besser géréieren.

Dee System, dee mer fir de Moment hunn, huet näischt gedaacht. Mir kucken, wat mer nach erëmkréie fir dat, wat mer do kaf haten. Wahrscheinlech ass et awer net méi vill.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Ech wëll nach just drop hiweisen, datt all déi Saachen, déi do investéiert gi

sinn, wéi zum Beispill d'Ampelanlag fir datt de Bus kann eraus- an erafueren, an déi dote Saachen, alleguerte praktesch op Drock vun der Populatioun dohinner komm sinn. Well se hate gefaart, an et huet sech awer schlussendlech erausgestallt, datt e bëssen d'Ham an der Mëllech gekacht ginn ass, an datt mer vill Suen ausginn hu fir eppes, wat eis net vill bréngt.

Roland Breyer, Schäffen :

Bei Parkleitsystem ass et esou, datt et gutt fonctionnéiert, esoulaang wéi alles op der selwechter Plaz kaf gëtt. Hei ass en elo op zwou Plaze kaf ginn, an dat sollt ënnerenee geswitched ginn, an dat fonctionnéiert net. De System fält ëmmer zesummen. A mir verstinn och net, datt mer bei eis ëmmer déi Äntwerte kréien an et bei eis net fonctionnéiert.

Dofir hu mer eis elo dofir décidéiert, fir dee banale System mat de Schwellen an der Strooss ze installéieren. Dee System fonctionnéiert wéinstens an ass einfach ze realiséieren.

Jeannot Linden (LSAP):

An enger Dageszeitung vum 18./19. August 2007 war ze liesen, datt an eisem Ländchen 21 Seveso-Industrieanlagen a Betrib sinn. Seveso, déi italienesch Lokalitéit, an däer 1976 e grousst Chemieongléck passéiert ass. D'E.U. huet dorop hin 1982 eng sougenannte Richtlinn Seveso 1, an 14 Joer méi spéit Seveso 2, festgeluegt. Déi Richtlinne regelen den Ëmgang an d'Lagerung vu geféierleche Substanzen an deene betraffene Betriber.

Meng Fro bezitt sech dorop. Hu mer an eiser Gemeng, respektiv an den Nopeschgemengen, Betriber, déi deene Richtlinnen ënnerleien, a wa Jo, sinn déi Gemengeresponsabel vun der ITM iwwer d'Präsenz vun däraartegen Installatiounen informéiert ginn ?

Gilbert Welter, Schäffen :

Esou eng ähnlech Fro hat den Här Becker schonn an der Sëtzung vum 24.02.2006 gestallt. Ech sinn awer mat Iech d'accord, datt dëst esou wichteg ass, datt mer no annerhallwem Joer nach eng Kéier drop zeréckkommen.

Den 18.01.2006 krut eis Gemeng schréftlech matgedeelt, datt mer e Betrib hei an der Gemeng hunn, deen ënner d'Dispositioune vum Règlement grand-ducal vum 17.07.2000 'concernant la maîtrise des dangers liés aux accidents majeurs impliquant des substances dangereuses' fält.

Mir hunn dës Informatiounen un eisen 'Service d'incendie' virugeleet. Op Grond vun 2 Courrieren, déi mer an de Joeren 2003 an 2004 un all eis Betriber aus eiser Gemeng adresséiert hunn, hunn all Betriber aus dem PED eise Pompjeeën déi noutwenneg Informatiounen zoukomme gelooss, op déi se am Noutfall musse kënnen zeréckgräifen. Et ass deemno esou, datt eis Pompjeeën zu all Moment ganz genee wëssen, wat a wou bei de Betriber stockéiert gouf a stockéiert gëtt.

Den 21.02.2006 hu mir d'ITM gefrot, fir all noutwenneg Informatioune vun alle Betriber aus anere Gemengen ze kréien, déi Seveso klasséiert sinn, a wou eis Pompjeeën am Noutfall kéinte geruff gi fir ze intervenéieren. Op Grond vun eisem Schreiwes huet den Directeur-adjoint vun der ITM den 20.03.2006 proposéiert, datt eise Kommandant hie soll kontaktéiere fir déi noutwenneg Informatiounen ze kréien.

Mir wëssen, datt dee Betrib aus eiser Gemeng am gaangen ass u sengem 'plan d'urgence interne' ze schaffen. Dat hu mer och vum Betrib matgedeelt kritt. Wat de 'plan d'urgence externe' betrëfft, wou och eis Verwaltung mat involvéiert wäert ginn, esou hu mir am Oktober eng Entrevue mam Ëmweltminister, wou dëse Punkt och zur Sprooch wäert kommen.

Séance publique du 18 octobre 2007

Durée de la séance: *14.30 à 17.10 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	/

ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale
   - 2.1. Titres de recettes - déclarations diverses.
   - 2.2. Décompte de travaux extraordinaires: aménagement de terrains de beach-volley à Lamadelaine - approbation.
3. Propriétés
   - 3.1. Contrat de bail avec Mme Maria Goreti Pereira Martins pour la location d'un garage sis à Pétange, rue Prince Jean 2 - approbation.

3.2. Cession d'une contre-emprise sise à Lamadelaine, lieu-dit « rue des Prés » à M. et Mme José Augusto Perrard-Sitz de Lamadelaine - décision de principe.
3.3. Cession de terrains et d'une partie de la voirie publique sis à Pétange, lieux-dits «Auf dem Weissenbrill», «rue Antoine Nangeroni» et «rue de la Résistance» par Mme Jeanne Nangeroni-Weber, de Pétange - décision de principe.
3.4. Convention avec M. Joao De Almeida et Mme Isabelle Fernandes Almeida, concernant le déplacement d'une canalisation à Pétange, lieu-dit « cité CFL » - approbation.
3.5. Convention avec Lux Auction S.A. de Pétange concernant la mise à la disposition temporaire de 22 emplacements longeant la rue Robert Krieps à Pétange - approbation.
3.6. Acquisition, de la part de M. Robert Berg, de Niederkorn, M. Paul Berg de Machtum et de M. Jules Berg, de Echternach, de deux terrains boisés sis à Lamadelaine, lieu-dit « Oberst Blenken » - décision de principe.
3.7. Contrat d'entretien et dépannage du monte-charge au bâtiment de l'Harmonie Municipale de Pétange, rue de la Chiers - approbation.
3.8. Remplacement du matériel roulant saccagé - vote d'un crédit spécial - décision.

4. Personnel
4.1. Création d'un poste à mi-temps (50% d'une tâche normale) sous le statut de l'employé privé (m/f) pour le terme de 12 mois - décision.
4.2. Création d'un poste d'artisan CATP dans le métier de l'instructeur de natation (m/f) sous le statut d'un employé privé pour le terme de 12 mois - décision.

5. Enseignement
5.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
5.2. Création d'un poste d'ouvrier (m/f) à tâche partielle pour le service du transport scolaire - décision.

6. Urbanisation: projet d'aménagement particulier concernant la construction d'un complexe résidentiel à Rodange, route de Longwy - approbation provisoire (2e lecture).
7. Sports et loisirs: convention d'achat exclusif, avec la société Munhowen S.A. d'Ehlerange, et mise à la disposition de matériel pour la buvette du hall polyvalent de Rodange - approbation
8. Enseignement musical: organisation scolaire pour l'année 2007/2008 - décision.
9. Transports et communications: convention, avec la compagnie Cegedel, de Luxembourg, pour la fourniture d'énergie électrique pour la Maison Relais à Rodange, rue du Clopp 2-4 - approbation.
10. Dépenses diverses: octroi de cadeaux de service - décision.
11. Vie associative: association « Lux-Rollers » - octroi d'un subside spécial - décision.
12. Questions des conseillers communaux.

Séance secrète

13. Personnel
13.1. Engagement d'un employé privé (m/f) pour les piscines - décision.
13.2. Nominations définitives de deux instructeurs de natation (m/f) - décisions.

14. Enseignement: service médico-scolaire: nomination d'un médecin (m/f) pour la localité de Pétange - décision.
15. Enseignement musical: classement d'un chargé de cours - décision.
16. Indigénat: demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

COMPTE RENDU

1.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Néant

2.1.

Administration générale

Titres de recettes : déclarations diverses au montant total de 7.776.107,68 €, dont impôt commercial, avance 3e trimestre (2.458.000 €), dotation de l'Etat, avance 3e trimestre (4.778.532 €), subside pour la construction d'un bassin d'orage au rond-point porte de Lamadelaine (191.836,33 €), TVA déclaration finale de 2006 (89.879,75 €) et remboursement par la caisse de maladie des indemnités pécuniaires de maladie (88.684,42 €) - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

An deene leschte Méint hate mer 7.776.107,689 € Recetten. D'Haapt-recette maachen do déi drëtt Avance vum Impôt commercial an déi drëtt Avance vun der Dotation de l'Etat aus. Och hu mer schonn deen éischte Subsid kritt am Kader vum neien 'bassin d'orage', dee mer um Rond-point Porte de Lamadelaine bauen. Dat ass awer nëmmen e klenge Subsid mat 191.836,33 €, well do stinn nach vill méi grouss Zommen op. Et ass awer esou, datt d'Ausbezuele vun deenen nächste Subsiden ofhängeg gemaach gëtt vun engem anere Projet, deen Iech bei de Budgetsdebatten definitiv wäert virge-stallt ginn. Dat ass de Projet vun der Eechelsbaach, wou d'Ofwaasser vum Waasser vun der Eechelsbaach muss getrennt ginn.

Camille Bosseler (CSV) :

Et freet mech ëmmer, wann ech gesinn, datt an eise Bëscher eppes leeft. Wann ech gesinn, datt mer 31.228 € investéieren, och wann et keng gréisser Zomme sinn, esou gesinn ech awer, datt et weider geet. A wann ee kuckt, datt esouwuel um Bierg Weeër an d'Rei gesat ginn, wéi och aal Beem, déi zimlech schlecht dru sinn, ewechgeholl ginn an esou déi jonk Beem kënnen eropkommen, esou dréit dat dozou bäi, datt mer eisen Nokommen e gesonde Bësch hannerloossen.

Da gesinn ech awer och, datt eis Vakanz eriwwer ass. Well d'Rembour-sementer vun der Krankekeess maachen 88.684 € aus. An dat stëmmt ee jo net zum allerbeschten.

Approbation à l'unanimité.

2.2.

Administration générale.

Décompte de travaux extra-ordinaires : aménagement de terrains de beach-volley à Lamadelaine - approbation

Total des devis approuvés : 45.000 €

Total des crédits approuvés : 65.000 €

Total de la dépense effective : 63.960,65 €

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir sinn nach ëmmer am gaangen d'Décompten opzeschaffen. Mir hunn elo hei en Décompte virleie vum Beach-Volley-Terrain zu Rolleng.

Heizou wier ze soen, datt mer am Budget 2006 weider 20.000 € dragesat haten, well eng Rei vun Aarbechten ze maache waren, an dat haaptsächlech um Niveau vum Daach vun de Vestiairen. Dat war fir e Chiffer vun 11.239 €. Weider gouf nach 'mobilier urbain' fir 2.628 € zougeluegt. Dat waren déi Haaptsaachen, déi es dozou gefouert hate fir am Budget 2006 weider 20.000 € supplementar dranzesetzen, esou datt elo d'Gesamtausgab bei 63.960 € läit.

Albert Muller (LSAP):

Am Prinzip wollt ech wëssen, firwat d'Kolonnen 6, 7 an 8 am Décompte net ausgefëllt gi sinn.

Da wëll ech och gäre wëssen, op d'Offer fir den 'aménagement du terrain' och 38.773,40 € ass, genee esou wéi den Devis an d'Rechnung.

Da wëll ech gäre wëssen, firwat datt d'Zomm fir 'acquisition de matériel de beach-volley' iwwert dem Devis läit ? Den Devis war 1.840 €, an d'Ausgab beleeft sech op 1.994 €.

Da wollt ech och nach wëssen, firwat keen 'devis complémentaire' opgestallt ginn ass, obwuel ee wosst, datt en Dépassement géif kommen ?

Da wollt ech och nach eng Propose maachen. Wéi ech 1974 an der Gemeng ugefaangen hunn, do sinn et 1 Chef de service an 2 Agents chargés du service ginn. Haut ginn et awer esouvill Agents chargés du service am techneschen Service, an dofir wollt ech froen, op een net kann d'Nimm bei d'Ënnerschréfte bäisetzen. Well alleng un der Ënnerschréft kann een net ëmmer erkenne wien ënnerschriwwen huet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir ginn dee Message virun un den techneschen Service, fir an Zukunft d'Nimm bei d'Ënnerschréften ze setzen. Mir sinn am gaangen, lues a lues perfekt d'Décompten ze kréien. Et feelt awer nach ë bësse wann ech dem Här Muller seng Aussoen héieren. Mir wäerten awer d'Nimm bei d'Ënner-schréfte setzen, esou datt et fir de Gemengerot kloer ass. Ech kann lech awer soen, datt dësen Décompte vum Här Bosoni ënnerschriwwe ginn ass.

Zu deene Kolonnen, déi am Décompte net ausgefëllt gi sinn, muss ech soen, datt déi geduecht si fir de Montant vun den Adjudicatiounen anzesetzen. Well keng Adjudicatioun an deem heite Fall war, sinn déi Felder och net ausgefëllt ginn.

Firwat de Montant beim 'acquisition matériel de beach-volley' elo e bësse méi deier ginn ass, esou muss ee soen, datt am Devis e Montant agesat gëtt, a wann de Montant laut der Offer, déi duerno ugefrot gëtt, ëm 200 € méi héich läit, da muss dat bezuelt an agesat ginn.

Zum Devis complémentaire muss ech lech awer Recht ginn. Mir haten am Budget 2006 e Crédit supplémentaire vun 20.000 € drastoen, mä mer haten awer hei am Gemengerot keen Devis supplémentaire gestëmmt. Vum techneschen Service war effektiv fir de Budget 2006 vergiess ginn, fir e supplementaren Devis dem Gemenge-rot virzeleeën. Dat ass ganz kloer eppes, wat net dierf virkommen, mä wat awer geschitt ass. Déi 20.000 € goufen an de Budget dragesat, well gewosst war, datt den Daach miisst nei gemaach ginn, an déi Aarbechte waren net am Devis initial virgesinn. Mir hätten et och kéinten op den ordinäre Budget buchen, mä mer waren awer der Meenung, datt alles sollt zesumme gehéieren, mam Resultat datt den definitive Präis ëm 20.000 € méi héich läit wéi dat, wat am Devis gestëmmt gi war. Mä d'Kreditter waren awer do, well déi ware jo am Budget 2006 matgestëmmt ginn.

Albert Muller (LSAP):

Merci, datt Dir all meng Froe beäntwert hutt. Wat ech awer schwéier kann acceptéieren ass, datt hei steet 'travaux imprévus : remise en état des toitures'. Et weess een awer vun Ufank u wéi den Daach ausgesäit, an ech ka mer net virstellen, datt elo op eemol e Lach am Daach war dat een net viraus gesinn hat.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Firwat dat doten am Service technique als Imprévue consideréiert gi war, ass, datt mer an enger éischter Phase den Terrain an d'Boullepiste virgesinn haten. Mir hu gesot, datt déi Raimlechkeeten, déi op der Plaz bestinn, vun deem Veräin, deen déi ganz Gestioun mécht, kënne profitéiert ginn. Wéi dee Veräin da wollt eragoen, hu se festgestallt, datt den Daach net méi dicht wier. An deem Sënn war et en Imprévue. Wann een deen Daach virdru gekuckt hätt, dann hätt een och wahrscheinlech gesinn, datt den Daach net an der Rei wier an et hätt een et och kënnen direkt flécken.

Romain Becker (Déi Gréng):

Meng Fro huet net direkt eppes mat dësem Décompte ze dinn. Ech wollt zum Beach-Terrain soen, datt do op d'Gemeng awer nach regelméisseg Fraisen zoukommen. Well d'Gemeng muss dofir suergen, datt de Sand erneiert gëtt, well ech hu gesinn, datt no laange Reeperioden de Sand ufänkt gréng ze ginn. An dat si jo awer déi bescht Naschtplaze fir etlecht Gedéiesch. Ech huelen un, datt d'Gemeng regelméisseg de Sand aus-wiesselt, an doduerch komme jo nach eng Rei Ausgaben op d'Gemeng zou.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Eis Servicer gi regelméisseg op d'Plaz kucken, an et gouf och dëst Fréijoer ganz vill Sand ausgewiesselt. An ech ginn lech Recht, datt regelméisseg muss duerno gekuckt ginn. Wat elo d'Héicht vun deenen Ausgaben ugeet, esou hunn ech déi net am Kapp, mä mir kënnen dat awer nofroe loossen an lech déi Informatioun noreeschen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hunn d'Fro gestallt, fir datt d'Austausche vum Sand net sollt vergiess ginn.

Carlo Gira (CSV) :

Et ass mer opgefall, datt fir 'modifica-tions terrain jeux de boules' 1.633 €

relativ wéineg ass. Sinn do och nach verschidden Aarbechten dovunner am Betrag vum 'aménagement du terrain' dran ? Well wann dat net méi kascht huet, dann ass dat eng gutt Saach. Well de Boullenterrain gëtt nach méi benotzt wéi de Beach-Terrain.

Da gesinn ech och, datt Material fir de Beach-Handball kaf ginn ass. Esouwäit ech awer weess, gëtt däers net vill do gespillt. Ass dofir keng Demande do ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

D'Veräiner hunn déi Méiglechkeet fir Handball do ze spillen. Bis elo ass dat awer nach net ugefrot ginn. De Fussball huet dëst Joer fir d'éischt eng Experienz do gemaach. Mä gréisstendeels ass et de Volleyball, dee vum Terrain Gebrauch mécht.

Beim Boullenterrain kann ech mer net virstellen, datt déi 1.633 € d'Integralitéit vun de Fraise sinn. Ech ka mer virstellen – mä dat muss ech awer nokucke loossen – datt et eng zousätzlech Modifikatioun war, wéi zum Beispill den Aménagement vun den Alentouren. De Rescht war schonns beim Libellé 'aménagement des terrains' mat abegraff.

Approbation à l'unanimité.

3.1.

Propriétés.

Contrat de bail avec Mme Maria Goreti Pereira Martins pour la location d'un garage sis à Pétange, rue Prince Jean 2 – approbation – explications par Mme Raymonde Conter-Klein.

La location se fait au prix de 40 € par mois.

Approbation à l'unanimité.

3.2.

Propriétés.

Cession d'une contre-emprise sise à Lamadelaine, lieu-dit « rue des Prés » à M. et Mme José Augusto Perrard-Sitz de Lamadelaine – décision de principe - explications par Mme Raymonde Conter-Klein.

La contre-emprise a une contenance de 22 centiares. La cession se fait à titre gratuit.

Approbation à l'unanimité.

3.3.

Propriétés.

Cession de terrains et d'une partie de la voirie publique sis à Pétange, lieux-dits « Auf dem Weissenbrill », « rue Antoine Nangeroni » et « rue de la Résistance » par Mme Jeanne Nangeroni-Weber, de Pétange – décision de principe.

Les parcelles à céder ont une contenance totale de 30 ares 58 centiares. La cession se fait à titre gratuit et le terrain sera intégré dans le réseau de la voie publique.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dat hei ass eng Geschicht, déi scho méi laang zeréckläit. An zwar ass et eng Cessioun vun engem Terrain, deen d'Madame Jeanne Nangeroni-Weber un d'Gemeng soll ofginn. Ech géif iech bieden deem zouzestëmmen an esou dës Situatioun ze regulariséieren.

Lily Gansen (LSAP):

Ech kënnen d'Virgeschicht net heivunner, mä et ass fir mech reng onméiglech, datt eng Privatpersoun iwwer 30 Ar der Gemeng gratis cédéiert. Firwat ass dat esou ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

De Problem ass deen, datt mir dat dote schonn zanter Joeren ënnerhalen. Och bei engem normale Lotissement ass et ubruecht, datt 25 % un d'Gemeng cédéiert gëtt; an dat gehéiert dann zu der Voie publique. An an deem heite Fall ass et esou ähnlech. Mir kréien hei kee Cadeau gemaach, dat kann ech lech versécheren. An hei hu mer gesot, datt mer ee fir alle Mol dat sollen an d'Rei maache fir datt, wa mer emol eng Kéier mussen un däer Strooss schaffen, mir dat och dierfen. Net datt nach Deeler vun däer Strooss a privatem Besëtz sinn, a mer mussen d'Propriétaire froen ob se domatter averstane sinn.

Lily Gansen (LSAP):

Mä dat hätt awer och längst kënne gemaach ginn. Well elo héiert et sech esou un, wéi wann een der Gemeng gratis géif 30 Ar schenken.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et sinn d'Stroossen, wou d'Leit driwwer fueren, an d'Trëttoiren, an dat gëtt scho vun eis ënnerhalen.

Roland Breyer, Schäffen :

Vläicht nach eng technesch Informatioun. Nodeems elo déi nei PAG-en an déi nei PAP-e musse gemaach ginn, ass et ganz kloer, datt, wann en neit Lotissement gemaach gëtt, de Promoteur och muss 25% un d'Gemeng oftrieden. Dat hei ass awer elo eng Saach, déi vu virdrun ass, an do war dat nach net esou. Wa vu Leit e Lotissement gemaach ginn ass, ass och eng Privatstrooss gemaach ginn. Mir hunn nach esou Stroossen an eiser Gemeng, an d'rue de l'Hôtel de ville ass e Paradebeispill heifir. Déi Strooss gëtt et scho 50 Joer, an déi ass nach ëmmer zum Deel a privaten Hänn. Do ass et ëmmer esou, datt de Promoteur déi Strooss lotisséiert huet, a wa se fäerdeg war huet hien d'Gemeng gefrot fir se ofzetrieden. Dann ass d'Strooss an den Domaine public komm, an de Promoteur war der Strooss an der Responsabilitéit lass. Och dem Entretien an de Folgesuiten war hie lass. D'Gemeng huet nëmme gekuckt ob d'Strooss an der Rei ass, an ob et keen 'cadeau empoisonné' ass.

No 30 Joer kënne mer net méi soen, datt déi Stroossen an der Rei sinn oder net. Mir mussen se an deem Zoustand iwwerhuele wéi se sinn. Mir hunn och schonn e ganze Koup dra geschafft. Et ass einfach elo esou, datt déi Stroossen, ëm déi et elo haut hei geet, ze regulariséieren sinn a mer se an den Domaine public eranhuelen. Mir haten ausserdeem vun Ufank un d'Responsabilitéit, well déi Stroossen 'ouvert au public' waren. Mir hunn u sech d'Garde juridique vun deene Stroossen.

Haut gëtt bei neie Stroossen dat direkt gemaach, direkt regulariséiert, fir eben net méi an déi Situatioun ze kommen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech wollt froen, ob d'Stroossen alleguerten an den Domaine public kommen, well déi 30 Ar hei sinn d'Stroosse jo net alleguerten ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dat sinn d'Stroossen alleguerten aus der ganzer Cité Nangeroni, wéi se am Volleksmond genannt gëtt.

Norbert Pierre (LSAP):

An dat sinn net méi wéi 30 Ar ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Neen. Dat sinn déi doten.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech kann dat nëmme begréissen, datt déi Stroossen hei regulariséiert ginn, well dat do si Situatiounen – an dat ass jo och scho virdrun ugeklongen – déi wierklech net gutt sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech muss lech awer soen, datt d'Madame Nangeroni eis gefrot huet fir

dat doten ze regulariséieren. Et ass net esou, datt si huet miissten iwwerzeegt ginn. Si wollt dat doten och regulariséiert hunn.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech hu guer kee Problem domatter. Wa mir et iwwerhuelen, dann hätte mer och gären eng Strooss déi tip top an der Rei ass. Et ass also awer vläicht e 'cadeau empoisonné'. D'Madame Nangeroni ass frou, datt se de Buttek lass ass, a mir hunn en um Bockel.

Roland Breyer, Schäffen :

Et kann een nach soen, datt dat heiten hätt kéinten éischter geschéien. Mä et huet emol fir d'éischt mussen ausgemooss ginn. Well et muss ee wësse wat een iwwerhëlt. D'Rue de l'Hôtel de ville hätte mer scho laang kënnen iwwerhuelen, mä et muss fir d'éischt emol ausgemooss ginn. An de Kadaster huet keng Zäit, a wann een eng privat Firma muss huelen, da kascht dat d'Aen aus dem Kapp a kee wëll dat ënnerhuelen. Schlussendlech ass et esou, datt, wann d'Gemeng et bezilt, all Mënsch d'accord ass.

Bei däer Saach vun der Madame Nangeroni ass et Gott sei Dank nach ouni Käschte verbonnen.

Albert Muller (LSAP):

Ech hu keng direkt Fro zu dëser Délibératioun. Mä mir ass spontan elo eng Uleies vu Leit aus der der Guillaume-Strooss agefall, déi u mech erugetruede sinn. Ech wëll awer elo de Schäfferot net iwwerfalen a wëll dofir och net haut direkt eng Äntwert kréien.

An zwar gouf ech gefrot, wéini den Acte de vente gemaach gëtt vun deenen Terrainen, déi se sollen zousätzlech kafen. Well d'Comromise si jo scho gemaach, mä den Acte de vente ass nach ëmmer net do. An d'Leit maache sech Suergen. Well si géife gären den Entretien vun deenen Terrainë maachen, mä se sinn net esou kéng fir dohinner méinen ze goen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

De Compromis ass gemaach, an d'Leit kënne roueg op deen Terrain goen. Mä hei hu mer nees erëm eng Kéier de Problem, datt aus engem Lot eng ganz Rei vu verschiddene Lotë musse gemaach ginn. An do muss de Kadaster ausmoosse kommen. An dat Ganzt läit elo beim Notaire bis de Kadaster ausgemooss huet. A duerno kann dann eréischt den Acte gemaach ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Genee wéi meng Virriedner begréissen ech och, datt déi Saach elo hei regulariséiert gëtt. Ech wollt awer nach froen, ob et net méiglech gewiescht wier, fir bei den Ënnerlagen en Din A4-Plang dobäi ze leeën, fir datt ee gesinn hätt wou déi eenzel Parzelle leien ? Ech sinn ëmmer un esou Ënnerlagen interesséiert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

De grousse Plang loung am Dossier, deen um Sekretariat auslouch, dran. Wa mer dee Plang awer elo op Din A4 oder Din A3 reduzéiert hätten, dann hätt een net méi ganz vill kënnen draus erausliesen. Dofir hate mer an dësem Fall dovunner ofgesi fir e Plang bei är Ënnerlage bäizeleeën. Mir kënnen et awer nach emol probéiere fir e Plang ofzezéien.

Carlo Gira (CSV) :

Ech war dee Plang an d'Sekretariat kucken, an et ass mer opgefall, datt mat deenen Emprisen, déi mer elo maachen, keng Méiglechkeet besteet fir eng Verbindung zur Kuerstrooss ze maachen. Ass dat esou gewollt, oder sinn do Terrainen déi net virgesi waren ?

Dann ass och virdrun ugeschwat ginn, datt verschidde Stroossen nach a privaten Hänn wieren. Do wollt ech froen, op d'rue du Bois och virgesinn ass fir eng Kéier regulariséiert ze ginn?

Roland Breyer, Schäffen :

Dat ass e groussen 'cadeau empoisonné', well dat eng Strooss ass, déi ni richteg gebaut ginn ass. Et gouf ëmmer nees e bësse verlängert, a jiddereen, deen do gebaut huet, huet een deem aneren de Kanal an d'Infrastrukturen e bësse verkaf. An do musse mer kucken, wéi mer d'Léisung wëllen usetzen. Dat sinn esou Saachen, déi wuessen. Ech weess, datt deemools gesot gi war, datt dierf an der zweeter Rei gebaut ginn, an datt déi Leit hir Dreckskëscht selwer mussen op d'Haaptstrooss setzen. Dunn ass e politesche Wiessel komm, an et huet nach een dierfen do bauen, an elo hu mer eng ganz Strooss do.

Mir mussen eng Kéier mat de Leit do zesummekommen, a wann se d'accord wiere fir sech ze bedeelegen, da kann een eventuell do eppes maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dann nach zu der Verbindung zu der Kuerstrooss. Effektiv gehéiert deen Terrain weder der Madame Nangeroni, nach der Gemeng, a wann de Propriétaire vum Terrain net wëll verkafen, da kënne mer näischt maachen. An ech ka mer virstellen, datt déi Leit léiwer gären hir Rou hätten a keen Duerchgangsverkéier dohinner kréien.

Romain Becker (Déi Gréng):

Wann een als leschten d'Wuert kritt, da si schonns eng Rei Saache beäntwert ginn. Ech krut schonn alles, wat ech wollt froen, beäntwert. Et huet mech näämlech och d'Verbindung mat der Kuerstrooss interesséiert.

De Buergermeeschter huet gesot, datt d'Madame Nangeroni selwer un d'Gemeng erugetrueden ass. Firwat si mir dann net schonn éischter bei d'Madame Nangeroni froe gaangen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech muss soen, datt ech mer an enger éischter Phas guer net bewosst war – an ech weess mat Sécherheet haut nach net – wat alles net eis gehéiert. A mer hunn och nach eng ganz Rei vu Citéen, déi mer mussen iwwerhuelen. An alleng duerch den Zäitopwand, kann een net alles duerchkucken. An ech muss Iech éierlech soen, datt ech dat doten net wosst bis d'Madame Nangeroni mer gesot huet, datt nach eng ganz Rei Stroossen hir gehéiere géifen an ob mir als Gemeng net dorunner interesséiert wieren. Bis dato wosst ech net, datt e Problem do géif bestoen. Doropshin hu mer dat dann och éischter ugepak.

Mir hunn en ähnleche Problem an der Prënzebierg-Strooss. Do sinn ech och vun de Leit ugeschwat gi fir dat ze regulariséieren. Do sinn anscheinend viru Joere Compromisë gemaach ginn, a wou mer elo musse feststellen, datt nei ausgemooss muss ginn, well déi Ausmoossunge vu virdrun net méi valabel sinn. Dat sinn och all kéiers Prozeduren déi relativ laangwiereg sinn. Mä mer versichen, esou séier et nëmme geet, déi Saachen opze-schaffen. Mä dat ass net ëmmer esou evident.

Approbation à l'unanimité.

3.4.

Propriétés.

Convention avec M. Joao De Almeida et Mme Isabelle Fernandes Almeida, concernant le déplacement d'une canalisation à Pétange, lieu-dit « cité CFL » - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Déi Leit, mat deenen dës Conventioun gemaach gëtt hunn en Haus mat engem Terrain niewendrun, op deen se gäre wëlle bauen. D'Kanalisatioun leeft awer duerch deen Terrain, esou datt et fir de Moment onméiglech ass do ze bauen. Déi Leit hu sech awer d'accord

erkläert, fir d'Kanalisatioun op hir eege Käschte vun enger Firma, déi hei am Land agréeiert ass, esou verleeën ze loossen, datt se laanscht den Terrain leeft, an se da vun deem Terrain als Bauterrain kënne profitéieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat do schéngt mer awer och eng droleg Geschicht ze sinn. Virun allem, wann déi Leit dat mat engem privaten Entrepreneur wëlle maachen. Déi Aarbechte mussen awer wierklech no alle Regele vun der Konscht gemaach ginn. Well wann eng Kéier eppes schief geet, an de Kanal verrëtscht oder futti fiert, dann ass et awer erëm schlussendlech d'Gemeng a mir alleguerten, déi musse kucken, datt dat riicht gebéit gëtt. Ech weess net, ob et glécklech ass fir dee Wee anzeschloen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et geet domatter un, datt mer mat eisem Kanal iwwert e Privatterrain fueren. Domatter hu mer eigentlech eng Servitude do drop. Mir kënnen awer deene Leit, déi do en Terrain hunn, net einfach soen, datt un däer Situatioun ni méi eppes ze ännere wier. Doduerch hu mer engersäits gekuckt, wat sech maache léisst. An déi Gespréicher lafen elo bal ee Joer, well dat war net esou einfach, a mer waren eis och bewosst, datt déi Aarbechten net esou einfach wieren. Mir hunn och – an dat gesitt der an der Conventioun – eng garantie bancaire vun 8.000 € gefrot, a mer hu gesot, datt mer gären eng 'réception favorable' vum Gemengeresponsabelen hätten. Dat heescht, et geet ee vun eise Leit op d'Plaz kucken, ob d'Aarbechten éierbar gemaach gi sinn. Mir kontrolléieren et also mat der néideger Suergfalt, dat kann ech iech garantéieren. Mir sinn awer der Meenung, datt mer eis dëser Saach net kënne verwiere well et en Terrain vun enger Privatpersoun ass. A wann deen d'Méiglechkeet huet fir deen Terrain ze revaloriséieren andeem datt hien en Haus kann drop bauen, an sech och nach engagéiert fir déi néideg Infrastrukturaarbechten ze maachen, da kënne mer net esou stur sinn a soen, datt dat net fir eis a Fro kënnt.

An ären Ënnerlage läit och e Croquis dran, wou der gesitt, wéi dat soll gemaach ginn. Dat ass och scho vun eisen Techniker, zesumme mat engem Büro, gekuckt ginn.

Albert Muller (LSAP):

An der Conventioun geet Rieds vun enger 'permission de voirie délivrée par le ministre des travaux publics'. Esouwäit ech weess ginn esou Permissiounen nëmmen ausgestallt, wann et sech ëm Statsstroossen handelt. Ech war awer der Meenung, datt d'Cité CFL eng Gemengestrooss wier.

Weider geet nach Rieds, datt d'CFL de Propriétaire vun der Kanalisatioun wieren. Dofir froen ech mech, ob net och d'CFL hätte miissten déi Conventioun mat ënnerschreiwen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass esou, datt déi Leit d'Zouso vun den CFL hunn. An de Ministère des travaux publics miisst och säin Accord gi wéinst deem Hiwwel, deen hannen ass. Well den Terrain stéisst hannen op den Hiwwel, wou d'Eisebunn och driwwer fiert. An dofir hätte mer och gären d'Genehmegung vun hinnen. A mer hätten och gären, datt déi Conditioune respektéiert ginn, déi vum Minsitère festgehale si ginn. A mer haten och ëmmer gesot, datt mer eréischt géifen ufänke mat diskutéieren, wann d'Eisebunn an och de Ministère des travaux public domatter d'accord wieren.

Albert Muller (LSAP):

Hätt dann net och d'Eisebunn miissten op däer Conventioun mat ënnerschreiwen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Eigentlech net. Well d'Eisebunn huet de Leit hiren Accord schonn esou ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Deen Terrain, op deen de Kanal elo soll hikommen, wiem gehéiert deen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass och hiren Terrain. De Kanal gëtt nëmmen esouwäit verréckelt, datt se kënnen drop bauen.

Lily Gansen (LSAP):

Ech wollt wëssen, ob déi Leit den Terrain kaf hu wou de Kanal schonn do war ? Well da woussten se jo, datt eng Kanalisatioun duerch deen Terrain géif lafen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dofir hu mer hinne jo och gesot, datt se musse selwer fir d'Fraisen opkommen. An enger éischte Phas wollten d'Leit op de Kanal bauen. An dofir war ech awer net waarm, an déi Autorisatioun wollt ech net ginn. Well dat geréngst, wat un de Kanal komm wier, hätte mer de Misär gehat. An dofir gëtt elo de Kanal nieft dat geplangten Haus verluegt. An déi Léisung ass acceptabel fir all Parteien.

Approbation à l'unanimité.

3.5.

Propriétés.

Convention avec Lux Auction S.A. de Pétange concernant la mise à la disposition temporaire de 22 emplacements de stationnement longeant la rue Robert Krieps à Pétange – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et ëm eng Conventioun tëscht der Gemeng an der Sociétéit Lux Auctioun SA. An dee Site, ëm deen et geet, ass iech vläicht besser ënnert 'ancien Winners' bekannt.

Längs der ganzer Propriétéit huet déi Sociétéit 22 Parkemplacementer gemaach, wouvun der 2 fir behënnert Leit sinn. Lux Auction ass en Auktiounshaus, wou 2 bis 3 mol am Mount Autoe versteet ginn, a fir de Rescht vun der Zäit stinn déi Emplacementer fräi.

Mir hunn eis als Gemeng mat hinnen zesumme gesat, a mir sinn zum Accord komm, datt – wann déi Parkplazen net vun Lux Auctioun gebraucht ginn – déi Plaze fir de Public zougänglech gemaach ginn.

Roger Klein (LSAP):

Ech muss lech, Madame Conter, ganz liicht korrigéieren. Déi Firma huet déi Emplacementer net gemaach, mä déi Emplacementer waren do. Dat heescht, et sinn Emplacementer laanscht Strooss, an et sinn och Emplacementer an der Sakgaass, déi do erageet. Dat wat d'Firma geännert huet ass, datt se op déi Emplacementer Barrière gesat huet fir datt een se net méi benotze kann. An déi Barrière wier d'Sociétéit bereet fir opzemaache fir déi Zäit wou keng Auctioune sinn.

Et ass scho richteg, datt mer déi Emplacementer solle fir näischt kréien, mä ganz fir näischt ass et jo awer net. Well mir droe jo d'Frais d'enregistrement vum Bail.

Wat mir awer opgefall ass, dat ass, datt grad an däer Zone commerciale et artisanale an deene leschte Joeren e konkrete Parkproblem entstanen ass. An un a fir sech ass et jo och esou, datt déi ganz Firmen, déi an deem Zoning sinn, an hire Baugenehmgungen operluegt kruten, eng gewëssen Zuel vu Parkingen ze schafen. Dat hunn déi Firmen dann och gemaach. Et huet sech awer no an no ëmmer méi erausgestallt, datt et keng Parkinge méi waren, mä datt déi Firmen zum groussen Deel déi Marchandise, déi se verkafen, op deene Parkplaze stockéieren. An dat fält deem, dee laanscht fiert, net op, well déi

Marchandise, déi se verkafen, Autoe sinn. Dat heescht, déi Autoen déi do stinn, sinn net d'Autoe vun de Clienten, mä d'Occasiounen déi verkaf ginn. An doduerch ass d'Zuel vun de Parkplazen, déi disponibel si fir d'Clienten, reduzéiert ginn. An dofir froen ech mech op een do net miisst intervenéieren, an déi Firmen drop hiweisen, datt déi Parkplazen déi urspréinglech fir d'Cliente geschaf gi waren, net beluegt kënne gi mat der Wuer déi se verkafen. Well soss ass jo duerno kee Parking fir de Client méi do.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wann een dee 'bail emphytéotique' – well et ass jo esou ugaangen – liest, da stellt ee fest, datt een do ganz wéineg Moyenen huet. Deen ass esou vague gehalen, datt ee keng Méiglechkeet huet, fir engem dat ze imposéieren. An et ass sécherlech virun 20 oder 25 Joer net mat esou engem Opkommes vu Verkéier gerechent ginn. An dee Problem, deen een an den Dierfer a Stied huet, huet een och elo an deem Zoning. An datt mer eng Handhab hunn op Grond vun deem Bail – an déi si jo och zum Deel an Acquisitiounen ëmgewandelt ginn – bezweiwelen ech ganz staark.

Wat elo déi Pakplazen vun der Sociétéit Lux Auctioun ugeet, esou sinn ech frou, datt se mat op dee Wee ginn. An ech hunn hinnen och ze verstoe ginn, datt déi Parkplaze virdru sécherlech och op privatem Terrain waren, an haaptsächlech vun deene gebraucht gi sinn déi dohinner Tennis spille gaange sinn. Mä am Dag, wou manner Mouvementer am Winners waren, sinn déi Parkplazen och vu ganz ville Leit gebraucht ginn, déi ronderëm geschafft hunn. An ech si frou, datt se mat op de Wee vun dëser Conventioun gaange sinn an déi Parkplaze fir de Public zougänglech maachen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech wollt soen, datt – déi Zäit wou de Winners nach do war – am Prinzip an der Autorisatioun dra stoung, datt se mussen e Parking maachen, dee fir de Public zougänglech wier, an deen eis d'Plazen net vir um Trëttoir ewechhëlt. An am Ufank haten déi Stroossen an deem Zoning och ni een Numm, an et war och net geduecht, datt do Leit solle wunne kommen. Mëttlerweil hunn déi Stroossen elo en Numm kritt. Ech sinn der Meenung, an ech hat dat och schonn eng Kéier gesot, datt de Parkproblem miisst an deem ganze Zoning reglementéiert ginn, vu datt déi Stroossen och elo offiziell Stroosse sinn. An d'Firma Lux Auctioun hätt och miisste gesot kréien, datt se vëllege Plaz hunn, an datt se sollen hire Parking op hirem eegene Site solle maachen, a mir halen eise Parking laanscht d'Strooss.

Anerer hunn et operluegt kritt. Ënnendrënner ass zum Beispill e Commerçant, deen huet gesot kritt, datt en e Parking bannen op sengem Terrain muss maachen.

Lux Auctioun seet elo hei, datt se eis déi Plaze guttwëlleg zur Verfügung stellen. Mä do hätt ee miisste soen, datt se hiren Terrain sollen zou maachen an d'Barrière 3 Meter zerécksetzen, an dann hätten se e Parking fir déi aner Säit gehat. A fréier stoung och an den Autorisatiounen, datt ee pro m2 oder pro esouvill Cliente e gewëssenen Undeel vu Parking miisst hunn. Dat stoung an den Autorisatiounen dran, an et ass elo net fir ze soen, datt fréier näischt festgehale gi war.

Ech sinn der Meenung, datt d'Strooss eis gehéiert, an datt den Trëttoir och zu der Voie publique gehéiert. A fir op dee Parking elo ze kommen, muss een nach ëmmer iwwert d'Voie publique an iwwert den Trëttoir fueren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et muss ee kloer soen, datt dat heiten eng bestehend Situatioun ass. Déi Leit hunn de Winners kaf, an et ass kee Parking bäikomm. Dat heescht, déi Parkinge waren do. Elo ginn et zwou Méiglechkeeten :

Entweder déi Parkinge waren autorisséiert ginn, esou wéi se vum Winners deemools aménagéiert goufen, an dann hunn déi heiten d'Recht fir dee Parking weider ze exploitéieren, an dat op déi selwecht Aart a Weis. An dann hu mer net déi beschte Kaarte fir ze soen, datt elo alles muss zougemaach ginn ;

oder si waren deemools net autorisséiert ginn, an dat géif mech schwéier wonneren, datt mer während 20 oder 25 Joer eng Situatioun toleréiert hunn déi Contraire zu eisem Bautereglement wier. Ech ginn also dovunner aus, datt se esou aménagéiert goufe wéi se autorisséiert gi sinn.

Mir hunn elo mat Lux Auctioun verhandelt, an ech géif mengen, datt dat heite mat dat Bescht ass wat mer kënnen erausschloen.

Roland Breyer, Schäffen :

Et muss een ëmmer dovunner ausgoen, datt et eng privat Propriétéit ass. A wa si vir hënner Pollere setzen, da kënnt kee méi drun, an dann hu mer guer näischt dovunner.

Mir hunn déi Situatioun och op e puer anere Plazen, dat heescht, datt Parkplazen ëffentlech gehandhaabt ginn, mä déi awer 'propriété privée' sinn. An do ass et net esou einfach fir eppes virzeschreiwen.

Mir sinn awer am gaangen eist Verkéiersreglement ze iwwerschaffen, an do mussen – wat de Parkraum am Zoning ugeet – e puer aner Iwwerleeunge mat erafléissen. Esou soll ee kucken, ob een net op verschiddene Plazen – wou nach Loft ass – d'Parkplazen aneschters aménagéieren oder schafe kann.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Wann een elo gesäit, datt mer mat dëser Conventioun 22 Parkplaze kréien, esou kann ech mer virstellen, datt – wa se säitlech op e Parking op hirem Terrain géifen eropfueren – am Endeffekt manner Parkplaze fir de Public disponibel wieren. Esou datt ech der Meenung sinn, datt mer mat dëser Conventioun méi Parkplaze kënne géréiere wéi wa mer op deen anere Wee géife goen.

Norbert Pierre (LSAP):

Domatter kënnt Dir Recht hunn, Madame Conter. Mä ech sinn nach ëmmer der Meenung, datt, wou si de Winners kaf hunn, deen Terrain niewendrun nach brooch louch, a se roueg hätte kënnen hire Parking do drop maachen, an op deem Terrain hir Autoen, déi versteet solle ginn, ofstellen. Do ass eng nei Autorisatioun erausgaangen, an do hätten se solle gesot kréien, datt se op hirem Terrain esouvill Parkplaze miissten hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Esou einfach ass et awer net, Här Pierre. Op deem neien Terrain hu mer hinne gesot, datt se nëmmen dierfen eng Entrée maachen, an net – laanscht d'Strooss – Parkinge maachen. Mä bei deene bestehende Plazen, déi jo schonns autorisséiert waren, kënne mer net higoen an déi Autorisatioun nees zeréckzéien. Dat ass menger Meenung no net méiglech. An ech géif scho mengen, datt déi Conventioun hei zum gréissten Deel dozou bäidréit, datt d'Situatioun identesch, wann net esouguer besser gëtt wéi virdrun. An dat soll een ervirsträichen, an dat ass fir mech wichteg.

John Polfer (CSV) :

Wat elo déi 22 Parkplazen ugeet, esou sinn do och 22 Polleren opgeriicht. Ech ginn zwar elo net all Dag do laanscht, mä all Kéiers wann ech emol do laanscht gaange sinn, da sinn déi Polleren erop, esou datt sech kee kann dohinner stellen. Dofir wollt ech froen, wien déi Polleren erop- an erofmécht ?

Wie kontrolléiert, ob déi Parkplazen dann och fir de Public zougänglech gemaach ginn ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir hunn d'Conventioun elo eréischt am Gemengerot, a se soll den 1. November ulafen. An Lux Auctioun huet sech engagéiert, datt si just nëmmen d'Polleren 1 bis 2 Deeg virun enger Auktioun, an een, zwee Deeg duerno eropmaachen. Et ass dat nëmme fir déi Zäit, wou se fir d'Auktioune Ween dohinner stellen. An dat soll 2 Mol am Mount sinn. Fir de Rescht vun der Zäit sinn déi Emplacementer op fir de Public. An d'Praxis wäert elo weisen ob dat och klappt.

Jeannot Linden (LSAP):

Mir waren eng Kéier mat der Verkéierskommissioun duerch dee ganze Zoning gaange fir ze kucken, watfir Proposen een dem Schäfferot ka maache fir déi Saach ze regléieren. Et sinn näämlech nach eng Rei aner Saachen opgefall. Et miisst gekuckt ginn, op jiddereen déi néideg Autorisatiounen iwwerhaapt huet fir kënnen Autoen ze verkafen, oder op d'Autoen, déi ze verkafe sinn, och um Terrain vun deenen eenzelne Sociétéite stinn. Wéi gesot, mir hu jo als Verkéierskommissioun verschidde Propose gemaach fir ze kucken, wou Parkplaze kënne bäikommen. Op der Héicht vun der Wäscherei sinn nach Méiglechkeeten. An esouguer d'Wäscherei selwer huet d'Méiglechkeet fir op hirem eegenen Terrain Parkplazen ze schafen. Natierlech muss dann dee Garage niewendrun nees seng Autoe réckelen. An dat si jo Saachen, déi ee vun der Gemeng aus ka steieren. Do kënne si jo net maache wéi se wëllen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hunn iwwerhaapt emol eng Fro un eis alleguerten heibannen : Hu mer se dann nach all ? Well haut si mer an enger Zäit, wou net méi jidderee mat sengem Auto bis a säi Büro ka fueren. Déi Diskussioun hei geet total derlaanscht. Mir kënnen dach hei net driwwer diskutéieren, datt all Firma soll fir all seng Employéen eng Parkplaz maachen. Dat kann net méi fonctionnéieren.

Eng aner Fro ass déi : Wat mécht d'Firma Lux Auction ? Wien ass déi Firma ? Wat maachen déi an hirer Hal ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Déi Firma brëngt Autoen op d'Plaz, an da gëtt 2 mol am Mount eng Stee gemaach.

Romain Becker (Déi Gréng):

Déi hunn net déi ganzen Zäit Autoen op der Plaz stoen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Nee.

Romain Becker (Déi Gréng):

Hunn déi e Commodo-Incommodo, fir während der Stee 30 bis 50 Autoen ze versteeën ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wann net do geschafft gëtt, da mengen ech, brauch een emol kee Commodo-Incommodo. Mä ech loossen dat awer nokucken.

Romain Becker (Déi Gréng):

Well ech hunn e ganz schlecht Gefill bei däer dote Geschicht. Ech hunn e ganz schlecht Gefill well si probéiere mat däer Conventioun d'Gemeng ze fesselen. Si probéiere mat Hëllef vun der Conventioun, datt d'Gemeng se als déi gutt Jongen ugesäit déi se net sinn. An ech hu wierklech e schlecht Gefill bei däer Saach, an ech géif de Schäfferot biede weider Informatiounen anzehuelen, virun allem wann se mussen e Commodo-Incommodo hu fir kënnen 50 Autoen ze verkafen. Well da si mer jo scho gutt bedéngt wa mer mat hinnen eng Conventioun hunn. Dat heescht, d'Gemeng hänkt duerno mat dran. Mir dierfen awer net am Virfeld esou Eppes ënnerschreiwen, wa mer net wësse wat do geschitt a wat se vun Autorisatioune brauchen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir ginn hinne jo hei keng 'Autorisation de commerce', mir ginn hinne keng Autorisatioun fir dierfen do ze agéieren.

Mir hunn elo hei en neie Propriétaire vun engem Terrain dee vum Winners verkaf ginn ass. Si hunn eis e Bauprojet dohinner geluegt fir eis ze weisen, wat se op deem Terrain wëlle maachen. An an deem Kader hu mir gesot, datt et vun Notze wier, wa mer déi Parkemplacementer fir d'Ëffentlechkeet kënnen zougänglech maachen. Well och wou de Winners do war, waren déi Parkplazen zum gréissten Deel fir de Public zougänglech. Ech ginn lech Recht, datt een den ëffentlechen Transport soll promovéieren, mä mer wësse jo awer och, datt eng Rei Leit trotzdeem den Auto wëllen huelen.

Wat si elo fir ee Commerce maachen, dat geet mech als Buergermeeschter u sech näischt un, esouwäit sech d'Aktivitéiten an engem legale Kader ofspillen. An dat kontrolléieren erëm aner Institutiounen a staatlech Instanzen. An déi wäerten hir Aufgab an deem Zesummenhang scho maachen.

Méi wëll ech zu dësem Punkt an der ëffentlecher Sëtzung net soen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech fannen dat awer e bësse lamentabel. Well da kann ech als Gemengerot dat doten net mat droen, wa mer net wësse wat do geschitt, an op der anerer Säit maache mer mat däer Firma eng Conventioun fir 22 Parkplazen. Ech mengen, esou dréngend ass dat net. An et ass net weltbewegend, datt mer musse vun engem zäitweis – et ass emol nach net fir ëmmer – 22 Parkplaze geschenkt kréien.

Eng aner Saach, déi ech lech nach wëll mat op de Wee ginn ass – well et ass jo ugeklongen, datt e seriöst Parkkonzept fir dee ganze Zoning soll ausgeschafft ginn - , datt och emol eng Kéier e Bléck ronderëm an hannert déi verschidden Hale soll geworf ginn. Well do sinn eenzel Halen, wou Vidange gemaach gëtt, an dat nieft den Halen, hannert den Halen, sonndes, samschdes, egal zu watfir Zäiten, an dat ouni Commodo-Incommodo, ouni Bac, ouni näischt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Och do géif ech lech proposéiere fir eis dat eranzeginn a genee ze präziséiere wou dat ass. Well da géife mer d'Police domatter chargéieren.

Guy Brecht (LSAP):

Wann ech dat gutt verstanen hunn, da sinn effektiv déi Parkplaze geduecht fir d'Clienten déi op d'Plaz kommen. Ass dat esou ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Déi Parkplaze si geduecht fir d'Autoen dohinner ze stelle wann eng Stee ass.

Guy Brecht (LSAP):

Et ass jo scho virdrun ugeklongen, datt vun deene Garagen, déi am Zoning sinn, der op mannst zwou e Manktem u Parkplazen hunn. Mir kënnen eis selwer vum Chaos, deen heiansdo do herrscht, iwwerzeegen. Mir mussen awer dofir suergen, datt déi Garagen net elo vun deene Plaze profitéiere fir hir eegen Autoen – déi eventuell gefléckt sinn - dohinner ze stellen, während der Zäit wou déi Parkplaze solle fir de Public disponibel sinn. Net datt déi Parkplazen elo nëmme vun de Garage benotzt ginn.

Ech hunn och nach eng aner Saach, déi vläicht banal ass. LuxPétange Invest S.A. mat Sëtz zu Contern, ass

deen Numm esou gewollt, oder wou kënnt dat hir ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wann eng Firma gegrënnt gëtt, a wou déi dann hire Siège huet, fält net ënnert d'Kompetenz vun enger Gemeng.

Guy Brecht (LSAP):

Ech schwätzen net vum Siège, mä vum Numm 'LuxPétange S.A.'.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

D'Dénomination sociale vun enger Firma läit net ënnert der Kompetenz vun engem Gemengerot. An ech weess net, ob mir eng Handhab op en Numm hunn, deen sech eng Firma wëll ginn.

Mir solle kucken, datt mir vun eiser Säit aus eis Aufgab maachen. All déi Saachen, déi zum Schluss hei opgefouert gi sinn, an déi sécherlech e Problem kënnen duerstellen – ech wëll dat elo net vun der Hand weisen – falen an de Kompetenzberäich vun aneren Instanzen. Wann et wierklech elo eppes wier, wou eng Gefor géif entstoen, z.B. duerch Produkter déi do gelagert ginn, oder duerch Aktivitéiten déi do geschéien, dann ass et sécherlech de Buergermeeschter deen och eng gewëssen Aufgab a Responsabilitéit huet. Mä hei sinn ech mer net bewosst, datt an deem Zoning do, an duerch déi Aktivitéit, déi offiziell do ugesot ass, iergendee gesondheetlechen oder anere Problem fir eis Bierger sech géif stellen. Wann awer elo, esou wéi den Här Becker et gesot huet, Aktivitéite stattfannen déi net 'en règle' sinn, wann do Vidange gemaach ginn déi net virgesi sinn, da kënne mer do réagéieren an dann agéiere mer och. Fir awer elo d'Aktivitéite vun däer Firma ze kontrolléieren, sinn ech net kompetent an ech wëll mech och net dorëm këmmeren.

Accord avec 8 voix (CSV, DP) contre 1 voix (Déi Gréng) et 6 abstentions (LSAP).

Guy Brecht (LSAP):

Mir hunn eis als LSAP enthalen, well déi Saach an eisen Aen nach e bësse 'flou' ass.

3.6.

Propriétés.

Acquisition, de la part de M. Robert Berg, de Niederkorn, M. Paul Berg de Machtum et de M. Jules Berg, d'Echternach, de deux terrains boisés sis à Lamadelaine, lieu-dit « Oberts Blenken » - décision de principe – explications par Mme Raymonde Conter-Klein.

Les deux terrains boisés ont une contenance totale de 35 ares 60 centiares. L'acquisition se fait au prix de 4.000 € et elle est faite dans un but d'utilité publique (arrondir le domaine forestier de la commune).

Norbert Pierre (LSAP):

Ech kann de Schäfferot an dëser Saach nëmmen ënnerstëtzen. Wa mer kënne Bësch an eise Patrimoine bäikréien, da solle mer deen och opkafen, an dat och fir de Grüngürtel ze garantéieren an d'Spekulatioune kënnen ewechzehalen.

Camille Bosseler (CSV) :

Ech gesinn déi Saach och esou. An hei handelt et sech ëm Leit, déi u sech net méi hei an der Gemeng sinn, an de Bësch géif – wéi soll ech soen – e bësse verkommen. An dee Moment wou mir en elo hunn, kritt de Fierschter och d'Iwwersiicht iwwert dat, wat muss dra geschafft ginn, watfir aal Beem erausgeholl musse ginn, a wat nei muss geplanzt ginn. Ech fannen et nëmmen eng gutt Saach, datt mer an déi Richtung ginn, a wann nach iergendwou esou eppes soll sinn, da solle mer dat och esou séier wéi méiglech opkafen. Well wann et an der Hand vun der Gemeng ass, dann ass et ëmmer anstänneg geréiert.

Accord à l'unanimité.

3.7.

Propriétés.

Contrat d'entretien et de dépannage du monte-charge au bâtiment de l'Harmonie Municipale de Pétange, rue de la Chiers – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et ëm en 'Contrat d'entretien' vun engem Monte-charge, dee mer am Gebai vun der Péitenger Musek agebaut hunn. Dee Kontrakt beleeft sech 378 € hors TVA d'Joer. Dofir kënnt d'Firma 'Beil Ascenseurs' 3 mol am Joer eng Visite maachen. Si stinn och 24/24 Stonnen zur Verfügung fir wann eng Panne sollt sinn.

Carlo Gira (CSV) :

Wier et net méi logesch, wann een esou Kontrakter direkt géif maache wann een esou Apparater a Fonctioun hëlt ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dee Kontrakt ass elo gemaach ginn nodeem de Monte-charge vläicht ee Joer leeft. An zwar ass dee Retard och komm, well e Changement am Organigramme vun de Gemengenservicer komm ass. An deen Dossier hei ass vun engem aneren Techniker iwwerholl ginn, an deen huet sech dann elo beméit fir dee Kontrakt op d'Been ze setzen.

Albert Muller (LSAP):

Huet déi Firma Beil dee Lift geliwwert an installéiert ? Hei geet och Rieds vun 3 Visite pro Joer. Esouwäit ech aus menger Praxis weess waren dat ëmmer 11 Visite pro Joer.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dat hei ass nëmmen e Monte-charge, an do brauchen nëmmen 3 Visite pro Joer gemaach ze ginn. Bei engem Persounelift, oder wann de Lift an engem ëffentleche Gebai ass, mussen et der 11 sinn. Bei dësem Monte-charge ginn och nëmmen Instrumenter vun der Musek transportéiert. En ass net fir Persoune geduecht.

D'Firma Beil huet dee Monte-charge och installéiert.

Albert Muller (LSAP):

Da steet och nach am Kontrakt, ënnert clauses particulières' :

'Avant de prendre l'installation en charge, le constructeur estime nécessaire à la bonne exécution du contrat, d'effectuer préalablement les travaux et remplacements repris suivant détail sur l'offre'. Ass dat gemaach ginn ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Dat ass gemaach ginn.

Albert Muller (LSAP):

Dann nach e bësse méi eng speziell Fro : Ass de Patron vun däer Firma hei Famill mat engem Fonctionnaire dee bei eis hei schafft ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Esouwäit ech weess net.

Approbation à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

3.8.

Propriétés.

Remplacement du matériel roulant saccagé : acquisition de deux fourgonnettes pour le service des bâtiments – approbation du devis et vote d'un crédit spécial - décision.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Wéi der wësst, hate mer en Abroch an eise Site zu Lamadelaine, an et goufen

'actes de vandalisme' do virgeholl. D'Police huet och déi Schëlleg interpelléiert, esou datt dës Affaire fir de Moment um Parquet ass.

Den Dédommagement vun de Reparaturkäschte ass chiffréiert ginn op 25.548,60 €. An deem Zoustand wéi eis Camionnette fir de Moment sinn, kënne mer se net méi fuere loossen. De Wäert vun de Camionnette gëtt nach op 4.600 € geschat.

Mir si fir de Moment um Geriicht, a mat den Assurance si mer am gaangen ze kucken, ob mer an deem ganze Kontext net nach e puer Euro weider kënne kréien, vu datt et jo keen normalen Unfall war, mä et sech ëm Vandalismus handelt. Mä mer musse fir d'éischt déi ganz Geschicht um Parquet ofwaarde fir ze kucke wéi d'Urteel ausfält.

An der Tëschenzäit musse mer awer déi Camionnetten ersetzen, an dofir géif ech iech biede fir haut e Spezialkredit ze stëmmen. An ären Ënnerlage fannt der och en 'devis estimatif'. An zwar bräichte mer eng Fourgonnette fir eis Elektriker (15.269,87 €) an eng Fourgonnette fir den Installateur sanitaire (13.848,45 €). Mat der TVA, an dem 'Divers' wéi z.B. d'Schréften, déi nach ubruecht musse ginn, géife mer 35.000 € brauchen. Wann natierlech d'Reprise vum Garage sollt 4.600 sinn, da géife mer nëmmen ronn 31.000 € brauchen. Mir hunn awer geduecht fir de Chiffer emol op 35.000 € eropzesetzen, fir datt mer e wéineg Loft behalen, deemno watfir Imprévuë sech nach géife weisen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech hu kee Problem fir déi Camionnetten ze kafen. Ech gesinn awer an der Beschreiwung vun deene Ween, datt keen Equipement fir den Telefon virgesinn ass. Ass näischt esou virgesinn ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Esouwäit ech weess, sinn eis Ween nach net mat esou engem Equipement ausstaffëiert. Eis Techniker hunn en Handy an der Täsch, a Verschiddener hunn och nach e Funk.

Norbert Pierre (LSAP):

Mä dat muss dach am Auto installéiert sinn. Well wann een op engem Auto fiert, a wann een en Handy huet, da muss een eng Statioun hunn, wou een den Telefon drasetzt. Well iwwert dem Fueren däerf een den Telefon net an de Grapp huelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir sollen elo 35.000 € deblockéieren. Den zoustännegen Techniker huet eis dat virgerechent, an ech hoffen, datt hien dat och alles mat iwwerluegt huet. Mir ginn him elo 35.000 € an da muss e kucken, datt en domatter duerkënnt.

Albert Muller, LSAP:

Et geet u sech ëm eng Prinzipiegeschicht. Ech hunn e puer mol heibannen intervenéiert, datt mer sollen Devise maachen déi detailléiert wieren. Bei deem heiten Devis fannen ech awer dee 'Komma 87' a 'Komma 47' e bëssen iwwerdriwwen. Ech hätt déi Centen einfach beim 'Divers' matgeholl, an dann hätte mer bei de Ween ronn Chiffere gehat. Mä, wéi gesot, d'Devisë brauchen net esou präzis ze sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir soen deene Beamten dat, datt se solle präzis sinn, awer net esou präzis.

Camille Bosseler (CSV) :

Waren déi Autoen, déi beschiedegt goufen, kuerzgeschloss gi fir kënnen domatter ze fueren ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Neen, déi Autoe stoungen an dem Hall selwer. An aus Sécherheetsmesuren hunn d'Pompjeeë gäre gehat, datt mer sollen d'Schlëssele draloossen, fir datt, wann eng Kéier sollt Feier sinn, si d'Ween och séier erauskréien. Mir hunn awer elo aner Systemer fonnt. Mir maachen elo e Schaf wou d'Schlëssele drakommen, an d'Pompjeeën hunn dann e Schlëssel fir dee Schaf opzespären. Dat verhënnert awer net, datt dee Schaf net och kann opgebrach ginn. Et soll een sech näischt virmaachen an deem Kontext. An deem heite Fall louchen d'Schlëssele vun deenen zwee Autoen an de Ween selwer.

Camille Bosseler (CSV) :

Et soll engem awer trotzdeem ze bedenke ginn, datt een d'Schlëssele soll vun den Autoen erofhuelen, net datt, wann agebrach gëtt, een einfach mat den Autoe ka fortfueren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

D'Schëssele hunn net um Kontakt gestach, mä si louchen am Auto.

Roland Breyer, Schäffen :

Fir datt net eng falsch Meenung opkënnt, soll een awer och soen, datt, wann dir doheem an ärer Garage de Schlëssel um Auto stieche loosst, an den Auto gëtt geklaut, da sidd der verséchert. Wann dat baussen op der Strooss geschitt, da sidd der net verséchert. Dat heescht, esoubal et um Domaine public geschitt, da kënnt keng Assurance dofir op. Ass et um Domaine privé, esouguer an der Garagenentrée, op ärem Privatterrain, an der hutt de Schlëssel dropstiechen, dann ass den Auto verséchert. Et huet also keng Incidence op d'Responsabilitéit oder d'Garantien.

Accord à l'unanimité.

4.1.

Personnel.

Création d'un poste d'expéditionnaire administratif à mi-temps (50% d'une tâche normale) sous le statut du fonctionnaire communal (m/f) – décision.

Roland Breyer, Schäffen :

Mir wollten iech haut froen, fir e Posten an eisem Office des citoyens ze schafen, an dat aus den Iwwerleeungen eraus, datt d'Madame Francine Gaspar, déi Préposée vum Umeldebüro ass, wëlles huet Enn d'nächst Joer an d'Pensioun ze goen. Am Sënn vum Iwwergang hu mer schonns eng Publication interne gemaach fir ze kucken, wien sech heibanne fir dee Poste géif interesséieren. Et huet sech erausgestallt, datt 2 Persounen interesséiert wieren, déi fir de Moment awer nëmmen zu 50% schaffen. Laut dem neie Gesetz vum 5. August 2006 wollten déi awer elo zu 75% schaffe kommen. Well mer dat wëssen, wollte mer d'Rechnung esou maachen, datt mer fir de Moment 1 Persoun zu 100% an zwou Persounen zu 50% hunn. Wann déi 2 Persounen elo zu 75% géife schaffe kommen, da géifen duerno nach 50% feele wann d'Madame Gaspar bis a Persoun ass.

Mir wëssen och, datt en neien administrative Beamte fir d'éischt emol muss an den INAP goen, an datt et doduerch och e Strapp dauert, bis dee kann definitiv hei schaffen. Mir wëssen och, datt an deem Service e Congé de maternité fir 2008 usteet. Aus deem Ganzen eraus hu mer d'Iwwerleeung gemaach fir e Poste vun engem 'expéditionnaire administratif' ënnert de Statut vum Gemengebeamten ze schafen, an donieft awer e Poste vun engem 'employé privé' ausschreiwen, an dat 'à durée déterminée' vum 01.01.2008 bis den 31.12.2008. Dat heescht, wa mer do en 'employé privé' astellen, da kann deen direkt ufänke mat schaffen, an esou de Congé de maternité iwwerbrécken. Et ass och net ausgeschloss, datt dee Privatbeamten den Examen als Expéditionnaire ka maachen, an datt en duerno definitiv kann agestallt ginn.

Dat ass och mat der Delegatioun ofgeschwat ginn, a si hunn och e positiven Avis dozou ofginn. Et gouf

och mam Ministère ofgeschwat, fir datt dat an der richteger Form ofleeft.

Albert Muller, LSAP:

Ech sinn der Meenung, datt de Libellé vun der Délibératioun net richteg ass. Do gëtt vun engem 'remplacement d'un expéditionnaire administratif' geschwat. Et ass awer éischter eng 'création de poste'. Dat miisst ee vläicht an deem Sënn ëmänneren, well jo effektiv e Poste geschafe gëtt.

An deem Kontext wollt ech nach eng aner Fro stellen. Mir hunn an enger vun deene leschte Gemengerots-sëtzungen driwwer befonnt, wien de Sekretär, respektiv de Receveur soll remplacéieren, wa se a Pensioun ginn. Do réckele Leit no. Mä wat geschitt um Enn vum Schwanz. Do muss jo awer ob eemol e Lach entstoen, wou och do musse Leit genannt ginn. Kënnt dir mer vläicht soen, wéi dat sech do développéiert ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wat de Volet ubelaangt, wéi de Libellé vun der Délibératioun soll sinn, esou kann een dat änneren. Dat wat awer wichteg ass, dat ass dat wat an der Délibératioun dra steet. An et steet jo an der Délibératioun dran, datt mer dee Poste schafen.

Wat déi aner Saach ubelaangt, esou wësst dir jo, datt mer déi fräi Posten intern am Haus ausschreiwen. Et hu sech op d'Poste vum Sekretär a vum Receveur Leit vun heibanne gemellt, an déi goufe vum Gemengerot drop genannt. Duerno hu mer deenen hir Plazen intern ausgeschriwwen, fir ze kucken, ob ee vun heibannen drun interesséiert ass. Mä et ass richteg, datt um Schluss 2 Posten iwwereg bleiwen, fir déi sech kee méi heibanne fënnt, an déi 2 Poste mussen dann ausgeschriwwe ginn. An déi Leit, déi sech vu baussen op déi Plaze mellen, musse fir d'éischt en Exame maachen. Mir ginn och dovunner aus, datt mer déi Plaze Mëtt 2008 ausschreiwe wäerten.

Albert Muller, LSAP:

Et ass kloer, datt, wann der zwee fortginn, der zwee mussen noréckelen. An iergendwa kënnt een op de Punkt, datt een déi net méi kann aus dem eegene Personal rekrutéieren. An da mussen 2 Leit vu bausse rekrutéiert ginn. À moins datt een den Organigramm géif änneren, well een dee Posten net méi brauch.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat wier natierlech och eng Méiglechkeet. Eng aner Méiglechkeet wier awer och, datt eng Persoun, déi fir de Moment nëmmen hallef Deeg schafft, décidéiert fir zu 100% schaffen ze kommen. An da brauche mer nëmme méi en Hallwen auszeschreiwen.

Wéi gesot, déi Méiglechkeete stinn nach all op, a mer sinn nach mat der Prozedur am gaangen, a bis Enn vun dësem Joer wäerte mer Kloerheet hei intern hunn, an duerno musse mer ufänke mat den externe Publikatiounen.

Accord à l'unanimité.

4.2.

Personnel.

Création d'un poste d'artisan CATP dans le métier de l'instructeur de natation (m/f) sous le statut d'un employé privé pour le terme de 12 mois – décision.

Roland Breyer, Schäffen :

Hei hätte mer dee selwechten Szenario wéi bei deem Punkt virdrun, just datt et sech ëm eng aner Carrière dréit. D'Madame Annette Zimmermann-Origer ass säit dem 1. Oktober an der wuelverdéngtener Pensioun, a mer sinn am gaangen ze kucken, wéi mer se am beschte remplacéiert kréien. Et ass och esou, datt eng gewëssen Urgence dobäi ass, well engersäits de Fonctionnement vun de Schwämme vu Rodange a Péiteng dovunner ofhänkt, an anerersäits si sech och ëm de Schwammunterrecht bei de Kanner bekëmmert huet. An deem Sënn miisste mer kucke fir ganz séier eng Léisung ze fannen, déi net der normaler 'lourdeur administrative' ënnerworf ass. Mir sinn an der glécklecher Lag, datt mer kënne konstatéieren, datt eng Persoun, déi bei eis den Apprentissage CATP an de Schwämme fäerdeg gemaach huet, qualifizéiert wier fir direkt anzesprangen, an deen démissionnaire Schwamm-meeschter ze ersetzen. Mir hunn och do mam Inneministère geschwat, ob si déi Léisung och kéinte matdroen. Si gesinn do kee Problem. Mir hunn och mat eiser Delegatioun geschwat, a si ënnerstëtzt déi Saach och. Dofir proposéiere mer haut dem Gemengerot, fir deen Apprenti 'en question' während engem Joer als 'employé privé' anzestellen, fir dee Moment Zäit ze hu fir en neien 'artisan CATP dans le métier de l'instructeur de natation' ze sichen.

Domatter kéinte mer den Iwwergang reibungslos schafen, a mer hätten Zäit fir d'Ausschreiwung vum Posten conforme virzehuelen.

Accord à l'unanimité.

5.1.

Enseignement.

Contrat de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Ratification à l'unanimité.

5.2.

Enseignement.

Création d'un poste d'ouvrier (m/f) à tâche partielle pour le service du transport scolaire – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wou mer de Schülertransport an d'Schülerbegleedung organiséiert hunn, hu mer festgestallt, datt mer zäitweis Enkpäss hunn a mer eigentlech keng Surveillance bei eise Kanner hunn. Well mer awer als Gemeng d'Responsabilitéit hu fir eis Kanner ze encadréieren, an esou ze encadréieren, datt ëmmer een Erwuessenen dobäi ass, hu mer eng Ausrechnung gemaach a festgestallt, datt eis fir de Moment bei der Surveillance 8 Stonne feelen. Dat heescht, mer hunn zäitweis net d'Méiglechkeet fir ee bei de Kanner ze hunn. Mir hunn dat fir de Moment zum Deel duerch d'Portiere kompenséiert, déi dat mat iwwerholl hunn. Dat kann awer nëmmen eng provisoresch Léisung sinn. Dofir proposéiere mer haut dem Gemengerot, fir e weidere Poste vun 8 Stonnen d'Woch ze schafe fir datt d'Surveillance no der Schoulzäit, bis datt de Bus kënnt, an och während dem Ramassage scolaire, garantéiert ass. Ech wëll och nach dobäi soen, datt mer fir de Moment e relativ grousse Problem um Niveau vum Encadrement beim Transport scolaire hunn, well eng Rei Leit krank sinn. Dat dréit och net dozou bäi, datt mer deen Service ganz gutt gemeeschtert an ofgeséchert kréien.

Roger Klein (LSAP):

Et ass jo esou, datt, wann d'Schoul aus ass, de Bus net ëmmer grad dee Moment kann do sinn, an datt d'Kanner mussen e puer Minutten op de Bus waarden. Dat ass jo eng ganz normal Saach. Ech sinn ëmmer dovunner ausgaangen, datt d'Kanner bei schlechtem Wieder ënnert dem Auvent waarden, an datt se eréischt bei de Bus gi wann deen do ass. Elo hunn ech mer awer vun enger Mamm, déi e Kand 'An Eigent' huet, soe gelooss – ech hunn dat elo net selwer kontrolléiert -, datt d'Kanner miissten ënne bei der Strooss waarden, och wann et reent. Dofir ass

och schonn de Wonsch opkomm fir e grousst Bushaischen dohinner ze setzen.

Ech sinn awer der Meenung, datt d'Kanner kéinten ënnert engem Auvent waarden, deen 30 bis 50 Meter ewech ass, a wann de Bus da kënnt, déi Kanner eréischt bei de Bus ginn. Ech wëll elo heirop net direkt eng Äntwert vun iech kréien, well ech iech mat der Fro iwwerraschen. Mä dir kënnt vläicht emol nofroen, ob dat effektiv esou ass, a wa 'Jo', firwat dat esou ass, an ob net eng aner Léisung kéint fonnt gi fir wann d'Wieder schlecht ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat do iwwerrascht mech e bëssen. Well ech weess näämlech, datt bei der Spillschoul 'An Eigent' d'Begleet-persounen, déi am Bus matfueren, esouguer d'Kanner an d'Schoul siche ginn. Dat heescht, do ass et sécherlech net esou. An der Primärschoul muss dat nogefrot a gekläert ginn. Mä dir wësst och wéi d'Kanner sinn, esouguer wann se kënnen ënnert dem Auvent stoen, dann ass awer den Drang do fir duerch de Schoulhaff ze rennen. Mir loossen dat awer nokucken, well et interesséiert mech och.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Et gouf mat Recht gesot, datt mer e relativ grousse Problem am Schüler-transport hunn. Do klappt fir de Moment net ganz vill, op jidder Fall wat Rodange ubelaangt. Vu 5 Leit ass een do. Mir schafen elo en neie Posten hei zu Péiteng, mä ech fannen, datt mer eis Gedanke musse maache well mer hu schonn eng Kéier eng Note vum Ministère kritt, datt mer mat deenen CATë sollen ophalen. Mir solle Leit engagéieren déi definitiv do sinn. Mir hunn an der Läscht ganz schlecht Erfahrunge gemaach mat deene CATen.

Mat deene Problemer, déi mer zougedroe gi sinn, fannen ech, datt mer intern an der Organisatioun vum Schülertransport och Problemer hunn. Dat gëtt net mat deem néidege Seriö ugepak, well soss géif dat doten net sinn. Dat ass meng perséinlech Meenung. Do si Saachen, déi net esou si wéi se sollen. Méi wëll ech net dozou soen, well dir wäert d'Problemer och selwer wëssen a kennen. Mä wa mer soen, datt mer eis Kanner wëllen encadréieren, da solle mer Leit engagéieren déi sech bewäert hunn, an déi da fest astellen, an déi sollen dat da maachen.

Wat kréie mer, wann ee Kontrakt vun engem CAT fäerdeg ass ? Da kréie mer eemol ee gudden, dann erëm e schlechten, an esou virun. Dat ass net dee richtege Wee fir CATen ze huelen. Et ass vläicht finanziell keng schlecht Saach, mä fir mech ass et net dee richtege Wee.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et si sécherlech keng CATen ënnert däer Form wéi een en CAT-Kontrakt huet. Wat ass reel den Encadrement vum Schülertransport. Mir hu fir de Moment 4 Leit - a mat deem, dee mer haut nach schafen, sinn et der 5 -, déi dat encadréieren, an dat miisst – wa jiddereen do ass – duergoen. Wa vu 4 Leit der zwee feelen, dat gëtt et scho méi problematesch. Mir hunn zousätzlech, an dat ass op Demande vun der ADEM komm, e Kontrakt mat der ADEM gemaach, well si gesot hunn, datt se ganz oft däer 'Mise au travail' ze maachen hätten, wou Leit enger Aarbecht mussen nogoen, a wou si Schwieregkeeten hätte fir déi Leit ze beschäftegen. An d'ADEM ass eng Kéier virun 3, 4 Joer bei eis komm, a se hu gesot, datt se drun interesséiert wiere fir esou eng 'mise au travail' op deem dote Gebitt ze maachen. An anere Gemengen hätten se dat och gemaach.

Du war et fir eis ganz kloer, datt mer déi nëmmen als Supplément géifen huelen. Dat heescht, datt eisen Service miisst fonctionnéieren ouni si. Et wier awer interessant, datt de Grupp e bësse méi grouss wier, well bei de Kanner huet een ni Leit genuch wa se zum Beispill sollen iwwert d'Strooss goen. A wa mer der ADEM domatter kéinten entgéint kommen, ware mer averstane fir e Kontrakt mat der ADEM ze maachen an eventuell esou Leit ze engagéieren.

Mir huelen och net jiddereen, mir kucken och déi Leit, an et ass schonns öfters virkomm, datt mer een net geholl hunn. A wa mer een huelen, dann ass et kloer, datt deen déi Aarbecht net alleng mécht, mä ëmmer mat engem aneren zesummen.

Mir wëssen awer och, datt eng Fra oder e Mann, deen esou eng 'mise au travail' huet, deen Dag drop kann eng Aarbecht fannen, an dann ass déi Persoun natierlech net méi do. Dat wësse mer, an dofir hu mer se och nëmmen als Complément geholl.

Mir stellen awer och fest, an do gi mer lech Recht, datt ëmmer manner Leit kommen déi mer laang halen. An och ënnert der 'mise au travail' si Leit déi krank gemellt sinn, esou datt et net esou einfach ass, an datt mer 'a priori' solle kucke fir esouwäit wéi méiglech mat eise Leit dat ofgedeckt ze kréien.

Den Haaptproblem, datt et fir de Moment net esou fonctionnéiert wéi et soll, ass, datt vu 4 Leit, déi mer engagéiert hunn, der 2 feelen. An all Betrib, wou d'Halschent vun de Leit feelt, kann net honnertprozenteg dréinen. Dofir hu mer gesot, datt mer elo sollen eng fënneft Persoun dobäihuelen. Et kann och sinn, datt mer fréier oder spéider nach e 6. dobäisetzen. Mir wäerten awer och déi ganz Reorganisatioun vum Ramassage scolaire maachen. Déi ass awer eréischt méiglech, wann d'Strooss fir an d'Sportshal zu Rodange fäerdeg ass. Da kënne mer dee ganze Ramassage scolaire zu Rodange aneschters organiséieren. An dat wäert no der Allerhellegevakanz sinn.

Ech sinn awer der Meenung, datt an däer heite Situatioun d'Premissen an d'Schwieregkeeten esou komplizéiert sinn, datt mat allem gudde Wëllen – an ech wëll ganz kloer soen, datt déi Leit, déi dat doten organiséieren, laang am gaange si mat tüfftelen – net méiglech ass den Encadrement zu 100% ze garantéieren. An dat ass de Grond firwat mer dee Posten elo wëlle schafen, an eis e weider Sputt ze ginn, wann esouvill Leit krank sinn.

Lily Gansen (LSAP):

Här Buergermeeschter, ech fannen, datt dat doten en Thema ass, wou mer eis alleguerte sollen 'à tête reposée' driwwer ënnerhalen. Well wann een hei gesot kritt – ech weess elo net ëm wien et sech do handelt – well fir mech gëtt et näischt méi Schlëmmes fir Leit, déi net kompetent sinn, bei Kanner ze setzen. Ech fannen et normal, datt een alles versicht fir deene Leit, déi eng Aarbecht sichen, dat och ze erméiglechen. Mä ech fannen et dee schlechste Wee fir se da bei Kanner ze setzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Och wann Dir dat sot, esou wëll ech awer elo net den Uschäin hei ginn, datt déi Leit net kompetent wiere fir bei Kanner ze schaffen.

Lily Gansen (LSAP):

Wann een awer d'Kritiken héiert, dann deet et mer awer Leed. Et muss een duebel virsiichteg sinn, wann et ëm Kanner geet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Maacht lech keng Illusiounen, dat si mer och.

Lily Gansen (LSAP):

Et kéint een awer kucke fir aner Léisungen ze fannen. Et kéint een de Kader radikal erweideren. Et kéint een de Leit méi Stonnen ze schaffe ginn, esou datt se och méi verdéngen.

Doduerch wieren d'Leit och méi motivéiert fir schaffen ze goen, an da wieren se vläicht net esouvill krank. Well krank a krank ass zweeërlee. Ech mengen, den Här Bosseler weess vu wat ech schwätzen. A wann de Kader méi grouss wier, da kéint ee méi mat deem spillen. Well d'Aarbecht gëtt, mat deem wat an eiser Gemeng gebaut gëtt, net manner. Et ginn ëmmer méi Kanner, déi musse begleet ginn, an do dierf et eis zu kengem Moment ze deier si fir dat esou op d'Been ze bréngen, datt et ka garantéiert ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Do ginn ech lech komplett Recht. An dofir wëlle mer och dee Poste schafen, well mer bei de Kanner, esoulaang mer se ënnert eiser Obhut hunn, eng Persoun mussen dobäi hunn. Dofir ginn och schonn zum Deel d'Kanner vun enger zousätzlecher Persoun begleet, wa se zum Beispill an d'Turnhale ginn.

Et kann ee sécherlech deen Service nach ausbauen, mä ech sinn der Meenung, datt, wa mer déi Persoun hei hunn, a wann et normal fonctionnéiert, et mat deene 5 Leit duergeet. Mä wa vun deene 5 Leit der 4 net do sinn, da gëtt et problematesch. An an däer Situatioun si mer elo, an dofir hu mer miissten d'Portiere mat dobäihuele fir eng gewësse Surveillance ze assuréieren.

Mä esou eng Situatioun kann nëmmen temporaire sinn, a wa mer elo déi 5. Persoun dobäi hunn, a wann och déi Reorganisatioun ab dem 1. November zu Rodange fonctionnéiert, da komme mer an e System deen an der Rei ass an dee richteg fonctionnéiert.

Lily Gansen (LSAP):

Hoffe mer, datt Dir Recht behaalt. Mä datt vu 4 Leit der 2 permanent krank sinn, ass net normal.

Accord à l'unanimité.

6.

Urbanisation.

Projet d'aménagement particulier concernant la construction d'un complexe résidentiel à Rodange, route de Longwy – approbation provisoire (2e lecture).

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dëse Projet hate mer de 5. Mäerz 2007 schonn eng Kéier op der Dagesuerdnung. Dunn hate mer jo eestëmmeg eng 'approbation provisoire' zu deem PAP ginn. Hei soll e 'complexe immobilier' zu Rodange realiséiert ginn. Do wou dee fréiere Casino vun der Schmelz stoung, sollen 2 Residenze gebaut ginn. Op Grond vun engem Avis vun der Commission de l'aménagement vum Inneministère hu mer eng Rei Remarquë guttgeheescht an och iwwerholl. Mir sinn awer och op Grond vum Avis – si haten eis gesot, datt se gären e Wee op enger Plaz hätten – higaangen, an hunn e Wee op eng Plaz gemaach, mä doduerch soll d'Spillplaz, déi dohinner soll kommen, méi kleng ausfalen.

Dat war awer e gréissere Problem, well de Plang, dee PAP, dee mir hei am Gemengerot approuvéiert haten, op dem Punkt vun der Gréisst vun der Spillplaz aneschters war wéi dat, wat d'Commission de l'aménagement aviséiert hat. Et huet eng relativ laang Zäit gedauert, bis ech mech hannert deen Dossier geklemmt hunn, a wësse wollt, firwat deen Dossier net aus der Stad erëmkomm ass. An et huet sech erausgestallt, datt grad dat e 'vice de forme' wier. Dat heescht, mir dierfte keng Ännerung un der Surface vun der Spillplaz virhuelen, well et eng Situatioun wier, déi Commissioun schonns aviséiert hat. Well wa mer dorunner eppes géifen änneren, miisste mer d'Prozedur erëm vu vir ufänken.

Mir waren awer der Meenung, datt mer dat kéinte maachen, well mer et jo op Grond vun enger Propositioun vun der Commission de l'aménagement, fir dee Wee ze maachen, gemaach hunn.

Dat war deen ee Punkt. En anere Punkt, op deen eis de Ministère opmierksam gemaach huet, ass deen, datt tëscht deem Casino an der Gendarmerie nach en Terrain läit, deen dem Stat gehéiert. An do huet de Ministère gesot, an dat gouf och ënnerluecht mat deem neie Gesetz iwwer den Aménagement du territoire, datt een do miisst e Projet directeur maachen, an dat och iwwer een Terrain, deen engem net gehéiert. Et miisst ee weisen, wéi deen Terrain kéint ausgesinn, och wann ee weess, datt dat vläicht ni esou realiséiert gëtt.

Dat waren déi zwee Punkten, wou de Ministère eis gesot huet, datt mer do net richteg géife leien. No längeren Diskussiounen, an nodeem mer mat dem 'maître d'ouvrage' och verhandelt hunn, hu mer de 4. Oktober nei Pläng krut op deenen dann deene Saache vum Ministère Rechnung gedroe gëtt. Esou gouf engersäits dee Wee nees ewechgeholl, an d'Spillplaz krut erëm déi urspréngleich Gréisst. Et koum vir erlaanscht en anere Wee, deen e bësse méi sécuriséiert ass, fir op d'Spillplaz ze kommen. Dat ass och esou mam Ministère esou ofgeschwat ginn, esou datt dat kee Problem méi dierft duerstellen. Mir hunn och d'Pläng deementspriechend adaptéiert, a mer hunn ee Plan directeur vum Promoteur ausschaffe gelooss, deen eis weist, wéi deen Terrain niewendrun, deen dem Stat gehéiert, kéint aménagéiert ginn.

Mir mussen dat hei also elo nach eng Kéier duerch de Gemengerot huelen. Wa mer dat elo approuvéieren, da gëtt et nach eng Kéier ausgehaangen, an duerno geet et an de Ministère. Mir sinn awer esouwäit, datt de Ministère eis versprach huet, datt et direkt géif approuvéiert ginn. Déi Korrekturen, déi mer virgeholl hunn, si mat hinnen esouwäit ofgeschwat, datt mer net nees eng Iwwerraschung kréien.

Jeannot Linden (LSAP):

Mir waren op enger Versammlung vum Syvicol zu Déifferdang, an do ass gesot ginn, datt déi 'Projets directeurs' emol guer net juristesch bindend wieren. Doduerch verstinn ech net, datt en Inneministère enger Gemeng kann d'Messer op d'Broscht setzen a soen, datt se keng Autorisatioun gi wann et net gemaach gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wou déi Interventioun vum Ministère komm ass, hunn ech mer och selwer dat Gesetz vu 19. Juli 2004, datt den 19. Juli 2005 modifizéiert gouf, nach eng Kéier op d'Long gezunn, an et steet effektiv an deem Gesetz, datt ee bei engem PAP muss och weisen, wéi deen Terrain niewendru kéint aménagéiert ginn. Net datt duerch de Projet d'Viabilitéit vum deem Terrain niewendru géif a Fro gestallt ginn. An deem heite Fall stéisst deen Terrain awer och un d'Strooss, esou datt ech géif unhuelen – an dat hunn ech hinnen och gesot –, datt wann eng Kéier eppes do geschitt, de Stat sécherlech wäert déi ganz Gendarmerie ewechrappen an eppes ganz Grousses dohinner opriichten. Ech ka mer net virstellen, datt nëmmen eppes op deem klengen Terrain géif geschéien. Dee klengen Terrain huet sech de Stat nëmmen als Reserve gehale fir wa se eventuell eng Kéier wéilte vergréisseren.

Et steet am Text dran, an dat ass mer och bewosst ginn. An nächster Zukunft wäert eisen techneschen Service dorop oppassen, fir datt mer dee Feeler net méi maachen.

Och mam Wee, dee mer dohinner wollte maachen, hu mer geduecht, mir géifen et gutt maachen, och wann doduerch d'Spillplaz e bësse méi kleng géif ginn. Mä duerno gëtt dat als 'vice de forme' duergeluegt.

Mir sinn eis awer elo mat hinnen eens, datt mer net nach eng Kéier mussen en Avis froen. Wa mer déi Ännerungen elo hei virhuelen, da kréie mer aus der Stat d'Approbatioun, an da si mer iwwert d'Ronnen.

An ech wëll nach eng Kéier ervirsträichen, datt dee Projet hei gutt ass, och wa verschidde Leit am Ministère net däer Meenung sinn.

Approbation à l'unanimité.

7.

Sports et loisirs.

Convention d'achat exclusif, avec la société Munhowen S.A. d'Ehlerange, et mise à la disposition de matériel pour la buvette du hall polyvalent de Rodange – approbation.

Gilbert Welter, Schäffen :

Dir wësst, datt d'Sportshal zu Rodange fonctionnéiert. Mir hunn dann och mat Munhowen S.A. den 10. August eng Conventioun ënnerschriwwen, an däer festgehale gouf, datt eis Administratioun sech engagéiert fir exklusiv, an ouni Zwëschenhändler, bei der Firma Munhowen d'Gedrénks fir d'Rodanger Sportshal ze kafen, an dat iwwert en Zäitraum vun 9 Joer. Duerno kann de Kontrakt entweder annuléiert, oder fir déi selwecht Zäit verlängert ginn. Als Géigeleeschtung kréie mer gratis de Comptoir mat der Zapanlag, wou och den Entretien vun der Zapanlag mat abegraff ass, e Fläschefrigo, d'Spullanlag, Aluminiumsrolluede fir de Comptoir zouzemaachen, eng Schibedier fir d'Reserve vum Béier, 29 Dëscher, 75 Still, 35 Hockeren an Lizenz 'de cabaretage'.

Dat Ganzt hu se op 55.954,62 € geschat. Weider steet an der Conventioun, datt d'Brauerei baussen a bannen dierf eng Publicitéit maachen, an datt fir d'Ouverture, den 22. Oktober 2007, d'Firma Munhowen eng Annonce an enger Dageszeitung mécht, respektiv eis d'Glieser an d'Material, souwéi de Fräibéier gratis zur Verfügung stellen.

Albert Muller (LSAP):

Et ass e wonnerbare Kontrakt deen hei realiséiert gëtt. Mä et fält mer op, datt am Kontrakt de Vermierk feelt, datt am Fall vun engem Litige déi Lëtzebuerger Geriichter dofir zoustänneg sinn.

Gilbert Welter, Schäffen :

Am Artikel 12 vum Kontrakt steet et dran. Do steet 'en cas de désaccord sur la nomination de l'arbitre, celui-ci sera désigné par le président du tribunal d'arrondissement compétent, saisi à la requête de la partie la plus diligente'.

Albert Muller (LSAP):

Ech sinn awer der Meenung, datt do miisst ausféierlech drastoen, datt d'Geriichter vu Lëtzebuerg zoustänneg sinn. Net datt se eis zum Beispill op Arel schécken.

Gilbert Welter, Schäffen :

Et ass jo awer hei keen Auslänner mat am Spill.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Kommt, mir stëmmen elo dat heiten. Mir kënnen awer nach eng Kéier mat der Firma Munhowen schwätze fir ze kucken, ob se kee Problem hu fir dee Saz do bäizesetzen. Ech kann lech awer versécheren, datt ee bei esou Solutiounen net ganz vill Litigen huet. Mir hunn näämlech méi dovunner wéi dat, wat mer hinne ginn.

Albert Muller (LSAP):

Ech wëll net onbedéngt haartnäckeg sinn. Mä et ass ëmmer gutt, wann et drasteet. Ech weess dat aus eegener Erfahrung. Et ass nëmmen ee Saz bäizesetzen, an dat kascht net ganz vill, an dann ass et och ee fir allemol kloer.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir kucken, ob déi Ajoute ka gemaach ginn.

Roger Klein (LSAP):

Ech hunn och un der Conventioun näischt auszesetzen. Ech hu just eng Fro : Mir kafen hei verschidden Zorte Béier, a mer kafen hei verschidden Zorten alkoholescht Gedrénks. Ech ginn also och dovunner aus, datt mer déi och an däer Hal dierfe verkafen. Dofir wollt ech froe wéi dat mat der Konzessioun a mat der Gérance geregelt ass ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dee Kontrakt gëtt gemaach, an dee kënnt och nach eng Kéier an de Gemengerot. Dir kënnt dovunner ausgoen, datt am nächste Gemengerot déi Propositioun um Dësch läit.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hunn och näischt un der Conventioun auszesetzen. Ech fanne just, datt mer et elo net méi laang nach sollen änneren, well e Méindeg mécht d'Hal schonn hir Diren op. Hätte mer déi Conventioun dann net scho kënnen éischter hei um Dësch hunn ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir hunn dee Kontrakt ganz genee duerchgekuckt – an awer nach net genuch, well laut dem Här Muller feelt nach eppes dran – an dofir huet et esoulaang gedauert. Bei esou Saache sinn et awer ëmmer déi zwee Partner, déi mussen zesumme kucken. Sécherlech hätt ee kéinte versiche fir e Mount éischter domatter an de Gemengerot ze kommen, mä et war och Vakanz. Et ass awer elo do, a mer fonctionnéieren den 22. Oktober ouni Problem.

Accord à l'unanimité. M. Gira, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.

Enseignement musical.

Organisation scolaire pour l'année 2007/2008 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dir hutt elo haut déi definitiv Schoul-organisatioun vun der Musekschoul 2007/2008 virleien, nodeem datt mer déi provisoresch schonn a Juli gestëmmt haten. Ech géif dann elo eisem President vun der 'commission de surveillance' vun der Musekschoul d'Wuert ginn.

John Polfer (CSV) :

Nom leschte Stand hu mer 534 Aschreiwungen. Detailer doriwwer fannt der jo an ärem Dossier. Déi Unzuel vun Aschreiwunge beweist, datt eis Musekschoul eng gutt Renommee huet. Dofir wéilt ech vun dëser Plaz aus deenen 33 Enseignanten, mat der Directrice an dem administrativen Direkter, Merci soe fir déi gutt Organisatioun. Da wëll ech och op déi gutt Zesummenaarbecht tëscht de Musekschoulen aus dem Kordall hiweisen. Et wier och net schlecht, wann et eng obligatoresch Musekschoul an alle Gemenge géif ginn.

E Problem gëtt et bei der Wiel vun den Instrumenter. Et sinn der ëmmer manner déi e Blechinstrument wielen. Et mengt een, datt eis Jugend sech ëmmer méi fir doheem, op engem Camping oder vläicht nach héchstens an enger Big Band wëllen engagéieren, a wielen däer Instrumenter.

Wat sinn haut deene Jonken hir Usprëch ? Eis Museke kënnen zwar op ganz vill Joeren a vill Erfahrung zeréckkucken, mä wat wëllen eis Jugendlech eigentlech an der Musek nach léieren ? Wann ee viru 50 Joer op eng schéin Uniform an op d'Cortègen houfreg war, esou ass dat haut net onbedéngt méi de Fall. Hei miissten d'AEM, d'UGDA an aner Gremien aus

dem Beräich Musek sech zesummesetzen, a mat hiren Erfahrungen d'Usprech vun der heiteger Jugend diskutéieren, fir datt mer erëm e gesond Gläichgewiicht do realiséieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech ginn lech Recht. Mir haten dat och méi rezent schonn eng Kéier diskutéiert, an ech hat mer och d'Zuele vum Réckgang bei verschiddenen Instrumenter e bëssen ugekuckt. Esou gesäit een zum Beispill, datt bei de Klarinetten an 3 Joer d'Zuel vun 29 op 17 Schüler zeréckgaangen ass. Och bei de Saxophoner hate mer nach virun 3 Joer 49 Schüler. Haut hu mer der bei deem Instrumenter nach 28. Dat bréngt och Personalproblemer mat sech. Well mir engagéiere jo Leit, déi di Instrumenter sollen enseignéieren, a wann déi natierlech vun haut op muer manner Schüler hunn, da gëtt dat e Problem. Op anere Plaze musse mer zousätzlech Poste schafen, well do d'Zuel vun den Instrumenter eropgeet. Mir kréien also doduerch Verschibungen, déi engersäits personalpolitesch Problemer duerstellen, an anerersäits och fir eis Museken e Problem duerstellen. Well et muss ee sech Gedanke maache wéi eng Musek nach ka fonctionnéieren, wa grad an deenen doten Instrumenter esou ee Réckgang ass. Mä ech hunn och keng Léisung parat, wéi een deem kann entgéintwierken. Mä et soll een sech awer Gedanken driwwer maachen.

Wat d'Schülerzuel ubelaangt, esou stellen ech och fest, datt mer d'lescht Joer – wou mer agefouert haten eppes ze froe fir déi, déi vun auswäerts kommen – e Réckgang vun 8% haten. Mir waren deemools vun 568 op 518 Schüler erofgaangen. Mir leien awer elo erëm bei 534 Schüler, esou datt mer elo a Barrage leien, déi raisonnabel sinn an déi fir eng Musekschoul wéi Péiteng a Norme leien, déi mer zanter deene leschten 10 Joer kannt hunn.

Et ass sécherlech esou, datt d'Zuel vun deenen Auswäertegen zeréckgaangen ass. Mir hunn haut nach 223 'non- résidants'. Virun 2 Joer loung déi Zuel nach bei 260. Mir kënnen och feststellen, datt eis Zuel vu Schüler quasi d'selwecht, wann net esouguer liicht eropgaangen ass par rapport zu deem, wat mer an deene leschten 3 Joer haten. Dat heescht, mir si vun 306 op 311 Schüler eropgaangen. Dat heescht, 58% vun eise Schüler kommen och aus den Uertschaften aus eiser Gemeng. Virun 2 Joer war dat nach e bëssen aneschters, do louch dee Prozentsaz nëmme bei 54 %.

Bei deenen Erwuessenen hu mer e Réckgang ze verzeechnen. Virun 2 Joer hate mer nach 90 Schüler, d'lescht Joer hate mer der nach 68 an dëst Joer hu mer 76 Schüler. Dat heescht, mir leie bei deenen Erwuessene méi déif wéi virun e puer Joer. Déi Erwuesse maachen 14% vun eise Schüler aus.

Wat opfält – an dat ass jo eng gutt Saach, well mer hu jo eng Conventioun mat deene 4 Gemengen Déifferdang, Käerjeng, Kënzeg an Dippech gemaach – ass, datt an déi Schoulen am Ganzen 395 Kanner aus deem ganze Kordall – wann een dat esou ka soen – ginn. Et sinn dat 395 Kanner vun 534 Schüler, dat sinn 75 %, déi aus däer Regioun komme mat deene mer zesumme wëlle schaffen. A wann een eng Kéier dovunner dreemt fir eng Musekschoul am Kordall ze maachen, da weess een, datt ee mat deene Schüler, déi bei eis an der Musekschoul sinn, schonn 75 % vum Total aus däer Regioun duerstellen.

Et fält och op, datt 43 Schüler aus der Suessemer Gemeng kommen, an do muss een an deenen nächste Joeren nach een Effort maachen. Den Här Polfer huet jo virdru gesot, datt all Gemeng sech eigentlech ëm hir Schüler miisst këmmeren an dofir suergen, datt Musekscoursen offréiert ginn. An ech kéint mer virstellen, datt een och hei kéint vun enger Zesummenaarbecht schwätzen, esou wéi mer et mat deenen anere Gemenge gemaach hunn. A wa mer Suessem mat dobäi hätten, dann hätte mer schonn iwwer 80 % vun eise Schüler konventionéiert an enger Conventioun. An dat wier schonn optimal. An dee Chiffer vun de restlechen 20 % ass akzeptabel, ëmsou méi mer wëssen, datt 40 bis 50 Schüler aus dem Ausland kommen, vun Ibbeng, Arel, Athus a Messancy. A mat deene Gemenge kann ee souwisou keng Conventioun maachen.

Alles an allem kann ee soen, datt d'Struktur elo gutt ass, an datt mer trotz deenen Taxen, déi mer virun engem Joer agefouert hunn, a grad well mer mat den Nopeschgemenge Conventioune gemaach hunn, dach eng relativ héich Zuel vu Schüler an eiser Musekschoul hunn. Well mat deenen 534 Schüler leie mer praktesch un der Limit vun eisen Infrastrukturen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech ginn dem Här Polfer Recht, wat d'Wiel vun den Instrumenter betrëfft. Wann een den Top 3 kuckt, da sinn dat Instrumenter, déi nëmmen deelweis oder guer net an de Museke gebraucht ginn. Et gëtt engem och ze bedenken, wann en Harfcours 17 Schüler huet, a bei de Klarinette ass et déi selwecht Zuel u Schüler.

Well jo och de Problem ronderëm Ettelbréck bestanen huet, hate mer jo och gefaart, datt mer aus dem Norde méi e groussen Zoulaf géife kréien. Ech gesinn, datt awer nëmmen 1 Schüler vun Ierpeldeng bei eis an der Musekschoul ass, esou datt d'Befierchtungen sech net als wouer erwisen hunn.

Dann nach eppes zu den Instrumenter. An der Zäit ass emol vun de Museken aus mat de Kanner geschwat ginn, watfir Instrumenter ee ka léieren. Dat gëtt haut wahrscheinlech net méi gemaach, wa se bis fäerdeg si mam Solfège. Ech huelen un, datt elo net méi an deem Sënn mat de Schüler geschwat gëtt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Et gëtt nach mat de Schüler geschwat.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass awer och esou, datt et heiansdo ganz gelungen ass, firwat sech e Kand just fir ee bestëmmten Instrument entscheet. Mä et soll ee sech sécherlech Gedanke maachen, well dat do ass eng Entwécklung, déi net onbedéngt gënschteg ass fir eis Museken.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Viru ronn 14 Deeg souze mer mat der AEM zesummen, an et gouf festgehalen, datt ee landeswäit déi selwecht Problemer huet. Dir hutt vun den Top 3 vun de Museksinstrumenter geschwat. Dat ass Gittar, Piano a Perkussioun, an dat landeswäit. Mir sinn am gaangen ze kucke wéi mer de Kanner d'Blosinstrumenter kënne méi no bréngen. Bei eis an der Musekschoul ass et jo ëmmer esou gemaach ginn, datt se géint Enn vum Joer an d'Primärschoule gaange sinn, an Initiatioun mat vereenzelten Instrumenter gemaach hunn. An do gëtt och de Wäert op d'Blosinstrumenter geluecht. Natierlech läit de Choix awer zum Schluss nach ëmmer beim Kand selwer, a wann d'Kand léiwer wëll Gei léieren, da kann een et schlecht forcéiere fir awer Trompett ze léieren. Well soss mécht d'Kand vläicht guer näischt.

Fir de Moment ass et eben esou, datt bei der Jugend d'Perkussioun den Top ass. A mer mussen einfach higoen, a scho bei deene ganz Klenge versichen, se op verschidden Instrumenter hinzefëieren.

Guy Brecht (LSAP):

Wann ech elo d'Flute huelen, da mengen ech sinn d'Zuelen an deene leschte Joere konstant bliwwen. An et

ass jo och en herrlechen Ensembel, wann deen op den Auditiounen optrëtt. Et ass och ëmmer geféierlech fir esou eppes ze soen, mä huet et vläicht mam Enseignant ze dinn, datt verschidden Instrumenter manner besicht ginn. Et ass ëmmer geféierlech fir esou eppes an d'Welt ze setzen, mä et kéint ee sech awer vläicht deen een oder anere Gedanke maachen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Et ass och esou, datt ee Joeren huet, wou ganz vill Schüler matenee fortginn, well se hir Coursen ofgeschloss hunn, a well se och mateneen d'Coursen ugefaang haten. An doduerch huet een heiansdo d'Pech, datt bei verschiddenen Instrumenter e Lach entsteet, well net esouvill nei Schüler noréckelen. Et kann awer sinn, datt sech dat no engem Joer nees apendelt. Mä dru schaffe muss een awer.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wat awer ni gesot gëtt, dat ass, datt domatter och e Personalproblem entsteet. Wann ee Chargé soll 25 Stonnen d'Woch schaffen, a vu muer un huet en nëmme méi 14 Stonnen, da kann een net soen, datt et domm gaangen ass, mä vum nächste Joer schafft en nëmme méi 14 Stonnen. An dofir muss ee kucken, ob een sech net Méiglechkeete ka gi fir do kënnen anzewierken, an datt mer net an engem Instrument X, wat fir de Moment in ass, Leit astellen, a wann dat Instrument e puer Joer méi spéit net méi in ass, mir Léierpersonal ouni Aarbecht do setzen hu well mer e Kontrakt mat hinne gemaach haten.

Albert Muller (LSAP):

Déi Problematik, datt d'Blechinstrumenter net méi esou an der Musekschoul besicht ginn, ass och an der Kommissioun beschwat ginn. An et huet net nëmmen eppes mat der Musekschoul ze dinn, mä et huet och eppes mat de Museken ze dinn, déi hei an der Gemeng sinn. Dat heescht, déi hunn ob eemol keng Blechinstrumenter méi. Si hu wuel nach Holzinstrumenter, wéi zum Beispill d'Klarinetten, an dofir wier et scho wichteg, datt d'Kanner Spaass gemaach kréie fir och nees erëm Blechinstrumenter ze léieren. Well wat mécht eng Musek – a mer hunn et jo bei der 'journée commémorative' gesinn -, wa keen Trompettist do ass fir d'Sonnerie aux morts ze spillen ? Mat enger Klarinett kléngt dat net d'selwecht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Bei den Trompetten ass et fir de Moment net esou katastrofal. Do si mer nach ëmmer stabil bliwwen.

John Polfer (CSV) :

Et muss een awer och kucken, wéi eng Musek sech verkeeft. D'Musek vu Péiteng huet viru kuerzem e Concert de Bienfaisance gespillt, an am Sall souzen zwee Jonker, déi vläicht am zweeten oder drëtte Joer Solfège waren, an déi waren impressionéiert vun den Trompetten, déi op deem Concert gespillt hunn. Dat heescht, d'Blechinstrumenter sinn net verkomm, mä et ass nëmmen eng Saach wéi een sech verkeeft. An dat hei war fir d'Péitenger Musek eng Reklamm, well wann ech gesinn, datt zwee ganz Jonker, déi bestëmmt nach keen Instrument spillen, sech fir d'Trompetten interesséieren, an déi bewonnert hunn, dann ass dat sécher och eng Reklamm fir dat Instrument.

Accord à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.

Transports et communications

Convention, avec la compagnie Cegedel, de Luxembourg, pour la fourniture d'énergie électrique pour la Maison Relais à Rodange, rue du Clopp 2-4 – approbation.

Roland Breyer, Schäffen :

Bei deem heite Punkt ass et esou, datt esou Saachen an anere Gemenge guer net méi duerch de Gemengerot ginn. Mir sinn awer nach esou puristesch, datt mer all kleng Conventioun duerch de Gemengerot huelen. Hei geet et drëm, datt mer vun der Cegedel Stroum geliwwert kréien, dee mer fir eis Maison Relais zu Rodange brauchen. Domatter wier heizou alles gesot. Mir kënnen awer och nach eng Stonn driwwer diskutéieren. Ech huelen awer un, datt dat net de Fall ass, well an der Conventioun steet dran, datt 'les tribunaux luxembourgeois' zoustänneg si fir all Litige. Ech huelen also un, datt alles conforme ass, an datt all Mënsch 'Jo' zu dëser Conventioun wäert soen.

Approbation à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

10.

Dépenses diverses.

Octroi de cadeaux de service – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Um Enn vum Joer ginn d'gëllen Aueren iwwerreecht, och wann et hei zu Péiteng scho laang keng gëllen Auere méi sinn, mä e Cadeau an der Héicht vun 900 €. Mir hunn eng Rei Leit, déi d'Éier hunn zanter 20 Joer hei an der Gemeng ze schaffen, an déi dann och ausgezeechent ginn. Dat wier eng Persoun aus der Musekschoul, an et sinn 8 Persounen aus de Gemengenservicer.

Carlo Gira (CSV) :

Firwat musse mer ëmmer heiriwwer am Gemengerot befannen ? Mir hu jo eng Kéier d'Décisioun geholl, datt déi Leit, déi 20 Joer op der Gemeng sinn, 900 € kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass dëst eng Dépense, wou net direkt definéiert ass, wien se kritt. An de Gemengerot soll all Kéier driwwer befannen, ob déi jeeweileg Persoun se da soll kréien oder net.

Accord à l'unanimité.

11.

Vie associative.

Association « Lux Rollers asbl » de Luxembourg: octroi d'un subside spécial – décision.

Gilbert Welter, Schäffen :

Lux Rollers asbl ass schrëftlech den 29. Juli 2007 un eis erugetrueden, fir e Subsid ze kréien. Si sinn eng ASBL, mat Leit déi handikapéiert sinn an am Rollstull sëtzen, an déi an hirer Fräizäit Basketball am Rollstull spillen. Si trainéiere gratis am Centre Hospitalier, a well nëmmen eng Equipe hei am Land besteet, hu se sech der däitscher Bundesliga ugeschloss, an däer se d'lescht Joer an déi zweet Bundesliga opgestige sinn.

An enger Entrevue vum 1. Oktober 2007 ass festgehale ginn, datt d'asbl Lux Rollers op Subsiden ugewisen ass, alleng scho fir d'Fraisë vun den Déplacementer mam Rollstull duerch ganz Däitschland, fir un der Basketmeeschterschaft deelzehuelen, kënnen ze decken. Fir sportlech ze réusséieren, sinn d'Traininge néideg, awer och e qualitativ gudde Rollstull ass néideg.

Lux Rollers huet sech 10 däer Rollstill zu engem gudde Präis ugeschaaft, an zwar zum Präis vun 3.700 € d'Stéck. Mir hu gemengt, fir d'Käschte vun engem Rollstull ze iwwerhuelen, andeem mer Lux Rollers e spezielle Subsid vun 3.700 € zoukomme loossen.

Déi Responsabel vu Lux Rollers sinn och bereet, fir bei der éischtbeschter

Geleeënheet hirt d'Kënnen hei an der Gemeng ënner Beweis ze stellen.

Guy Brecht (LSAP):

Hu mir een hei an der Gemeng, deen an däer Equipe ass ? Firwat sinn se just un eis erugetrueden ?

Gilbert Welter, Schäffen :

Si hu sämtlech Gemengen ugeschriwwen.

Guy Brecht (LSAP):

Et ass eng gutt Saach, an ech begréissen et och. Ech hat just vläicht gemengt, datt een aus der Gemeng an däer Equipe ass, well se hei eng Demande eragereecht hunn.

Accord à l'unanimité.

12.

Questions des conseillers communaux.

Guy Brecht (LSAP):

Fir d'Journée commémorative ware leider e ganze Koup Veräiner net vertrueden. Vill Veräiner hu reklaméiert, well se keng Invitatioun kritt hunn. Anerer haten hir Invitatioun eréischt 2 Deeg virdrun an der Boîte. Kënnt Dir mer vläicht erkläre wat do schief gelaf ass ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir wëssen och net, wat do soll schief gelaf sinn. Mir hunn och Reklamatiounen an deem Kontext krut. An esoubal Reklamatiounen erakomm sinn, kruten déi Veräiner eng nei Invitatioun geschéckt. Fir eis ass et e Rätsel firwat d'Invitatiounen net alleguerten ukomm sinn, well erausgaange sinn se all. Mir mussen dat iwwerpréiwen, mä bis elo hu mer nach net erausfonnt, wat d'Ursaach dovunner soll sinn. An et ass fir eis wichteg, datt d'Veräiner bei deene Saachen dobäi sinn, an da sollen se och eng Invitatioun kréien.

Guy Brecht (LSAP):

Meng zweet Fro geet e bëssen an déi selwecht Richtung. A leschter Zäit kréien ech, oder och vläicht déi aner Conseilleren, Invitatioune geschéckt, wou d'Manifestatioun dee selwechten Dag stattfënnt. Wann een dann e bësse méi spéit am Mëtteg seng Bréifkëscht eidel mécht, da kënnt et emol vir, datt déi Manifestatioun schonn am gaangen ass, an ee keng Méiglechkeet méi kritt fir sech ofzemellen (z. B. Fit a Flott, organiséiert vun der Jugendkommissioun). Wat gedenkt de Schäfferot ze ënnerhuele fir dee Mëssel an Zukunft ze ënnerbannen ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Fir iech op de 'Fit a Flott' ze äntweren, esou ass an deem Sënn kee Mëssel geschitt, mä et war dat eng Organisatioun déi an éischter Instanz sollt ënnert enger anerer Zesummesetzung stattfannen. Do sollt nach d'Sportskommissioun matmaachen, mä déi huet duerno net matgemaach. Dorophi gouf den Datum, dee festgeluegt gi war, geännert, well d'Jugendkommissioun gesot huet, si wéilten et awer gäre maachen. Deen neien Datum ass dunn net méi fir d'Conférencierë gaangen. A wann een da weess, datt et Leit sinn, déi am Bénévolat sinn, an déi eis wëllen eng Konferenz halen, da muss een deenen och mam Datum entgéint kommen. Quitt datt deen Datum och e bësse kuerzfristeg war, hu mer dunn awer d'Invitatiounen nach erausgeschéckt. Mir hunn d'Informatioun och nach schnell op den Info-Canal an op den Internet gesat. Mir sinn eis bewosst, datt déi ganz Saach e bësse kuerzfristeg war, a mer hunn eis zu Häerz geholl fir déi nächste Kéier dat aneschters ze organiséieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech wëll awer nach soen, datt dat doten en eenzelne Fall war. Et gëtt hei esou duergestallt, wéi wann déi Problemer regelméisseg wieren. Mir hunn op Grond vun ärer Interventioun gekuckt, wat vu September un erausgaangen ass. A mir hunn eng Lëscht hei virleien, aus däer ervirgeet, dat deem net esou ass.

D'Ausstellung vun der Association ornitologique war den 12. Oktober, an d'Invitatioune sinn den 19. September erausgaangen. D'Installatioun vum neie Paschtouer war de 14. Oktober, d'Invitatioun ass den 3. Oktober erausgaangen. D'Inauguratioun vun der Rodanger Sportshal ass den 22. Oktober, d'Invitatioune sinn den 11. Oktober verschéckt ginn. 100 Joer Rodanger Fussball ass den 31. Oktober, d'Invitatioune sinn den 10. Oktober erausgaangen. Déi zwee Konveniater vu Péiteng a Rolleng sinn den 20. Oktober an den 11. Oktober sinn d'Invitatioune fortgaangen. Dozou muss een och soen, datt déi Péitenger eis dat eréischt virun 14. Deeg erageschéckt hunn, an da kënne mer et och net éischter erausschécken. Den Éierewäi fir de Syvicol war den 19. September an ass den 21. August erausgaangen. D'Douane war den 21. September an ass och den 21. August erausgaangen. Am Prinzip kucke mer fir d'Leit 14 Deeg virdrun ze aviséieren, an dës Beispiller beleeën dat och. A wann, esou wéi bei 'Fit a Flott' emol eng Kéier Problemer sinn, dann huet dat och seng Ursaachen.

Guy Brecht (LSAP):

Zu Rodange, am ieweschten Deel vun der rue de la Minière, reklaméieren d'Awunner, datt se permanent friem Autoe virun hire Garage stoen hunn, an esou net méi mat hire Gefierer kënnen erausfueren. Wier et do net eventuell méiglech, fir e Parkverbuet op däer Säit ze maachen, well och d'Busse Schwieregkeeten hu fir an deem enke Passage laanscht ze kommen ?

Roland Breyer, Schäffen :

Wann ech mäi Reglement huelen, da steet do 'stationnement interdit de la rue Jos. Philippart jusqu'à la rue Amalbergue, partie supérieure'. Dat heescht, do ass et laut dem Verkéiersreglement verbueden ze parken. Mir brauchen also net nach eppes op däer Plaz ze maachen.

Guy Brecht (LSAP):

Wéi ass et da méiglech, datt do d'Leit net aus de Garagen erauskommen ?

Roland Breyer, Schäffen :

Da stinn Autoen do trotz dem Parkverbuedsschëld. Et fält also an den Zoustännegkeetsberäich vun der Polizei. Eis Reglement ass kloer. Et ass op däer Plaz verbueden ze parken.

Les points 13 à 16 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

- *Mme Carmen Lorang, épouse Poensgen*, de Pétange, est engagée comme artisan CATP dans le métier d'instructeur de natation, sous le statut de l'employé privé, pour le terme de 12 mois.
- *M. Andriano Matteagi*, de Rodange, et *Mme Patricia Koenig, épouse Blaschette*, de Pétange, sont définitivement nommés comme artisans dans le métier d'instructeur de natation.
- *M. le docteur Jean-Jacques May*, de Rodange, est nommé médecin scolaire aux écoles de Pétange pour une période de cinq ans.

Séance publique du 20 novembre 2007

Durée de la séance: *14.30 à 17.55 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	/

ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Sports et loisirs: construction d'un centre national de jeux de quilles et d'un hall de tennis à Pétange - approbation de l'avant-projet, du devis et des plans - décision.
3. Administration générale
   - 3.1. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
   - 3.2. Décomptes de travaux extraordinaires
     - 3.2.1. Renouvellement des infrastructures souterraines dans la rue de la Résistance à Pétange - approbation.
     - 3.2.2. Remise en état du mur de soutènement près du presbytère à Lamadelaine - approbation.
   - 3.3. Règlement général des tarifs
     - 3.3.1. Enlèvement des immondices: équipement des poubelles de serrures automatiques basculantes - introduction d'une taxe - décision.
     - 3.3.2. Piscine de Rodange - introduction de taxes complémentaires - décision.
   - 3.4. Règlement d'utilisation du hall polyvalent à Rodange (2e lecture) - décision.
4. Propriétés
   - 4.1. Convention relative à l'exploitation de la buvette du hall polyvalent à Rodange par l'association FC Rodange 91 - approbation.
   - 4.2. Cession, par l'Etat Luxembourgeois, d'une emprise sise à Pétange, lieu-dit « Hinter den Gärten » (rue Eucosider) - décision de principe.
5. Ordre public: prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2008 - décision.
6. Personnel: création d'un poste d'infirmier dirigeant à temps partiel (m/f) pour le service médical scolaire - décision.
7. Enseignement
   - 7.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   - 7.2. Organisation des classes de neige en 2008 - décision.
8. Prévisions sociales
   - 8.1. Office Social: budget rectifié de l'exercice 2007 et budget de l'exercice 2008 - approbations.
   - 8.2. Office Social: renouvellement d'un cinquième du bureau - décision.
   - 8.3. Aides au Tiers Monde: formation de dirigeants communautaires dans les provinces de Sucumbios et Orellana (Ecuador) - décision.
   - 8.4. Aides au Tiers Monde: appui à la consolidation des activités de l'humanité infantile à l'hôpital pédiatrique de Kalembe Lembe au Kinshasa (République Démocratique du Congo) - décision.
9. Culture: mise en place d'un central de détection d'incendie au centre culturel à Rodange - approbation du devis.
10. Questions des conseillers communaux

Séance secrète

11. Personnel: démission volontaire d'un fonctionnaire communal - décision.
12. Enseignement musical: classement de deux chargés de cours (m/f) - décision.
13. Indigénat: demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

COMPTE RENDU

1.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Gilbert Welter, Schäffen :

Ech wollt ganz kuerz e Communiqué maachen. An zwar dréit et sech ëm Oekostroum. De Schäfferot huet den 12. Oktober mat der Cegedel e Kontrakt ënnerschriwwen, fir Nova-Naturstroum an hir Netzer anzespeisen. Dee Kontrakt soll den 1. Januar 2008 a Kraaft trieden, an e soll op ee Joer lafen. Duerno kann dee Kontrakt verlängert ginn, dat heescht en ass échelonéiert, esou datt mer fir d'Joer 2008 mat 25 % Oekostroum ufänken, am Joer 2009 mat 50%, 2010 mat 75 % an vun 2011 u mat 100 % Oekostroum. Dëse Kontrakt bezitt sech op eis sämtlech Gebaier an Anlagen. Natierlech hu mer eis Offerte vu verschiddene Fournisseuren, déi Oekostroum um lëtzebuerger Marché ubidden, ugekuckt. Dat waren ënnert anerem d'Firma Aida, Leo an d'Cegedel. Mir sinn awer bei der Cegedel bliwwen, an dat éischtens, well mer dee Partner ganz gutt kennen a mat him gutt fueren, an zweetens well d'Cegedel sech och engagéiert huet, fir bei hirem Oekostroum 2 Cents pro Kilowatt Nova Naturstroum, dee konsomméiert ginn ass, an e Fong ze speisen, a wou dann och erëm nei Energieméiglechkeeten a Projets d'investissement finanzéiert kënne ginn.

Ech wollt iech awer och nach informéieren, datt sech am Joer 2006 de Gesamtverbrauch an de Gemengen-installatiounen hei an der Gemeng op 5.023 Megawatt-Stonne beleeft. D'supplementar Käschte fir 100% Oekostroum hätte sech an dësem Fall op 25.000 € beluegt. De Wiessel op 25% Oekostroum am Joer 2008 gëtt deemno eng zousätzlech Ausgab vun 6.500 €. 5.023 Megawatt-Stonnen zu 100% Naturstroum géifen 2.423 Tonne manner CO2 mat sech bréngen.

Dës Informatioune wollt ech iech ginn, an domatter automatesch d'Fro vum Här Pierre, déi hien ënnert dem Punkt 'Questions des conseillers communaux' stellt, beäntweren. Wann hien awer nach zousätzlech Froen dozou hätt, kann hien déi selbstverständlech duerno bei deem Punkt nach stellen.

2.

Sports et loisirs.

Construction d'un centre national de jeux de quilles et d'un hall de tennis à Pétange : approbation de l'avant-projet, du devis et des plans – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Da kéime mer zu deem wichtegste Punkt, dem Punkt 2 : Sports et loisirs: construction d'un centre national de jeux de quilles et d'un hall de tennis à Pétange. Der wësst, datt mer den 6. Mäerz 2007 hei e Spezialkredit gestëmmt hu fir Pläng opzestelle fir de Bau vun engem nationale Keelen-zentrum an och vun enger Tennishal nieft dem Hotel Threeland. Mer hunn och zanter de Gemengerot dem Schäfferot den Optrag ginn huet zesumme geschafft an den Här Enzio Alleva ugestallt fir Pläng hirzestellen. Elo läit de Virprojet och vir. Dee Virprojet ass awer och schonn am Virfeld mat all de Partner, déi do mat am Spill sinn, diskutéiert ginn. Engersäits mat dem „Département ministériel des Sports" well dee jo och eng wichteg Roll hei spillt an e groussen Deel heivunner subventionéiert. Anersäits awer och mat der Keele-federatioun fir hir Bedierfnesser ze kucken, an och fir mat deenen, déi um Terrain sinn, ze kucken, wéi déi Installatiounë mussen ausgesinn. Dat heescht wéi déi Hal, deen Zenter do konzipéiert soll ginn. An dann awer och mat dem Tennis-Club Péiteng, dee jo och am Kader vun dësem Projet déi Indoor-Terraine soll zeréckkréien, déi en duerch d'Zoumaache vum 'Winners', dee jo net wäit ewech war, verluer huet.

De Präis vum Projet, dee mer haut virgestallt kréien, läit bei 7,3 Milliounen Euro. De Stat huet eis – elo ganz rezent – versprach fir dat zu 50% ze subventionéieren. Dat heescht, et bleiwen 50 % fir d'Gemeng. Dobäi gëtt et och ze soen, datt mer d'Detailer elo sécherlech vum Architekt virgestallt kréien. Ech wëll awer hei ervirsträichen, datt de Keelenzentrum 12 Piste kritt mat enger Tribün, déi déplacéiert ka ginn. D'Tennishal kritt 3 Terraine, mat Vestiairen an och mat enger Tribün, esou wéi dat sech gehéiert. Et wäerten och Konferenzsäll a Bureaue fir d'Keelefederatioun dohinner kommen, esou wéi dat sech gehéiert. Mer wäerten och e Café do derbäi kréien, a och fir déi Leit, déi mam Auto dohinner kommen, wäerte mer e Parking fir 42 Gefierer kréien. Dat ass déi grouss Rumm vun deem Projet, deen iech nach wäert am Detail virgestallt ginn. D'Iddi ass fir 2008 alleguer d'Viraarbechten ze maachen an deen definitive Projet auszeschaffen a fir och all d'Autorisatiounen unzefroen, déi mer fir dëse Projet brauchen. Esou datt mer 2009 da mat den Aarbechte kéinten ufänken an Enn 2010 kéinte fäerdeg sinn. Dat sinn d'Hoffnungen an dat ass och de Planning – en ambitiéise Planning -, dee mer opgestallt hunn an dee mer och hoffentlech kënnen anhalen, well d'Bedierfnes fir esou en Zenter ass sécherlech grouss. An och de Besoin fir den Tennisveräin ass do fir ze trainéieren. Besonnesch elo am Wanter, wou se mussen auswäerts goe mat hire Jugendlechen. Dat wier d'Introduktioun zu deem Projet. Ech géif dann elo dem Här Schiltz, eisem Techniker, d'Wuert ginn, deen dëse Projet begleede wäert. An duerno wäert dann den Här Alleva Erklärunge ginn. Duerno kënne mer dann d'Diskussioun opmaachen. Engersäits déi technesch Diskussioun, wou sécherlech déi zwee Techniker kënnen äntwerten. Anerersäits och d'Diskussioun iwwer d'Opportunitéit vun dësem Projet, déi mer dann ënner de Politiker wäerte bespriechen. Den Här Schiltz huet elo d'Wuert.

Yves Schiltz, Ingenieur:

Ech géif mech dann och ganz kuerz halen, well den Här Buergermeeschter schonn alles an der Introduktioun gesot huet wat den Terrain ugeet, déi 12 Keelebunnen an och déi 3 Tennis-Terrainen. Da géif ech direkt dem Här Alleva d'Wuert gi fir am Detail op de Programm anzegoen, an zwar op déi eenzel Flächen an och déi technesch Ariichtungen, déi mer virgesinn hunn a wat och am Virprojet dran ass.

Enzio Alleva, Architekt:

Ech soen iech ufanks emol Merci, datt ech dee Projet hei an der Sëtzung virstellen däerf. Den Här Mellina huet d'Aufgabestellung schonn zimlech gutt definéiert. Et ass jo dann esou, datt dee ganze Projet nieft den Hotel Threeland an enger neier Industriehal kënnt, wou och ugefaange gouf ze bauen. Op deem Terrain – deen zimlech grouss ass - ass et esou, datt mer hannendrun eben eng Gréngzon hunn. Déi 12 Keelebunnen, déi iwwer 1.000 m2 an Usproch huelen, an och déi dräi Tennisfelder, huelen eng gutt Partie ewech. Wéi gesot, bei deem ganze Projet geet et jo haaptsächlech ëm deen neien „Centre national de Jeux de Quilles – Hall de Tennis". Mer wollten och net, wéi dat fréier war, datt eng Keelebunn hanner dem Café opgeriicht gëtt. Mer wollten an dëser Hisiicht – wa mer schonn e Keelenzenter maachen – de Keelenzenter no vir huelen. Mer hunn en elo bis op d'Strooss geholl. Dat heescht, an deem grousse Volume gi jo

zwou ënnerschiddlech Sportaarte bedriwwen. Se spillen zwar alleguer mat enger Bull, mä déi eng Kéier ass se kleng a schwéier an déi aner Kéier ass se nach méi kleng a méi liicht. Dofir hu mer geduecht fir dee grousse Volume vum Tennis hannen op den Terrain ze setzen. An d'Keelen huele mer da ganz no vir op d'Strooss fir datt mer mat deenen Héichten, déi mer do hunn, no vir kënnen optesch spillen.

Wéi gesot, d'Aufgabestellung huet den Här Mellina jo schonn erkläert. D'Zil ass jo och, datt d'Meeschterschaften, déi am Joer 2011 stattfanne wäerten, kéinten do ofgehale ginn.

An der Presentatioun *(d'Illustratioun gouf op de Schierm am Sëtzungssall projezéiert)* gesidd der lénks déi nei Industriehal, wou se viru kuerzem ugefaangen hunn ze bauen, a riets den Hotel Threeland. An do dertëscht wëlle mer d'Hal bauen.

Wat de Rahmeprogramm ugeet, do gëtt et haaptsächlech ze soen, datt mer 12 Keelebunnen, 3 Tennisterrainen, d'Vestiairen, déi dozou gehéieren, e Bistro an uewen um éischte Stack hu mer och nach am Mëttelberäich Bürosraim fir eng Kéier d'Keelefederatioun an och nach e Büro fir den Tennisclub mat engem gemeinsame Konferenzraum. Et kann do och nach eng kleng Théik uewenop bedriwwe gi vum Tennisclub Péiteng. Dann hu mer déi fix Tribüne fir déi vum Tennis an déi mobil Tribün fir d'Keelefederatioun.

Wat d'Pläng ugeet, esou gesäit een um „plan d'implantation", datt mer eng grouss Fläch hunn. D'Emprise ass ongeféier 4.000 m2 grouss, déi mer och do op dem Terrain hu miissten erakréien. Woubäi dann hannen nach déi Gréngzon ass, wou mer net konnten drop bauen. Dat heescht, mer hunn eis och nach zum Hotel zou opgemaach. Mer hate jo déi 2 grouss Volumen, déi mer eng Kéier geknéckst hunn an däer Hisiicht, datt déi Fassad zur Säit vu Frankräich hin net esou laang wierkt.

Wann een op de Parking kënnt, da fiert ee lénks eran an op der Säit vum Hotel nees eraus. Den Entréesberäich ass dann do, wou dee Knécks ass.

Um Grondrëss gesäit een, datt, wann een erakënnt, op der lénker Säit direkt de Bistro ass. Riichtaus sinn déi 12 Keelebunnen. Wann déi mobil Tribün agezunn ass, da kënnen do och Dëscher opgestallt ginn. D'Federatioun kann awer och do eng ganz grouss Konferenz ofhalen. Dann eng Kéier am Käil, wéi mär dat nennen, do hu mer dann d'Vestiairen ënnerbruecht. Do sinn och d'Raim fir Massagen, d'Infirmerie, den Doping-Raum, deen och schéngs muss sinn. An dann hu mer och nach eng Verbindung zu deenen 3 Tennisterrainen.

Um éischte Stack gesi mer dann um Plang d'Bürosraim fir d'Keelefederatioun an och fir den Tennis, de Konferenzraum, an der Mëtt de Kontrollraum fir déi 12 Keelebunnen ze steieren. Dee kann awer och benotzt gi wann déiselwecht Zäit eppes op den Tennisfelder géif stattfannen. Da kéinten déi och vun do aus d'Matcher moderéieren. Dann hu mer och e Fräiberäich, wou ee vun uewen erof kann op d'Keelebunnen oder op d'Tennisterrainen erofkucken. De Bistro hu mer laanscht d'Keelebunn gestallt fir datt och déi Leit, déi am Bistro sinn, och kënne säitlech op d'Keelebunn kucken. Deen awer professionell wëll kucken, dee ka sech och hannendru setzen.

Mer hunn och nëmmen een Deel ënnerkellert, wou dann och déi technesch Installatiounen ënnerbruecht sinn. Dozou gëtt et net esou vill ze soen.

Wat d'Héicht elo ugeet, do brauche mer beim Tennis méi en héije Volume, bei de Keele brauch ech vir manner. Do hu mer eis entscheet zwou Schuelen ze maache fir dat Ganzt ënner een Hutt ze kréien. Déi zwou Schuelen loosse mer iwwerlappen, woubäi an der Mëtt dee gemeinsame Beräich ass. Déi ganz Struktur soll aus gebéite Leimbindere gemaach si well déi vun der Statik hier optimal si fir esou eng Struktur. D'Daachhaut ass aus Aluminium. Zu der Strooss zou hu mer dann déi méi niddereg Daachflächen. Déi grouss Daachfläch vu ronn 1.000 m2 hätt ee jo och esou vun der Strooss aus gesinn. An domat wollte mer se eben als eng Zort 5. Fassad – esou hu mär se genannt – doranner ënnerbréngen. Hannen ass och eng „porte sectionnelle". Wann emol eng Kéier eppes Gréisseres beim Tennis ass ewéi am Juli, da kéint een do déi grouss Saachen an d'Hal stellen.

Déi 12 Bunnen, déi mer bannen hunn, wollte mer nach eng Kéier betoune mat deenen 12 Gucklächer. Mer hu wierklech aus dem Backstage-Beräich vun engem Keelenapparat e Frontstage gemaach. Déi 12 Gucklächer solle wierklech en „eyecatcher" si fir datt d'Leit sech froen, wat do geschitt. Vun hanne soll een och d'Maschinerie vun de Keelemaschine gesinn, wann se d'Keelen nees opstellen. An owes soll dat och nach duerch eng Beliichtung méi attraktiv gemaach ginn.

Déi säitlech Fassad an déi Fassad zum Hotel Threeland sinn zou. Well déi op der Keelebunn gäre Konstliicht hunn a keng Sonnestralen, sinn déi Säiten zou. Déi vum Tennis kréien esou vill Luucht wéi méiglech, wat awer och net soll blennen.

Elo kommen ech op d'Käschten ze schwätzen. Den Här Mellina huet et schonn ugeschwat. Mer kommen op 7,3 Milliounen Euro TTC. Vun der Technik hir hu mer eng Gasheizung mat engem Deel Ventilatioun, et sinn och Solarzellen um Daach fir kënnen d'waarm Waasser ze ënnerstëtzen, haaptsächlech an den Duschen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech géif soen, dat wier eng ganz professionell Aarbecht gewiescht. Op jidde Fall kënnen d'Kommentaren déi mer am Schäfferot krute vun deene verschiddene Leit vun der Keelefederatioun oder vum Tennis dat nëmme bestätege wat ech gesot hunn.

Et ass sécherlech esou, datt dat hei d'Rumm weist, an däer mer eis bewegen. Et ass sécher mat 7,3 Milliounen Euro Invest net näischt. Mä wann een et vergläicht mat deem, wat gebaut gëtt, da geet dat an d'Rei.

Wann ee gesäit, wat dorëmmer gebaut gëtt, dann ass dee Volume, dee mer hei bauen, net zevill. Et ass jo och esou, datt mer zougesot krute vum Ministère, datt si 50% vum Gesamtchiffer iwwerhuelen. Ech géif mengen, mer sollten elo mat der Diskussioun ufänken an da kann een ëmmer nach Erklärunge ginn opgronn vu Froen oder Iwwerleeungen.

Albert Muller (LSAP) :

Ech muss soen, datt d'Architektur mer gefält. Et ass e schéine Projet an e Projet, dee sécherlech vill Opmierksamkeet kritt vun all deene Leit, déi do laanscht fueren. Mä am Kontext vun deem wat ech erlieft hu mat dem Kiosk zu Rolleng an och vun deem, wat ech gelies hunn am Dossier vum Bommeleeër, vun der Coque, kënnt déi Form mer esou vir, wéi wann ee liicht do op den Daach géif eropkommen. Ech wollt einfach de Schäfferot drop hiweisen – net kritiséieren -, datt se solle kucken, datt een do net esou liicht soll eropkommen. Net datt mer do op eemol Problemer kréien. Zu Rolleng kenne mer dat jo. Do si se mat dem Mountainbike oder de Moto-Cross-Rieder eropgefuer. Dat soll een hei versichen ze verhënneren. Esou vill zur Architektur.

Da si mer nach e puer Saachen opgefall, wat den Devis ugeet. Hei steet „Kostenschätzung nach DIN 276". Et ass sécher, datt ech net op der Héicht sinn, mä et ass déi éischte Kéier, datt en Devis no enger DIN

gemaach gëtt. Bis elo hu mer ëmmer nëmmen d'Devisen esou gemaach, an dat mat de Präisser, wéi se hei am Lëtzebuerger Land gefrot goufen. Dofir froen ech mech, ob déi DIN 276 och déi Präisser vum Lëtzebuerger Marché a Betruecht zitt.

Eng aner Fro dréit sech ëm déi sou genannte „Baunebenkosten", déi sech op 959.078 € belafen. Am Devis, op der Säit 25, gesinn ech allerdéngs nëmmen 956.372 €. Do feelen ongeféier 2.500 €. Ech froe mech, wou déi bliwwe sinn.

Wat d'TVA bei den Aussenanlagen ugeet, do geet Rieds vu 15% TVA. Ech weess awer, datt zum Beispill Beem oder aner Planzen net mat 15% mä mat 3% verrechent ginn. Oder esou guer mat 6%, wa se vum Gäertner geliwwert gi sinn. D'„Baunebenkosten" gi mat 15% TVA verrechent. Mä déi Zäit, wou ech nach geschafft hunn, hunn den Architekt an den Ingenieur nëmmen 12% verrechent krut. Ech mengen net, datt een hei ka mat 15% operéieren.

An da kommen ech op d'Säit 28, wou Rieds geet vun „état des lieux des bâtiments avoisinants". Ech froe mech, ob een do muss en „état des lieux" maachen, well den Hotel an och déi Hal sinn esou wäit ewech, datt een dat net miisst maachen. Dat war wéi mer d'Kulturhaus 'A Rousen' gebaut hunn. Do hu mer mussen en „état des lieux" an der Dréckerei Heintz maache well mer jo do ugebaut hunn. Mer hu jo och miisste wëssen, wiem seng Schold et gewiescht wier, wann dat Haus gerass wier.

Wat ech nach wollt soen. D'„Baunebenkosten" kommen e puer Mol erëm. Ech denken, datt een op déi eng oder aner kéint verzichten obwuel den Devis doduerch net vill méi bëlleg géif ginn. Mä trotzdeem, wann een all déi TVA-Geschichten zesummerechent, da kënnt ee vläicht den Devis e bëssen no ënne revidéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat do si gréisstendeels technesch Iwwerleeungen a géif dofir d'Wuert elo un eisen Techniker ginn. Ech wollt awer virausschécken, datt ech léiwer hu wann déi verschidden Zommen ze héich ugesat sinn, well da kënne mer eis duerno félicitéiere fir gutt erauskomm ze sinn. Ech hunn och net zevill gäre wa mer ëmmer nees drécken an drécken, fir duerno festzestellen, datt mer awer wäit drënner louchen. Dat hunn ech och net zevill gären.

D'Form vum Daach ass eng Iwwerleeung wäert a mer solle kucken, wéi een dat ka schützen. Bei der DIN-Geschicht wier éischter um Techniker fir eis ze soen, wat d'Ursaache si fir déi technesch Iwwerleeungen, déi do am Dossier gemaach goufen.

Yves Schiltz, Ingenieur:

Wat d'Bemierkung zu de Bauniewekäschte war, do leie mer elo ënner 4%, wat, esou menge mer, fir e Projet vun esou enger Envergure net zevill ass. Ëmsou méi ee weess, wat fir eng Onkäschten ufale fir „frais de publication" oder „état des lieux" an och wat nach soss kéint ufale fir Expertisen. Mer si scho frou fir déi 200.000 Euro ze hunn am Laf vum Projet.

Wat den „état des lieux" ugeet, esou géif ech mengen, datt déi Sue gutt investéiert wiere well an däer kuerzer, wou ech elo hei sinn, hunn ech och gesinn, datt d'Leit an den Nopeschgebaier – do wou gebaut gëtt – séier do si fir ze mengen, se hätten iergendwou e Rass an hirem Gebai wat dorop zeréckzeféiere wier, datt d'Gemeng Péiteng géif e Projet maachen. Ech fannen och, datt mer net ganz wäit vum Noper ewech sinn. A well mer relativ schlecht Buedem-verhältnisser hunn ass et mer och léiwer wa mer dee Risiko vu vir eran eliminéieren. Net datt mer duerno effektiv Problemer hätten an dann op eis Käschte miissten investéieren. Wat eis och vill méi kaschte wäert wéi dat, wat mer heimat emol ugeschloen hunn.

Zur Diskussioun iwwer d'Differenz bei de Bauniewekäschten, dat schéngt ze stëmmen. Do ass eis e klenge Feeler ënnerlaf. Dofir entschëllege mer eis. Wat déi 15% bei de Bauniewekäschten ugeet, esou ass menges Wëssens dat zanter dem Ufank vum leschte Joer fir d'Honoraire changéiert ginn.

Enzio Alleva, Architekt:

Vum 1. Januar bis den 1. Mäerz 2007 konnt een dat nach mat 12% verrechnen. Duerno ass et awer op 15% eropgaangen.

Yves Schiltz, Ingenieur:

Dat ka variéieren, wann een e Büro aus dem Ausland huet, mä dat ass jo an enger éischter Phas net virgesinn. Esou denken ech, datt déi 15%, déi mer ugesat hunn, och realistesch sinn. Wat d'Aussenanlagen ugeet, et stëmmt, datt d'Beem net esou fakturéiert ginn. Mä ech mengen, esou wäit ware mer nach net grad mat dem Projet fir elo schonn déi exakt Käschte vun de Beem anzerechnen. Mer sinn och vun enger bestëmmter Fläch ausgaang. Mer haten och geduecht, datt déi Differenz op der Zomm ganz geréng wier fir déi Beem, déi mer do wäerte planzen.

Enzio Alleva, Architekt:

Also bei de Beem ass et och esou, datt, wann ee Gäertner huet, déi de Bam liwweren an och nach setzen, da berechnen déi dat och nees mat 15%. Dat ass eng Positioun. Dee seet einfach, ech bréngen dat a planzen et och nach an dat kascht dann zum Beispill 100 Euro plus déi 15% TVA. Do spillen se e bëssen.

Zur Problematik vum Daach gëtt et och nach eppes ze soen. Wann een elo déi d'Fassad betruecht, esou muss ee sech scho richteg drugi fir erop ze kommen. Dat ass elo vir. Do wou de Bouclage ass, esou kéint een do eropkommen. Ech kann net soen, datt een do net kann eropkommen. Mä ech sinn awer och iwwerzeegt, datt een dat nach an de Grëff kritt.

Yves Schiltz, Ingenieur:

Do wier natierlech och nach d'Méiglechkeet, dat e bësse méi ze beliichten, wat d'Leit awer ofschreckt. Awer een, dee wierklech wëll, dee kënnt erop. De Bommeleeër huet et jo och gepackt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat soll een elo considéréieren. Mer halen dat och am Aen a mer musse kucke wat mer maache kënne fir dogéint ze wierken. Sécherlech kann awer bei esou enger Daachform dee Risiko bestoen. Déi Fro vun der DIN 276 ass nach net gekläert ginn.

Yves Schiltz, Ingenieur:

Déi DIN ass am Fong geholl agefouert gi fir eng gutt Nomenklatur, fir déi Ënnerkapitele gutt opzedeelen. D'Präisser, déi mer geholl hunn, sinn déi, déi de Marché hei bestëmmen. Dat war esou, datt den Technikbüro scho vill ënner dem däitsche System geschafft huet, esou wéi den Här Alleva och. Mär zu Lëtzebuerg si just net gewinnt domat ze schaffen. Wéi gesot, et ass ebe fir eng kohärent Nomenklatur no Käschtegruppen ze hunn a wou ee sech och gutt kann erauszéie wou ee fir wat fir e Marché wat attribuéiert huet.

Enzio Alleva, Architekt:

Et ass also esou, datt déi DIN sech och hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi duerchsetzt. Mer hunn och zum Beispill e Projet fir de Fonds de Logement an dee besteet esouguer drop, datt mer duerno fueren. Dat si 7 Gruppen an all Grupp huet dann ewéi eng Zort Terrassement wéi d'Planze vun engem Bam. Dat huet alles eng bestëmmten Nummer, awer de Präis kann natierlech all Mënsch esou definéiere wéi en denkt. Mä déi Tramme ass ëmmer déi selwecht.

D'„Bâtiments publics" ginn och elo deen dote Wee.

Yves Schiltz, Ingenieur:

Et ass e bëssen ewéi d'Libelléë vun eisem Budget.

Albert Muller (LSAP) :

Ech sinn zefridde mat den Äntwerten, an nach eng Kéier Félicitatioune fir dee schéine Projet.

Norbert Pierre (LSAP) :

Ech wollt just eng Fro zum Ausseberäich stellen. Do steet „Zum Parkplatz der Sportanlage gelangt man direkt von der Straße oder über die gemeinsam genutzte Anfahrt des Hotels Threeland". Wéi mer kënnen erausgesinn, sinn 44 Parkplaze virgesinn, zwou dovunner fir behënnert Leit. Mat de Parkplaze kann ech averstane sinn, mer hu jo och nach uewendrun e grousse Parking. Mä déi „gemeinsam genutzte Anfahrt" stéiert mech. Sinn déi „Anfahrt" an déi Parkplazen duerno net vum Hotel Threeland besat, esou datt déi Leit, déi Tennis oder Keele spillen oder kucke kommen, musse siche fir eng Parkplaz ze fannen. Do hunn ech meng Bedenken. Den Hotel Threeland soll eng eegen Zoufahrt hunn an et soll een den Zougang fir bei d'Hal och fir sech maachen. Dat soll ee komplett trenne fir duerno all Komplikatiounen aus de Féiss ze goen.

Déi aner Fro, déi ech wollt stellen, ass un de Schäfferot geriicht. Hu mer schonn eng schrëftlech Zouso vum Ministère fir déi 50% Subventioun, déi vir dee Projet virgesi sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass esou, datt mer déi schrëftlech Zouso kréie wa mer de Virprojet stëmmen an deen aschécken. Mer hunn awer eng formell Zouso. Dat huet dee responsabele Mann gesot. Et ass ganz kloer, datt, wa bei der schrëftlecher Zouso nëmmen 20% erauskéimen, dee Projet hei géif ufänken ze kippen. Mä ech sinn awer sécher, well den Här Fusenig – no Récksprooch mam Här Krecké – mer gesot huet, datt déi 50% garantéiert wiere well en de Projet och selwer gesinn huet. Mä si ginn eigentlech ëmmer eréischt eng Äntwert wann de Plang schrëftlech dobannen ass. D'Remarque ass pertinent a mer fänken och net u mat bauen ier mer déi Zouso schrëftlech hunn.

D'Iwwerleeungen zum Parking sinn och net falsch. Mer mussen eis egal wéi d'Zoufahrt garantéieren. Wéi dat geschitt, dat mussen d'Techniker erklären. Do ginn et Méiglechkeete mat Barrièren, net datt do op eemol déi eng oder déi aner op deenen aneren hire Plaze stinn. Och den Hotel ass net dermat averstane wann eis Leit ëmmer bei si géife fueren. Dat muss och esou gekläert ginn, datt net deen een deem anere Konkurrenz mécht. Wéi déi Zoufahrt ausgesäit, dat muss ee klären. Et kann een natierlech eng Barrière do installéieren. Do ginn et genuch Méiglechkeeten, mä déi Gedanken hu mer nach net bis zum Schluss ausgeduecht.

Yves Schiltz, Ingenieur:

Effektiv hu mer eis déi Froen och gestallt wéi een de Problem vun der Zoufahrt ka léisen. Wann zwee esou grouss Haiser mat Parkplazen niewentenee leien, da bitt et sech un, fir e gemeinschaftleche Wee ze notzen. Dat bréngt natierlech elo mat sech, datt een nach déi eng oder aner Diskussioun mat deene Responsabele vum Hotel Threeland féiere muss. No deenen Diskussioune kënne mer da soen, ob mer eng gemeinsam oder zwou separat Zoufahrte maachen. Effektiv sinn déi Diskussioune scho gefouert ginn, mä eng endgülteg Entscheedung hu mer an dësem Dossier nach net geholl.

Roland Breyer, Schäffen:

Wéi mer dee Verkéiersproblem diskutéiert hunn, do wollte mer eis am Fong geholl an der éischter Phas keng Méiglechkeet zoumaachen. Et soll ee sech wierklech iwwerleeën, ob et gutt ass, wa jidderee säi Parking separat geréiert oder ob et net gutt wier, wa bei gréissere Geleeënheeten déi zwee kéinten op een erakommen. An dofir muss ee fir d'éischt matenee schwätzen. Déi Méiglechkeete sinn net verbaut, se sinn nach op. Et kann een duerno ofsécheren, wann een dat wëll, mä de Moment ass alles op.

Jeannot Linden (LSAP) :

Ech mengen, de Problem entsteet zum Beispill esou. Um 4 Auer ass eng Meeschterschaft, um 6 Auer komme freides d'Hochzäiten. Wat geschitt dann do? Mer gesinn elo scho wat alles do steet. A fir en nationale Championat kommen nach eng Kéier 100 Autoe garantéiert derbäi. Et ass dat, wou ech mengen, datt Sträitfroen tëscht deenen zwee Partner kënnen entstoen. Ech wëll jo och nëmmen drop hiweisen, wat ka kommen.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi grouss Evenementer wéi d'Meeschterschaft, dat si keng Saache wou Honnerte vun Autoe kommen. Wa mer emol eng Weltmeeschterschaft oder eng Europameeschterschaft organiséieren, dann ass dat emol eng aussergewéinlech Saach. Mä si spille gewéinlech freides a samschdes. Sonndes ass um sportleche Plang am Keelenzentrum normalerweis näischt lass. Den Training ass an der Woch. An och wa Championat gespillt gëtt, da sinn net esou vill Autoen do. Et muss een och net elo den Däiwel un d'Wand molen. Mer hunn de Moment och e grousse Parking nieft der Sportshal a mer sinn och bis elo nach ëmmer mat dem Hotel eens ginn. Do waren och heiansdo grouss Evenementer. Ech si gewéinlech een, dee seet, datt mer dat global solle kucken. Dat heescht, wéivill Parkméiglechkeeten do si fir och ze soen, wann emol eng grouss Manifestatioun ass, datt mer 500 Parkplazen an dem Ëmgéigend hunn. Et si Kompromësser ze fannen. Et kann een och mat Barrière fueren, esou wéi de Buergermeeschter gesot huet. Et kann een och ganz séier mat Jetone fueren. All déi Méiglechkeete sinn dran, mä am Ableck solle mer se net verbauen. Dat ass eis Iddi.

Jeannot Linden (LSAP) :

Neen, eis Aufgab ass et jo fir drop hinzeweisen. Net, datt een op eemol virun engem „fait accompli" steet. Well da si mer drun.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech géif soen, datt, wann dee Projet elo an deenen nächste Wochen a Méint ausgeschafft gëtt, da wäerte mer och nach eng Kéier mat de Leit aus dem Hotel Threeland zesummekomme fir déi eenzel Méiglechkeeten duerchzegoen an ze kucken, wéi mer dorop reagéiere kënnen. Mä et bréngt eis och näischt, wann den Hotel eppes Gréisseres huet an eise Parking ass eidel oder ëmgedréint. Ech mengen, mer sollen eis zesummesetze fir datt déi Cohabitatioun ouni Problemer iwwer d'Bühn geet. An ech mengen, mat guddem Wëlle misst dat goen. Mä et ass scho richteg, et soll een drop hiweisen, esou datt een dat net aus den Ae verléiert. Et soll een déi Problemer opmolen a kucke fir se zesummen ze léisen.

Norbert Pierre (LSAP):

Meng Fro war am Fong geholl just eng Ureegung, datt ee soll Diskussiounen, Gespréicher féieren an datt een duerno Problemer aus de Féiss geet, déi ee vu vir era kann eliminéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Also ech géif soen, datt mer als Aufgab fir deen definitive Projet solle mathuelen, datt mer dee Problem hei analyséiert hunn an eng Propositioun op den Dësch leeë fir eng Léisung ze fannen. An dat, nodeems mer Gespréicher gefouert hunn.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech sinn och fir dee Projet. Déi Form, déi di Hal do kritt, gefält mer. Et ass jo am Fong keng Hal méi, et ass scho vill méi schéin. Virdu war eng Kéier Rieds gaangen, datt zum Beispill 30% iwwer den Tennis a 70% iwwer d'Keele-federatioun kéimen. Elo ass dat einfach op 50% gemëscht ginn. Sécher, mer kréien déi eraus. Mä ech hätt awer léiwer gehat, wann dra gestanen hätt, wat mer vu weem kréien. Et ännert näischt um Chiffer. *(am Sall : „Dach, et ännert.")* Ech huelen un, datt dat Eent vill méi deier gëtt wéi dat Anert an een do och méi kéint erëmkréie bei 70%.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass eigentlech schwéier hei eng Opdeelung ze maache well d'Alentouren net gerechent ginn. De Café ass bei deenen 70% och net dran. Do sinn och verschidde gemeinsam Raimlechkeeten ewéi d'Entrée, de sanitäre Beräich. Do ass och no längeren Diskussioune mam „département ministériel" ausgemaach ginn, einfach 50% global ze gi well een net einfach dat Ganzt kann esou strikt trennen. Ech géif och mengen, datt mer als Gemeng all Ursaach hu fir do net nozehaken an nozefroe fir do Detailer ze kréien. Mer sollten déi 50% huelen an och net zevill driwwer schwätzen. Méi wëll ech net dozou soen. Mä mer kënnen awer gären eng Kéier spéider am Detail diskutéieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Nach eng Saach. Et huet mech awer e bësse gestéiert well do a Klamere steet, datt den Tennis do en „Tresen" géif bedreiwen. Dat wier da fir méi spéit gewiescht. Et hätt net heihinner gehéiert. Weem gehéiert dann do ënnen op deenen oppenen Tennisfelder d'Buvette?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech wëll awer hei eng Präzisioun ginn. Et gëtt an dësem Fall net esou gemaach wéi donidden. Donidden ass d'Konventioun esou, datt d'Gemeng eppes opgeriicht a gesot huet, den Tennis kéint déi Buvette verlounen, mä mat de Recette miisste si eng Rei Aarbechte maachen, esou wéi d'Botzen an de Vestiairen – do wou aner Veräiner dat gebotzt kréien – oder och d'Bezuele vum Elektreschen. Si mussen eng Rei vu Chargen op deem Site iwwerhuelen. Et ass méi oder wéineger esou gerechent, datt se mat dem Loyer, deen se do erakréien, dat ofdecke kënnen. Hei geet et sécherlech net esou. Esou wäit ech weess, ass hei och vum 1. Stack Rieds an datt se, wa se emol e Match hunn, do eng Buvette kënne fonctionnéieren doen. Et ass op kengem Fall Rieds dovunner, datt dee Café ënnenan – mat 100 Plazen – vum Tennisclub exploitéiert gëtt. Dat gëtt vun engem Private gemaach. Mär hunn näämlech d'Iwwerleeunge gemaach, datt déi Suen, déi do erakommen, mussen duergoe fir d'„frais de fonctionnement" vun deenen Halen ze decken. Dat däerf duerno am ordinäre Budget net an d'Gewiicht falen. Dat ass d'Zil. Och wann do verlount gëtt, dann ass et net esou, datt d'Recetten all fir de Veräi sinn. Do gëtt eng Konventioun gemaach – esou wéi dat och schonn an der Tennishal zu Mamer ass. Et ginn och scho gutt Beispiller do. Op d'mannst musse mer déi lafend Onkäschten erakréien, wann net esou guer nach méi. Also et ass net esou, datt si déi Exploitatioun maachen ewéi dat do ënnen de Fall ass.

Jeannot Linden (LSAP) :

Dat ass schonn eng gutt Explikatioun. Et war mer opgefall. De Café-Restaurant gëtt jo dann u privat Leit verlount. Well ech hu geduecht, datt, wa mer e Restaurant do maachen, mer och dem Noper Konkurrenz maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Am Restaurant ginn et kleng Snacken. Et gëtt elo keng deier Kichen dra gemaach. Déi Méiglechkeet ass net do.

Jeannot Linden (LSAP) :

Et ass mer opgefall, datt d'Gréisst vum Restaurant iwwer deem läit, wat si fir Büroe brauchen. Ech hu geduecht, datt eng Federatioun eppes méi Grousses ass. Déi kréien ee Büro. Kommen déi mat engem Büro duer? Well een ass jo virgesi fir den Tennis. An da gëtt et och ee gemeinsame Büro, dee grouss ass. Wéivill Still sinn do dran? Ech mengen, esou grouss ass kee Comité. An dann ass just ee Büro do fir si. Ass dat mat deene Leit ofgeschwat, net datt se knapp dobanne sinn an et schonn ugeet, datt se nach ee bräichten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Déi Bürosraimlechkeete sinn all ofgeschwat tëscht der Federatioun an dem „département ministériel des sports". Dat ass éischter op deem Niveau geklärt ginn. Mer wëssen, datt an däer Federatioun zwee Leit schaffen, an ech mengen och net ganzdaags. Si sinn domat averstanen. Si gesinn dee Versammlungsraum, deen disponibel ass, och als Bürosraum. An och wat den Tennis ugeet, ass dat esou geschriwwen. Et ass och nach net ausdiskutéiert ob den Tennis do Bürosraim kritt. D'Prioritéit wat d'Büroen ugeet, läit bei der Keelefederatioun. Dat ass ganz kloer.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn och gesinn, datt bei den Tennisterrainen lénks a riets – zum Hotel Threeland hin – eppes vu mobilen Tribüne steet. Wou stinn déi dann déi aner Zäit? Bleiwen déi ëmmer do stoen oder wouhinner kommen déi?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Beim Tennisterrain si keng mobil Tribüne virgesinn. Dat ass bei de Keelebunnen.

Jeannot Linden (LSAP):

Neen, neen. Kuckt um Blat 16.

Enzio Alleva, Architekt:

Dat ass fir wann zum Beispill den ITF Roller Open ass, een nach kéint esou eng Bühn dohinner setze wéi se dëst Joer do stoung.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat ass gutt ze wëssen, well dat steet näämlech esou hei. Ech sinn also ganz zefridde mat deem, wat elo hei steet. Mäi Wonsch ass eben deen, datt eise responsabelen Ingenieur nokuckt, datt elo wierklech alles dran ass. Net datt et eis geet ewéi zu Rodange, wou mer hu mussen 360.000 € nostëmme fir déi Ännerungen ze maache fir an d'Buvette ze kommen. Mer hunn elo nach eng Kéier e puer Honnert-dausend Euro nogestëmmt fir datt Plättercher geluecht an en Ustrach gemaach goufen. Fir dat ze ëmgoe muss een alles nokucken, net datt mer dat duerno nees mussen nostëmmen. Ech wollt iech just opmierksam dorop maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Här Schiltz, där hutt d'Aufgab. Ech kann iech soen, datt den Här Schiltz scho bei der leschter Interventioun gekuckt huet wat vergiess gouf. En huet jo vun de Publikatioune geschwat a vun enger Zomm, déi agesat gouf, déi muss duergoen. Well ech kann iech soen, datt ganz dacks vergiess gëtt, datt och Publikatioune mussen an d'Zeitung kommen. A wann ee weess, wat d'Präisser sinn, da weess een och, datt ee schonn eng gewëssen Zomm net dran huet. Et ass zesumme gekuckt gi mam Architekt a mam Ingenieur fir dat esou gutt wéi méiglech ze maachen. Et gëtt elo nach eng Kéier beim definitive Plang dru geschafft. An dann hoffe mer, datt mer déi Saachen all dran hunn, déi mer brauchen. Ech sinn och gudder Déng wann ech gesinn, wéi mer dësen Dossier hei ugaange sinn. A wann ech mech erënneren, wéi aner Projeten ugaang goufen, da sinn ech gudder Déng, datt et hei nach besser geet.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo, duerno wäert dann och an der Konventioun festgehale ginn, wat geschitt, wann och Privatleit an der Wantersaison gären Tennis spille ginn oder eventuell eng oder déi aner Bunne wëlle kréien.

Carlo Gira (CSV):

Ech ka mech, wat d'Optik vun deem Bau ugeet, nëmmen deene Wierder uschléissen. Mä ech wëll och emol hei bemierken, datt et gutt war, datt de Schäfferot emol eng Kéier net bis an d'Ausland gelaf ass fir en Architekt ze fannen, mä e Mann vun der Plaz geholl huet.

Ech hu gesinn, datt den Daach mat Aluminium gedeckt gëtt. Do steet och drënner, datt Aluminium gewielt gi wier wéinst der „Langlebigkeit" an der „Wartungsfreiheit". Ech mengen, wann dat esou wier, da wier dat ze begréissen. Well bei der Sportshal wësse mer jo, datt den Daach no 20 Joer quasi de Geescht opginn huet. Den Här Schiltz huet et jo och scho gesot, datt dee ganze Bau op engem schlechten Ënnergrond steet. Et kënnt jo nëmmen e klengen Deel an de Keller. Sinn do baulech Moossname virgesinn, datt do näischt passéiert wat d'Statik ugeet. Net datt do Rëss entstinn.

Déi Bedenke mat de Parkplazen hat ech och, mä do sidd der jo schonn drop agaangen. Esou wäit ech dat dann och matkrut, sinn déi Tennisterrainen net nëmme fir den Training mä sollen och fir Kompetitiounssport benotzt ginn. Déi entsprieche jo deenen Normen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Zu deem leschte Punkt soen ech ganz kloer 'jo', mä fir déi technesch Fro ginn ech de Ball nees virun.

Yves Schiltz, Ingenieur:

Wat déi Geschicht vum Buedem ugeet, do musse mer derbäi soen, datt an dësem Kader och do virgesinn ass fir de Buedem auszetauschen duerch een, deen eng Kompaktheet huet, déi eis garantéiert, datt mer op séchere Féiss stinn. Wat déi Geschicht ugeet, wat fir Zorten Tennis do gespillt kënne ginn, do ass et u sech esou, datt mer domat den Norme vum Davis-Cup entspriechen. Wa mer da beschléissen, eppes Gréisseres ze organiséieren, da wier dat och méiglech. Mer haten eigentlech esou geduecht, datt een aus deenen dräi Terraine kéint esou e klengen „center court" maachen an deen ëmdréinen, esou datt een da spéiderhin d'Méiglechkeet hätt och eppes Gréisseres am Tennis ze maachen.

Enzio Alleva, Architekt:

Da soen ech och nach eppes zum Daach. Mär hunn do einfach op eng bestëmmte Marque gesat. Dat sinn Aluminiumsbunnen, déi bis zu 30 Meter an engem Stéck kënne geliwwert ginn. Do ass de Virdeel natierlech deen, datt wéineg Jointen do sinn. Aluminium dehnt sech och net esou aus bei Hëtzt oder Keelt wéi Zénk. Dat heescht, datt d'Problematik ganz niddereg ass. All déi nei Flughäfen, déi gemaach ginn a wou vill Knascht ass wéinst de Fligeren, ginn domat gemaach, well den Aluminium net ugegraff gëtt. Och vun de Schmotzoflagerungen ass do näischt. Et kann een dat och nach zousätzlech beschichte loossen, wat och nëmmen 1 Euro pro Quadratmeter méi wieren. Bei 4.000 Quadratmeter wieren dat nach eng Kéier 4.000 Euro derbäi. Dat kann een zum Beispill zousätzlech derbäi maachen hannen am Norden, wou vläicht d'Waasser kéint eroflafen an et kéint eng Sträif ginn. Mä dat sinn alles Saachen, déi bekannt sinn an déi een an de Gréff kritt.

Zum Parking wollt ech nach soen, datt mer déi ganz Geschicht mat de Parkplazen och ganz séier hätte kéinte léisen, andeems mer gesot hätten, datt dat eis Parzell ass an dofir eng Mauer ronderëm eis Parkplaz kéim. Dat heescht, nëmmen duerch déi Gréisst vun deenen zwou Hale – da kommen ech awer schonn op iwwer 50 Meter - si mer méi no un d'Grenz vum Hotel Threeland erugaang. An do hu mer gesot, mer géifen déi zwou Saache matenee verschmëlze loossen. Soss hätte mer vläicht nëmme bis zu 24 Parkplaze kritt.

Carlo Gira (CSV):

Ech mengen, den Här Breyer huet dat jo och scho gesot an et ass och ze begréissen. Wann een emol e gréisseren Tennistournoi organiséiert, da brauch ee jo och déi Parkplazen, déi am Ëmkrees leien an och déi bei der Sportshal. Well soss ass dat jo net méiglech.

Enzio Alleva, Architekt:

Et ass jo och esou, datt d'Federatioun sech fir dee Site entscheet huet well jo och en Hotel do ass. Wann da wierklech eppes ass, da sprange mer vu lénks no riets.

Roger Klein (LSAP):

Jo, Här Buergermeeschter, et gouf elo vill gesot an ech mierken, datt queesch duerch d'Reien eng relativ grouss Unanimitéit fir dee Projet besteet. Ech wëll och net aus der Unanimitéit ausbriechen. Ech fannen och, datt mer en ästhetesch ganz flotte Projet hunn. Nodeems mer an der leschter Zäit och deelweis aus Käschtegrënn jo éischter „kastenförmig" Hale gebaut hu kréie mer elo ganz kloer modern Architektur. Och dat steet eis gutt zu Gesiicht hei an der Gemeng Péiteng wa mer de Generatiounen, déi no eis kommen, e Beispill vun der Architektur aus dem 21. Jorhonnert hannerloossen. An ech mengen, och wa mer Bedenken hunn, wat Vandalen ugeet, esou solle mer eis dovunner net ofhale loossen, esou eng Architektur dohinner ze stellen.

Wat elo de Präis ugeet, dee virgesinn ass, esou sinn dat 7,3 Milliounen Euro. Wa mer do effektiv 50% vum Stat kréichen, da léiche mer bei 3,65 Milliounen Euro. Dat wier e Käschtepunkt, dee mer an der Gemeng Péiteng och kéinten droen. Och wann de Buergermeeschter ganz sécher Recht huet, datt mer elo an dëser Diskussioun net sollten esou an d'Detailer dovunner goen, da sollte mer dach – wann dat Schrëftlecht virläit – ganz genee liesen an eventuell eisen „avis favorable" nach eng Kéier iwwerdenke mussen. A moins datt déi 50% dra stinn - an domat mengen ech déi 50% vun der globaler Zomm, déi mer hei veranschlagen -, an net datt mer duerno gesot kréien, mer hätte 50% mat engem Plafong vun esou an esou vill Milliounen oder 50% an dat an dat, zum Beispill de Café an d'Alentouren an dat alles, dat wier net derbäi a mer géifen dann nees bei enger anerer Zomm leien. Do musse mer also „le moment venu" ganz virsiichteg sinn.

Dann hat ech mer och opgeschriwwen ob an deene Bauniewekäschten, also och d'Honoraire vum Architekt a vum Ingenieur, dra wieren. Déi Fro krut ech jo och affirmativ beäntwert.

Ech hat mer och Gedanke gemaach iwwer déi 40 bis 50 Parkplazen, déi do derbäi kommen. Et kann ee soen, et wieren der vill. Et sinn der awer och net vill wann een elo gesäit, datt mer net genuch Parkplazen hunn. Och wa mer de 5. Mäerz argumentéiert hunn, datt mer no bei der Gare léichen, da musse mer eis awer keng Illusioune maachen, datt vill Leit wäerte mam Zuch kommen. Et wäert scho wichteg sinn, datt een do am definitive Projet e Gesamtkonzept fënnt. Dee brauch haut nach net um Dësch ze leien. Wann déi Hal eng Kéier do steet, da wäerten eng ganz Rei Interaktiounen tëscht däer Hal an dem Hotel Threeland stattfannen. An da solle mer net an d'Mentalitéit vun de Privatleit erafalen, déi mat jalousen Ae soen „dat ass meng Parkplaz an dat ass mäi Client". Well ech mengen, dee Client, deen op däer enger Säit erageet wäert och op däer aner Säit eragoen. A wat mäin Uleies wier, dat wier, datt

mer e Gesamtprojet kréiche mat de Responsable vum Hotel Threeland, wou esou vill wéi méiglech Parkplazen op deenen zwee Terrainen entstinn. Well mer brauchen se.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech kann nëmmen ënnersträichen, datt mer eis dat do an den nächste Wochen op de Leescht zéie solle fir dat och ze finaliséieren. An ech si sécher, datt beim definitive Projet do eppes virläit wouriwwer mer dann nach kënnen diskutéieren.

Guy Brecht (LSAP):

Ech ka mech de Wierder vu menge Virriedner nëmmen uschléissen. Dat do dréit och nees zu der Attraktivitéit vun eiser Gemeng bäi. Dat ass eng ganz gutt Saach. Ech hunn e puer Froen. Déi meescht sinn awer scho beäntwert ginn. Wann een dee leschten ass, dann ass dat Meescht scho beäntwert ginn. Ech wollt just op e puer Saachen opmierksam maachen. Dier schwätzt vun 50%, ech huelen un, datt der déi 70% an déi 30% zesumme gerechent hutt an dann duerch 2 gedeelt hutt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Esou einfach war et net.

Guy Brecht (LSAP):

An der Aféierung steet – dat ass fir mech e bëssen „irreführend" – datt en nationale Keelenzentrum fir 4.000 Memberen entsteet. Et ass jo elo net esou, datt do elo 4.000 Leit passéieren, mä et ass jo just geduecht fir déi national Selektioun, fir datt déi kënnen hiren Training an hir international Matcher do spillen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech wollt just dozou soen, datt si effektiv an der Federatioun 4.000 Memberen hunn an dat hei ass den nationalen Zentrum, wou och d'Büroe si fir déi ganz Federatioun. Et sinn der sécherlech och, déi an der 7. Divisioun spillen. An do ass et wéi beim Fussball. Wa se an enger klenger Divisioun spillen, da gi se och net op de grousse Stadion oder an den nationalen Zenter. An awer steet zu Monnerech de Fussballzenter fir all déi Sportler, déi an der Federatioun sinn.

Guy Brecht (LSAP):

Wéi wäit ass dann dee Keelenzentrum och fir de Public, fir d'Bierger aus der Gemeng an och vun auswäerts zougänglech? Ech huelen un, datt gëtt nach an enger Konventioun spéiderhin opgeschriwwen. Kënnen do och einheimesch Keeleclibb hir Matcher ausdroen. Den Här Linden hat et och schonn ugeschwat. Et wier e bësse frei fir dem Tennisclub do d'Gérance ze iwwerloossen. Déi néideg Erklärungen hutt der jo och ginn. Dat ass alles an der Rei. Ech hunn awer och gelies vu Billard-Dëscher an Darts-Scheiwen, déi kënnen opgestallt ginn. Mer hunn och esou Veräiner an der Gemeng. Ass et och méiglech fir si, hei hir Championatsmätscher auszedroen? Hunn ech do net ze grouss gesinn?

Enzio Alleva, Architekt:

Et ass jo esou. Wa mer um Plang kucken, da gesäit een, datt déi mobil Tribünen eragezu sinn. Dat heescht, déi gestréchelt Linnen. Am normale Betrib sinn déi Tribüne jo net do, mä mer hunn eng grouss Fläch déi fräi steet. An do hu mer einfach geduecht, datt, wann do een oder zwee Méint fräi ass, da kann een nach ëmmer een oder zwee Billardsdëscher oder Darts-Scheiwen opstellen. Eis Keelerte gesinn dat wierklech als eng regelrecht Sportaart un, mä wa mer dohinner ginn, da spillt een e puer Klatzen an duerno vläicht um Billardsdësch. Et soll jo awer och en Zenter ginn, wou déi Jugendlech sech awer och als Generatioun kann treffen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dir musst awer oppassen. Mär hunn déi Iwwerleeunge gemaach, mä besonnesch wat de Keelenzenter ugeet, do musse mer dat natierlech mat der Keelefederatioun ofschwätzen. Well déi éischt Fonctioun vun deem Zenter ass natierlech e Keelenzenter wou en Training ka gemaach ginn. An da kann et och vu Privatleit genotzt ginn. Well et si jo aacht professionell Bunnen a véier, wou och international drop gespillt ka ginn. An op deene véier anere kënnen och national Kompetitioune gemaach ginn. Op d'mannst op deene kann een och aner Aktivitéite maachen an net nëmmen Training. Et kann een dat natierlech dann och dee Moment mat Billard verbannen. Mä dat muss awer nach alles mat hinnen am Detail geschwat ginn. Well do gëtt de Ministère jo e grousse Subsid, an deen ass natierlech an éischter Linn fir de Keelenzenter. An do musse mer halt deem Rechnung droen, wat d'Federatioun a wat de Ministère soen. Also et däerf ee sech net virstellen, datt all Dag Fräizäitaktivitéiten do stattfannen.

Guy Brecht (LSAP):

Nach eng lescht Saach, Här Buergermeeschter. Et steet och dran, datt mer eventuell am Joer 2011 d'Weltmeeschterschaft hei kéinten ausdroen. Natierlech ass dat ëmmer eng grouss Éier fir eng Gemeng, mä geet dat esou an däer Federatioun, datt een am Joer 2010 seet, datt mer fäerdeg si mat der Hal a mer gären dat Joer drop d'Weltmeeschterschaft hätten. Bei anere Weltmeeschterschaften gëtt alt 10 Joer virdrun doriwwer ofgestëmmt. Ass dat hei net de Fall? Kënne si hei ganz kuerzfristeg soen, wouhinner eng Weltmeeschterschaft geluecht gëtt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass esou. Eigentlech wollten se schonn 2009 d'Europameeschterschaft hei maachen. Dat haten se schonn zougesot krut. Do hu mer awer gesot, datt et absolut illusoresch wier fir dat ze maachen. Et huet och kee Wäert fir elo eppes iwwer de Knéi ze briechen. Elo ass et eigentlech esou – awer et steet tëscht Klameren -, datt si op d'Europameeschterschaft verzichten an da kéinten se sech virstellen, eventuell zwee Joer drop d'Weltmeeschterschaft ze organiséieren. Mä ob dat elo d'Weltmeeschterschaft 2015 ass oder d'Europameeschterschaft 2013, do kënne mer eis elo nach net festleeën. A vun deem Moment u wou mer hinnen zousoen, datt si eppes kënnen organiséieren, entscheet sech och ob nach Zäit ass oder net fir d'Kandidatur ze stellen. Mä bei hinnen ass et net esou laang am Viraus, wou ee sech muss mellen. Et ass net wéi beim Fussball. Déi Weltmeeschterschaft ass jo awer nach e bësse méi kleng wéi eng Fussballweltmeeschterschaft.

Guy Brecht (LSAP):

Gutt, et ass ze begréissen, datt mer esou eppes zesummekréien an et dréit och zur Attraktivitéit vun der Gemeng bäi.

Camille Bosseler (CSV) :

Et si mer elo scho vill Froe beäntwert ginn. Ech kann nëmme feststellen, datt dat hei e Projet ass, dee sech weise léisst. E Projet vun engem Mann hei aus der Gemeng. An e passt sech och ganz gutt un déi Gebaier, déi schonn do sinn, un. Ech wier frou, wann eis Jugendlech, déi elo mussen auswäiche bis op Stengefort oder Arel fir hiren Tennissport ze bedreiwen, esou séier wéi méiglech hir Hal erëmfannen. Et ass e bësse séier gaange mat däer aler Hal. Mä esou e schéine Projet ass wierklech ze begréissen.

Jeannot Linden (LSAP) :

Hei ass eppes, wat opgeriicht gëtt, wat jo och nationale Charakter huet. Ass do keng europäesch Ausschreiwung virgeschriwwen, well et jo en nationalen Zenter ass? Ass et net méiglech, wann et an engem nationale Kader gemaach gëtt, fir och Subsiden ze kréien, wéi zum Beispill aus dem Feder-Programm?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Also de Feder-Subsid ass net dra well et net iwwer d'Grenzen erausgeet. Dat hei ass et jo e renge nationale Projet. Wat d'Ausschreiwung ugeet, esou géif ech dem Här Schiltz d'Wuert gi well si doranner besser plazéiert sinn.

Yves Schiltz, Ingenieur:

Wat d'Ausschreiwungen ugeet, do befanne mer eis um Limit, dat stëmmt. Esou wäit ech d'Zuelen am Kapp hu bewege mer eis bei 5,2 Milliounen Euro Baukäschte fir dozou mussen iwwer ze goen an eng international Ausschreiwung ze maachen. Esou wéi et opgedeelt ass, ass et och ëmmer eng Saach vun der Ausleeung. De Mobilier, dat sinn och net ëmmer Baukäschten. Mä wa mer elo beim definitive Projet sinn, da musse mer effektiv kucken, wou mer genee mat deem Chiffer stinn. Soss musse mer europäesch ausschreiwen. Wann de Montant do ass, da musse mer et maachen. Et léisst sech elo opgronn vum Virprojet schlecht soen, mä wa mer duerno wierklech déi méi genee Zuelen hunn, da muss ee kucken. Do si mer souwisou vum Marchésgesetz ofhängeg. Et gëtt op alle Fall eng Saach, déi op der Grenz läit, entweder zu däer enger oder zu däer aner Säit.

Romain Rosenfeld (CSV):

Also, dee Projet hei, wéi och déi vill Virriedner soten, ass ganz gutt. Mä wat mär am beschten dru gefält, dat ass, datt mer am Fong zwou Mécke mat engem Schlag schloen. Eischtens, well mer dee Projet deelweis finanzéiert kréien. Wa mer einfach eng Tennishal gebaut hätten, dann hätte mer net an deem Mooss Subside kritt. De Projet u sech ass wierklech futuristesch a mat allen Iwwerleeungen dran. Wann dat duerno esou ausgefouert ass, dann ass dat schonn eng gutt Saach. Mech freet et op alle Fall fir d'Jugend vum Tennis, déi duerno hire Sport an esou moderne Raimlechkeete kënne bedreiwen. Dat mécht natierlech duebel esou vill Spaass. Ëmsou méi de Winners, wéi en nei war, awer ni dat Richtegt war fir dee Sport ze bedreiwen. Dee Projet hei kann een nëmme begréissen. A wéi gesot, mer ginn ëmmer méi attraktiv mat eise Saachen hei an der Gemeng an dofir kann ech nëmmen dëse Projet begréissen.

Albert Muller (LSAP):

Zu der Problematik mat dem Parking. Wann et do méiglech ass fir de Parking vum Hotel an dee vun dem Keelenzenter ze géréieren, da géif ech soen „à la bonne heure". Ech kéint och domat liewen. Sollt et awer net méiglech sinn, da géif ech proposéieren, keng Barrièren dohinner ze maache wéi dat scho gesot gouf, mä ech géif einfach d'Halen no riets réckelen an de Parking op déi lénks Säit maachen.

An dann nach eng Bemierkung zum Här Gira senger Affaire mam Daach. Hei ass jo en Daach, deen am Aluminium gemaach ass. An der Sportshal hate mer einfach eng „Bärenhaut", dat ass eng Zort déck „Dachpappe" an et war och nach e flaachen Daach. Dee konnt net esou laang halen. Dat wollt ech nach präziséieren.

Approbation à l'unanimité.

3.1.

Administration générale.

Titres de recettes : déclarations diverses au montant total de 455.192,43 €, dont subside de l'Etat pour les travaux de réaménagement des combles dans l'école « Am Park » à Pétange – solde (327.550 €) ; remboursement par l'Etat du congé politique (40.476,26 €) ; remboursement de l'Etat dans les travaux de jeunes chômeurs (41.493,35 €) et TVA du mois d'octobre (15.265,42 €) – approbation (explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre).

Carlo Gira (CSV) :

Mir gesinn, datt mer vun de Comblen an der Park-Schoul elo eréischt de Subsid kréien. Et ass also wichteg, datt mer d'Décompte vun den Aarbechte relativ séier maachen, fir datt mer d'Suen och séier kréien a mer weider kënne schaffen.

Ech wollt och nach eng Bemierkung maachen zu engem Remboursement vun engem Congé politique. Do stellen ech fest, datt mer fir 2006 Sue kréien. Dat selwecht gëllt och fir Leit, déi selbststänneg sinn an op d'Sue waarden. Do dauert et dann – esouwäit ech am Bild sinn – bis 2008 bis datt een d'Suen do iwwerwise kritt. Dofir wonnert et mech net, datt e groussen Deel vun deene Leit, déi hei am Gemengerot sëtzen, an der Pensioun sinn, well déi kréien hir Pensioun, an déi aner mussen iwwert ee Joer op hir Sue waarden.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Zum Congé politique wëll ech erkläre wéi dat geet. Do muss fir d'éischt e Formulaire ausgefëllt ginn, deen dann ageschéckt gëtt. Et ass de Fonds communal, deen dat finanzéiert an och zeréckbezilt. De Fonds communal gëtt jo och duerch déi eenzel Gemenge gespeist. Datt et an deem heite Fall elo esou laang gedauert huet, huet awer domatter ze dinn, datt mer relativ laang hu miisste waarden ier mer alles zesummen hate vun däer Persoun, an datt mer dat eréischt virun engem Mount konnten aschécken. Esou datt mer an deem heite Fall dem Gestionnaire vum Fonds communal nët kënne virwäerfen, datt et laang geschleeft huet. Mir konnten eréischt viru kuerzem dee Formulaire erareeche well eis Donnéeë gefeelt hunn.

Carlo Gira (CSV) :

Ech wollt just mat menger Interventioun soen, datt een als Politiker laang op seng Sue muss waarden.

Camille Bosseler (CSV) :

Wéi der wësst, sinn ech en ale Verfeschter fir eise Bësch. A well mer déi leschte Kéier och verschidde Sëtzunge vum IVL haten, an deene gezielt gouf, datt mer Nohuelbedarf hätte wat de Bësch par rapport zu den Awunner ugeet, géif ech drop hiweisen, datt dat, wat mer dem Bësch elo hei erauszéien – an deem heite Fall sinn et 26.386 € - och nees dem Bësch zoukomme loossen. Well mer liewe jo net vun den Einname vun engem Bësch, an dofir géif ech virschloe fir dat Geld ze huelen an ze kucken, wou entweder Lännereien ze kafe sinn, oder datt mer den Nohuelbedarf opgeschafft kréien an unzeplanzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat maache mer Här Bosseler, an ech weisen drop hin, datt mer am Kader vun der 'Journée de l'arbre' 500 Elleren um Hierschbierg gesat hunn. Esou datt mer och an eis Bëscher investéieren. An ech kann iech och soen, an dat kann den Ëmweltschäffe confirméieren, datt eise Bësch am Ekiliber ass. Well esou séier, wéi mer Suen aus dem Bësch erauszéien, gëtt och nees an de Bësch investéiert.

Approbation à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

3.2.1

Administration générale.

Décompte de travaux extraordinaires: renouvellement des infrastructures souterraines dans la rue de la Résistance à Pétange – approbation (explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre).

Total des devis et des crédits approuvés : 275.000 €

Total de la dépense effective : 274.966,50 €

Approbation à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

3.2.2.

Administration générale.

Décompte de travaux extraordinaires: remise en état du mur de soutènement près du presbytère à Lamadelaine – approbation.

Total des devis et des crédits approuvés : 54.500 €

Total de la dépense effective : 49.509,80 €

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dir wësst, datt mer Problemer mat däer Mauer haten, an datt d'Noperen net zefridde ware mat der Aart a Weis wéi den Zoustand vun däer Mauer war. Dorophin hu mer Devisen ageholl a mer hunn déi Aarbechte maache gelooss.

Albert Muller (LSAP) :

Et ass net esou, datt ech net mat deem Décompte hei d'accord wier. Mä dat eenzegt, wat mech e bësse stéiert ass déi Justificatioun, déi an deem Décompte dra steet. An zwar steet do 'La complexité des travaux a été sous-estimée, ...'. Wann ech awer gesinn, datt mer e Bureau d'études hate fir déi Saach ze ënnersichen, da wollt ech wësse wéisou déi Komplexitéit vun den Aarbechte konnt ënnerschat ginn ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech kann Iech soen, datt dat heiten e ganz komplizéierten Dossier war. Well ech mengen Dir kënnt Iech och nach drun erënneren – well déi Zäit war Dir nach Chef vum techneschen Service -, datt ee Moment vun engem Devis vun iwwer 150.000 € Rieds war fir déi Aarbechten ze maachen. De Schäfferot war awer der Meenung, datt dat géif ze deier ginn. Dunn ass eng aner Manéier gesicht gi fir déi Mauer an d'Rei ze setzen, esou datt et méi bëlleg géif ginn. Et war och vun Ufank u gesot ginn, datt een net alles bis an dee leschten Detail konnt virgesinn, well een déi Mauer net bis an dee leschten Detail kannt huet, an datt eventuell Iwwerraschunge kéinte kommen. Mir waren awer als Schäfferot averstane fir déi Aarbechten ze maachen, well mer schlussendlech et fir den Drëttel vum Präis konnte realiséieren. An et sinn och déi eng oder aner Schwieregkeeten opgetaucht, wou d'Mauer net an deem Zoustand war wéi een sech et virgestallt hat, an dat waren och d'Ursaachen – esouwäit ech se kennen - , datt eng liicht Iwwerschreidung war. Et muss een awer och soen, datt mer am Total nach ëmmer ënnert dem Devis leien, dee gestëmmt gi war. Mä et war keen einfache Projet. Et gouf hannert den Haiser geschafft, an déi ware ganz no bäi. An doduerch war et net einfach fir ze schaffen, an ech si frou, datt mer fir deen dote Präis dee Problem konnten zefriddestellend léisen.

Albert Muller (LSAP) :

Ech sinn zefridde mat den Aarbechten, esou wéi se realiséiert gi sinn. Ech hat just geduecht zousätzlech Explicatioune kënnen ze kréien iwwer d'Komplexitéit vun den Aarbechten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech ginn dem techneschen Service dat virun, mat der Demande, datt se Iech déi Informatiounen nozereechen. Well ech kennen den Dossier net bis an de leschten Detail, an et sinn d'Techniker, déi do besser placéiert sinn.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech sinn och mam Décompte averstanen. Ech wëll just soen, datt, esoulaang déi Mauer net a Stand gesat war, och d'Parkplazen net disponibel waren. Dofir sinn ech frou, datt déi Aarbechten ofgeschloss sinn an d'Parkplazen nees kënne benotzt ginn.

Camille Bosseler (CSV) :

Ech sinn och frou, datt déi Saach emol endlech gekläert ginn ass. An do gesäit een nees erëm eng Kéier, datt fréier eis Virfahren, wou se déi aal Schoul ewechgerappt hunn, hätte sollen drun denke fir d'Mauer och direkt erofzehuelen, an op de Fouss ze maachen, a net hinzegoen an d'Mauer stoen ze loossen. Well d'Mauer war deelweis scho baufälleg, an obwuel se schonn eng Gefor duergestallt huet, si se higaangen an hunn e Parking uewendrop gemaach. Dofir war et jo normal, datt de Parking huet miissten zougemaach ginn, well den Drock dee Moment méi staark ginn ass, an et ënnen hätt kënnen ewechfueren.

Jeannot Linden (LSAP):

Den Drock vun der Schoul war jo awer fort.

Camille Bosseler (CSV) :

Sécher war den Drock vun der Schoul fort. Mä et ass erëm Drock dobäikomm well se uewen entaméiert hunn. Wou d'Schoul ewechgerappt ginn ass, hätten se d'Mauer och miisste mat ewechhuelen. Well et war och eis Mauer, déi ronderëm d'Schoul gaangen ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass kloer, datt mer déi Aarbechte gemaach hu well se noutwenneg waren. A se sinn elo gemaach, an d'Techniker hunn eis och gesot, datt déi Aarbechten gutt ausgefouert goufen. Mir konnten et och nach zu engem raisonnabele Präis realiséieren, wann een deen éischten Devis kuckt, an dofir géif ech proposéiere fir elo zum Vote iwwerzegoen.

Approbation à l'unanimité.

3.3.1.

Administration générale.

Règlement général des tarifs : enlèvement des immondices – équipement des poubelles de serrures automatiques basculantes : introduction d'une taxe – décision.

Gilbert Welter, Schäffen :

Mir wëllen eng nei Tax aféieren, an zwar wëlle mer eis schwaarz Dreckskëschte fir 'déchets ménagers' mat engem Schlass équipéieren. Firwat ? Mir hunn ongeféier 6.000 däer Dreckskëschten an der Gemeng stoen, an et ass esou, datt eng ganz Rei vu Reklamatiounen un eis erugedroe si ginn, datt ganz oft vum Noper, vun de Schüler, a vu weem och ëmmer, Dreck an engem Frieme seng Dreckskëscht dragehäit gëtt. Dofir hu mer gekuckt fir eng Léisung ze fannen. Dat ass dann och méiglech, an op Wonsch vun eise Bierger kënne mer d'Dreckskëschte vun 80, 120 an 240 Liter mat esouengem 'système de fermeture' ausstatten.

Dee System ass och schonn op e puer anere Plaze versicht ginn, an och mat ganz vill Succès fonctionnéiert deen. Et ass och esou, datt dee System ouni Problemer fonctionnéiert, well dat Schlass gëtt dee Moment, wou d'Dreckskëscht an de Camion getippt gëtt, automatesch opgemaach. An dee Moment, wou d'Dreckskëscht nees vum Camion erofkënnt, späert sech dat Schlass nees vum selwen.

D'Leit hunn e Schlëssel fir hir Dreckskëscht opzespären. An den Erklärunge vun der Firma konnt ech och liesen, datt, wann iergendwéi e Béischt, oder zum Beispill e Kand – fir et emol krass auszedrécken – an däer Dreckskëscht géif sëtzen, an d'Eltere géifen déi Dreckskëscht zouspären, een se ëmmer vu bannen opkritt. Deemno ass d'Sécherheet och ginn, fir dat näischt ka geschéien.

Esou ee Schlass kascht am Duerchschnëtt 24 €, a mam Opwand fir déi Schlässer unzebréngen, proposéiere mer fir e Präis vun 30 € pro Schlass ze froen.

Déi Tax ass och vun der Finanzkommissioun den 9. November 2007 guttgeheescht ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech präziséieren nach eng Kéier, datt et jiddwer Bierger fräigestallt ass, ob hien esou ee Schlass fir seng Dreckskëscht wëll oder net.

John Polfer (CSV) :

D'Finanzkommissioun ass mat däer Saach hei averstanen. An et ass scho richteg, datt et keng Obligatioun ass fir sech esou ee Schlass u seng Dreckskëscht ze maachen.

Da wëll ech awer nach froen, wéi et mat der grénger Dreckskëscht ass ? Do hate mer gesot kritt, datt een déi eventuell och kéint mat deem Schlass ausstatten.

Well et ass elo nëmmen déi schwaarz Dreckskëscht ugeschwat ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Esouwäit ech weess kënnen et d'Dreckskëschten alleguerte sinn. Well de System ass jo dee selwechten. D'Taxereglement mécht keen Ënnerscheed tëscht der grénger an der schwaarzer Dreckskëscht. An d'Technik miisst et och zouloossen, well et dee selwechte Camion ass, deen den Dreck asammelt, an et ass och déi selwecht Gréisst vun Dreckskëscht. Esou datt et kee Problem dierft sinn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hat déi selwecht Fro, well den Här Welter virdru gesot hat, datt déi schwaarz Dreckskëschte géifen équipéiert ginn. Ech sinn och berouegt, datt et fräiwëlleg ass.

Et ass natierlech traureg, datt mer esouwäit sinn, datt mer eis Dreckskëschte mussen zouspäre fir datt keen eppes soll dra geheien.

Ech wollt awer nach froen, ob déi Schlëssele fir déi Schlässer lauter individuell Schlëssele sinn, oder ass et ee Schlëssel deen op all Dreckskëscht geet, wéi z.B. de Véierkannt bei der bloer Dreckskëscht.

Gilbert Welter, Schäffen :

Et gi ganz genee 300 verschidde Schlësselen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Da sinn ech och do berouegt. Ech hunn awer nach eng Fro. Ech hu gesinn, datt dat a verschiddene Gemenge besteet, an ech hunn et och schonn zum Beispill an der Suessemer Gemeng gesinn. Et ass dat esou eng rout Kap, déi do drop ass, an déi ass aus haardem Plastik. An ech hunn der och scho gesinn, déi duerch Witterungsverhältnisser ofgebréckelt a gebrach sinn, vu datt d'Dreckskëscht ëmmer dobaussen am Reen an am Schnéi steet. Kréie mir dee selwechte System wéi d'Suessemer Gemeng ?

Gilbert Welter, Schäffen :

Ech weess net genee, watfir ee System d'Suessemer Gemeng huet. Dee System, dee mir solle kréien, ass de System 'Südhaus', deen iwwert e lëtzebuerger Importateur 'General Technic' lancéiert gëtt. Et ass esou een Hallefkrees, wou d'Schlass drasëtzt, esou datt kee Waasser drakënnt. An dat gëtt op d'Dreckskëscht drop gemaach.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dee System zu Suessem gesäit och esou aus. An deen Hallefkrees besteet aus haardem Plastik, an ech hu gesinn, datt duerch d'Sonn, de Reen, de Schnéi, asw. dee Plastik gebrach ass.

Gilbert Welter, Schäffen :

Et ass och esou, datt d'Dreckskëschten no enger Rei vu Joeren och kënne räissen. Och hei wäerte mussen d'Schlässer no enger Zäit mussen erneiert ginn. Dat muss een einfach mat a Kaf huelen.

Camille Bosseler (CSV) :

Ech hat esou een ähnleche System am Ausland gesinn. Et war dat a Sardinien, bei enger Kierch, an ech wollt e Pabeier an eng vun deene séllege Këschten drageheien, mä si waren alleguerte gespaart, mat enger Kette ronderëm an engem Schlass drop. Déi Dreckskëschte goufe vun de Gemengebetriber zougemaach, fir datt d'Leit net sollten dohier kommen an alles drageheien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et kënnt jo net vun Näischt, datt mer déi Propositioun hei maachen. Et ass ee reelle Problem do, an dat hei ass eng Méiglechkeet fir sech géint verschidde Schwieregkeeten ze wieren. Et ass traureg, mä et ass eben esou.

Guy Brecht (LSAP):

Wat geschitt, wann een dee Schlëssel verléiert ? Ass et méiglech fir een Ersatzschlëssel ze kréien ?

Gilbert Welter, Schäffen :

Ech ka mer virstellen, datt bei all Schlass 2 Schlësselen dobäi sinn. Wann een dann elo säi Schlëssel verluer huet, da bleift näischt aneschters iwwereg wéi en neit Schlass ze installéieren, an déi Persoun muss dann erëm 30 € bezuelen.

Jeannot Linden (LSAP):

Muss an der Délibératioun dee Saz net ëmgeännert gi wou steet, datt fir de Moment ongefeier 6.000 Dreckskëschte fir 'déchets ménagers' an der Gemeng sinn ? Well déi gréng Dreckskëscht kënnt jo och dobäi.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech géif net mengen, datt d'Zuel vun den Dreckskëschten e Problem duerstellt. Et ännert jo näischt un der Tax.

Accord à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

3.3.2.

Administration générale.

Règlement général des tarifs : piscine de Rodange – introduction de taxes complémentaires – décision.

Gilbert Welter, Schäffen :

Hei dréit et sech nach eng Kéier ëm eng Tax déi mer wëllen aféieren. An zwar hu mer an eiser Rodanger Schwämm PiKo Fäll gehat, wou verschidde Leit versicht hu fir hiren Entréesticket net ze weise fir erauszegoen, respektiv, datt se gesot hu se hätten e verluer. Haaptsächlech an der Summerzäit, wa ganz vill Leit do waren, a wann den Daach op war, si verschidde Leit mueres an d'Schwämm komm a wollten dann eréischt owes Heem goen. Si hunn do festgestallt, datt se hiren Ticket net méi haten, a se goufen am Prinzip einfach esou erausgelooss. Si hu mat deem Gescheck nëmmen 1 oder 2 Stonnen Entrée bezuelt, a si waren awer dee ganzen Dag an der Schwämm. Ech wëll awer och soen, datt sécherlech Leit dobäi waren, déi wierklech hiren Ticket verluer haten.

Mir sinn awer der Meenung, datt mer solle fir déi dote Fäll eng Tax schafen, fir datt dat sech d'nächst Joer net nach eng Kéier widderhëlt. Well déi Fäll waren awer zimlech heefeg. An deem Sënn ware mer der Meenung, datt mer sollen eng Tax aféieren, wou mer soen, wann ee säin Ticket verluer huet, an e geet virun 12 Auer gären aus der Schwämm eraus, eng Tax vun engem hallwen Dag géif gefrot ginn, a wou 5,25 € ze bezuele wieren. Wann déi Persoun no 12 Auer erausgeet, da muss en de Präis vun engem ganzen Dag bezuelen. Dat wieren dann 6,50 €. Mer erhoffen eis dovunner, datt mer déi Leit demotivéiert kréien, déi mat speziellen Tricke wëlle schaffe fir zu hirem ze kommen.

John Polfer (CSV) :

D'Finanzkommissioun war sech och bewosst, datt et haaptsächlech de Summer wier wou verschidde Leit wollten dovunner profitéieren, andeems se 1,5 Stonne bezuelen an dee ganze Moien do bleiwen. Fir elo net nach eng Kéier mat engem extraen Tarif déi Saach nach méi komplex ze maachen, ass d'Propositioun gemaach gi fir deenen, déi viru Mëtteg erausginn en hallwen Dag ze verrechnen, an déi, déi duerno erausginn, e ganzen Dag ze verrechnen. Déi Propositioun vereinfacht d'Saach och fir d'Personal vun der Schwämm.

Roger Klein (LSAP):

Onofhänneg vun der Héicht vum Entrée an onofhängeg vun der Diskussioun ob den Entrée ze deier ass oder net, esou kann et net sinn, datt eenzel Leit kënne menge si miisste kënne profitéieren an nëmmen eng Stonn bezuele wa se e ganzen Dag dobanne sinn. Well wann ech zum Beispill an engem Parking sinn, an ech verléiere mäi Parkschäin, da muss ech och e ganzen Dag bezuelen, an déi Kéier drop passen ech da besser op mäin Ticket op.

Carlo Gira (CSV) :

Dat spillt jo awer net, wann elo een no enger Stonn erëm erausgeet ? Zum Beispill, wann d'Schwämm um 10 Auer opmécht, an e geet um 11 Auer eraus.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir hunn hei festgehalen, datt beim Verléiere vum Entréesticket déi Tax geschëld ass. Egal wéini datt en eran- oder erausgeet. An deem heite Fall miisst déi Persoun en hallwen Dag bezuelen. Et ka jo och vläicht ee sinn, deen iwwer d'Gelänner geklomm ass a guer net bezuelt huet.

Guy Brecht (LSAP):

Als Oppositiounspartei ass een ëmmer kritesch, wann et drëm geet fir Tariffer ze héijen, an dat besonnesch wann et sech ëm de PiKo dréit. Dat hei ass awer eng Saach, déi normal ass, an déi wäerte mer och esou akzeptéieren.

Accord à l'unanimité.

3.4.

Administration générale.

Règlement d'utilisation du hall polyvalent à Rodange (2e lecture) – décision.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Mir hate jo schonn eng Kéier eng Lecture vum Règlement d'utilisation vum Hall polyvalent zu Rodange. Mir hunn elo e Bréif vum Inneministère zeréckkritt, an deem d'Madame Loutsch-Jemming eis gewëssen Observatiounen zu verschiddenen Artikelen aus deem Reglement mécht. Mir hunn doduerch haut en neit Reglement virleien, an deem mer déi verschidden Artikelen esou formuléiert hu wéi se vum Inneministère virgeschriwwe si ginn. Ech ginn elo nëmmen op e puer Remarquen an, déi gemaach goufen. An zwar am Artikel 5 an 33 war festgehale ginn, datt 'l'article 5 prévoit que le collège des bourgmestre et échevins peut à sa guise mettre une association devant le fait accompli, en mettant le hall à disposition d'un tiers sur décision spontanée'. Si acceptéiert dat awer net, a si schreift, datt doduerch d'Associatiounen 'quasi totalement abandonnées à l'arbitraire des autorités communales' wieren, an dat wier inacceptabel. Esou datt mer déi Artikelen da mussen änneren. Si schreift och nach hannendrun, dat ass den Artikel 33, do wier '... constituent en droit civil ...' an dat ' ... fait dépendre l'exécution de la convention d'un événement qu'il est au pouvoir de l'une ou de l'autre des parties contractantes de faire arriver ou d'empêcher.' Heizou schreift si eis natierlech 'une obligation est nulle lorsqu'elle a été contractée sous une condition potestative de la part de celui qui s'oblige.' Dat musse mer also och änneren.

Am Artikel 8 schreift se och, datt et am Fall vun engem Litige esou wier, datt eis Gemeng en Service offréiert, andeem se en Hall sportif zur Dispositioun vun de Schüler an dem Public stellt. An doduerch wier et och un eis fir ze kucken, datt mer genuch Personal do hätte fir d'Sécherheet vun deene Leit, déi di Hal benotzen, ze garantéieren. Mir kënnen eis deemno deem och net elo entzéien a mer mussen eis dorunner halen.

Am Artikel 13 schreift se, datt et net kloer wier, wat mer mat 'les données quant à l'occupation des salles' mengen, an dofir sollen nach zousätzlech Präzisiounen drakommen. Déi Präzisiounen hu mer dann och nach eng Kéier an d'Reglement drageschriwwen.

Am Artikel 15 kontestéiert si, datt mer géinge schreiwen, datt et de Schäfferot wier, deen d'Critères d'exceptions géif festleeën. Et wier awer esou, datt déi Critères d'exceptions duerch de Gemengerot miisste festgeluegt ginn.

Fir den Artikel 19 huet se gesot, datt deen Artikel géif 'double emploi' mam Artikel 11 maachen.

Am Artikel 30 schreift si, datt 'suivant les missions accordées par l'article 57' vum Gemengegesetz et net um Buergermeeschter alleng wier, fir d'Reklamatiounen ze géréieren, mä datt et um ganze Schäfferot wier.

Am Artikel 34 schreift se, datt mer sollten nach emol déi ganz Commentaire vum Artikel 30 duerchhuelen. Ech fannen, datt d'Madame Loutsch zimlech stricte mat eis ass, datt se zimlech op de 'point' gaangen ass. Mir hunn natierlech dat Ganzt geännert, an am Artikel 36 huet se och nach eng Kéier geschriwwen, datt d'Reglement keng Approbatioun vun der Autorité supérieur géif brauchen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech wëll nach bäifügen, datt jidderee weess, watfir Reglementer mer schonn hei am Haus gestëmmt hunn, an datt eng ganz Rei vu Saachen, déi d'Madame Conter elo grad gesot huet, an enger Rei vun eise Reglementer stinn, an elo ob emol net méi gutt sinn. Mir mussen deem elo Rechnung droen, a mer hunn dat dann elo geännert, an ech mengen domatter wäert dat Reglement vun deem Hall polyvalent net op d'Kopp gedréint ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hätt nëmmen eng Fro zum Artikel 5 aus dem Reglement. Do steet 'Le maximum de personnes à admettre sur les gradins est de 300, dont 200 places assises. ... Le maximum de personnes à admettre au hall proprement dit est de 490.' Wat ass domatter gemengt ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Laut Commodo dierfen an däer Sportshal net méi wéi 490 Leit sinn, sief dat op den Tribünen oder ënnenan. An op den Tribünen dierfen net méi wéi 300 Leit sinn. Mir dierfen do keng 490 Leit hisetzen. An den Total vu 490 Leit bezitt sech nëmmen op den Hall.

Jeannot Linden (LSAP):

Dann hätt ech nach eng Fro zu de Sécherheetsdiren. Et ass jo esou, datt een déi vu banne kann opdrécken. Sinn déi och mat Schlëssele gespaart ? Well am Artikel 11 steet 'Lors d'une manifestation, cette même personne est également responsable pour l'ouverture et la fermeture des sorties de secours'.

Roland Breyer, Schäffen :

Wa keng Manifestatioun ass, sinn déi Dire mat engem Schlëssel zougespaart, net datt een aus Blödsinn eng Kéier eng Dir opdréckt, an d'Sportshal steet op, an et kann ee vu baussen erakommen. A wann eng Manifestatioun ass, ginn déi Diren opgespaart, esou datt een se dann zu all Moment vu banne kann opdrécken.

Guy Brecht (LSAP):

Et ass u mech erugedroe ginn, datt am Joer 2002 eng Entrevue tëscht der Courageuse vu Péiteng an ärem Virgänger, dem Jean-Marie Halsdorf stattfonnt huet. An deemools huet de Jean-Marie Halsdorf der Courageuse versprach, datt och si déi Hal kënne profitéieren, an dat mat sämtlechen Infrastrukturen. Et ass mer awer opgefall, datt fir en Turnveräi guer keng Verankerungen do si fir hiert Material festzemaachen.

Dann ass mer och opgefall, datt déi Baskettskierf nach net 100-prozenteg richteg géifen hänken. A wann dat sollt de Fall sinn, da muss jo och de Rideau geréckelt ginn.

Weider ass mer opgefall, datt de Portier – wou mer mat him ze dinn hate fir d'Ausstellung vum Rodanger Fussball – permanent mat enger décker Kludder Schlëssele ronderëm gelaf ass. Ass et net méiglech, datt dee Mann 1 oder 2 Passepartoute kritt ?

Ech bedaueren och e wéineg, datt – genee wéi déi Péitenger Sportshal – dës Hal nëmmen de Sportsveräiner zougänglech ass. Et wier och flott, wann – esou wéi hei zu Péiteng – d'Rodanger Musek zum Beispill fir e Concert oder eng gréisser Manifestatioun kéint vun der Rodanger Sportshal profitéieren.

Ech fannen et och e wéineg schued, datt op deem ënneschte Stack keng Toilette virgesinn ass. Ech war gëschter owend nach op enger Versammlung an der Buvette, an ënnenof war Training, an dat huet onheemlech gestéiert datt andauernd Leit eropgelaf si fir do op d'Toilette ze goen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et sinn eng ganz Rei Saachen, déi elo mat deem heite Punkt net direkt eppes ze dinn hunn. Mä et steet awer am Reglement, wie kann dohinner goen. Et steet do 'le hall polyvalent est prioritairement destiné à l'organisation d'activités sportives'. Dat ass och esou hei zu Péiteng an der Sportshal de Fall. An et schléisst net aus, datt een och kann eng kulturell Aktivitéit an der Sportshal organiséieren. Et muss een awer och soen, datt – am Géigesaz zu Péiteng – Rodange e Kulturzenter huet, an et miisst een emol definéieren, watfir kultutrell Manifestatiounen net kënnen am Kulturzenter stattfannen. An ech kennen net ganz vill Aktivitéiten aus dem kulturelle Liewen, déi net am Rodanger Kulturzenter kënne stattfannen. Wann esou eng Manifestatioun sech sollt um Horizont weisen, da muss ee klären, a wéi fern een déi muss an der Sportshal maachen. Ech ka mer net virstellen, datt een déi kulturell Veräiner elo integral géif an d'Rodanger Sportshal setzen. Esou Manifestatioune solle sech op ee strikte Minimum reduzéieren.

Fir op déi Saach mat de Schlëssele vum Portier anzegoen, esou muss ee soen, datt mer an enger Iwwergangszäit sinn, an datt an der Rodanger Hal nach e System installéiert gëtt wéi mer en och am Gemengenhaus hunn. Dat heescht, et späert ee mat engem Badge op, a mat deem System kann een och festleeë wie wou erakënnt a wou net. Dee System ass um Punkt fir installéiert ze ginn, an dann ass déi Saach mat deene ville Schlëssele och hifälleg.

Wat déi Verspriechen ugeet, déi den Turnveräi soll gemaach kritt hunn, esou sinn ech do net am Bild. Dat verhënnert awer net fir mat deem Turnveräin zesummen ze kommen, an ze kucke wéi d'Besoine sinn. D'Verdeelung vun der Sportshal leeft elo emol ee Joer, a mer hunn eis virgeholl fir am Abrëll / Mee ze klären, wie wouhinner geet, a wéi déi Opdeelung tëscht deenen 3 Sportshalen soll stattfannen. An et soll een do en éischte Bilan mat afléisse loossen, a mer wäerte schonn een Dréi fannen, fir datt all Veräin, deen Indoor-Aktivitéite mécht, zu sengem kënnt. Well ech ka mer kaum virstellen, datt nach eng véiert Sportshal opgeriicht gëtt.

De Problem mat de Baskettskierf ass geléist. Dat war ee Problem, an d'Rideaue sinn nach an der Allerhellegevakanz geréckelt ginn.

Accord à l'unanimité.

4.1.

Propriétés.

Convention relative à l'exploitation de la buvette du hall polyvalent à Rodange par l'association FC Rodange 91 – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Et ass dëst eng Conventioun, wéi mer se och scho mat anere Veräiner gemaach hunn. Et ass dëst eng Conventioun tëscht der Gemeng an dem FC Rodange 91. D'Conventioun leeft den 1. Dezember 2007 un a ass fir ee Joer. Wa se net gekënnegt gëtt, leeft se automatesch fir nees 1 Joer weider.

Wat déi Buvette ubelaangt, esou ass et esou, datt den Approvisionnement vu Waasser, Stroum a Gaz, a soss Fraisen déi domatter zesummenhänken, vun der Gemeng iwwerholl ginn. Et gëtt awer natierlech gekuckt, op dat 'en bon père de famille' gehandhaabt gëtt.

D'Taxe d'enlèvement des ordures ass och 'à charge' vun der Gemeng. Fraise vum Telefon an aner Taxe gi vum Club gedroen. D'Botzmaterial ass och zu Laaschte vum Club, an d'Gemeng dréit Fraise fir zweemol am Joer déi grouss Fënsteren ze botzen. D'Toilette ginn och d'office vun der Gemeng gebotzt.

De Club muss och dofir suergen, datt – wann d'Manifestatioune fäerdeg sinn – d'Luuchten ausgemaach ginn an datt alles zougespaart gëtt.

Eng Sous-locatioun ass net erlaabt. Et ass awer erlaabt, datt aner Veräiner kënne vun der Buvette Gebrauch maachen, an dat haaptsächlech fir Veräiner déi hei an der Gemeng subsidiéiert sinn, an déi och eng sportlech Aktivitéit maachen. Déi Veräiner kënnen d'Buvette duerch Hannerleeë vun enger Kautioun vun 200 € duerch den FC Rodange 91 zur Verfügung gestallt kréien.

D'Gemeng reservéiert sech och d'Recht fir gewëssen Aktivitéiten am Joer kënnen an däer Buvette ze maachen.

All Fourniture ginn exklusiv iwwert d'Brasserie nationale geliwwert.

Albert Muller (LSAP) :

Mir ass opgefall, datt de Gemengesekretär des Conventioun mat ënnerschriwwen huet. Hien ass awer net ënnert dem Punkt 1 bei 'les soussignés' ernimmt. Wéi ass dat ze erklären ? Ech hunn nach ni gesinn, datt den Här Majeres eng Conventioun mat ënnerschriwwen huet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass esou wéi bei engem Bail, wou de Gemengesekretär och mat muss ënnerschreiwen. A seng Ënnerschrëft ass dozou do, fir d'Ënnerschrëfte vun de Membere vum Schäfferot ze confirméieren, datt déi richteg sinn. Hie mécht nëmmen eng Contre-signature, a well hien d'Gemeng net 'en tant que telle' representéiert, gëtt hien och net bei den 'Soussignés' ernimmt.

Roger Klein (LSAP):

Ech hu mer eng Rei Froe gestallt, well mer hei eng speziell Situatioun hunn. Mir hunn eng Buvette, déi an engem Complexe sportif ass, an doduerch herrscht eng Co-habitatioun. Ech hu mech gefrot, ob déi Conventioun gutt oder net gutt ass. Ech muss awer direkt soen, datt ech och keng besser Léisung fonnt hunn. An dofir droen ech déi Conventioun mat, well ech och kee bessere Virschlag hunn. Ech hu virun

allem versicht ze vergläiche wat ze vergläichen ass. Mir hunn 3 Fussball-veräiner an der Gemeng, an 2 Veräiner hunn eng Buvette, esou datt et normal ass, datt deen drëtte Veräin och elo eng Buvette kritt. Wann déi och e bësse méi schéin a méi grouss ass wéi déi aner, esou hate si och laang Zäit eng, déi vill méi kleng war. Dat nennt een ausgläichend Gerechtegkeet. Mir hunn Halesportaarten, déi elo net een direkten Zougang zu der Buvette hunn, mä en indirekten Zougang. Dat gëllt och wa se hei zu Péiteng spillen, esou datt och do keng Wettbewerbsverzerrung ass.

Wann een also kuckt, wat vergläichbar ass, dann ass déi Conventioun absolut richteg. Dat eenzegt, wat ech bedaueren, an dat ass virdrun ugeklongen, wann een e bëssen an d'Geschicht vun der Hal zeréck geet, wou déi Hal konzipéiert gouf a wou se virun allem vun deene Rodanger Veräiner gefuerdert ginn ass, esou ass ëmmer gesot ginn, datt eng Buvette dra kéim déi grouss genuch wier fir 200 Leit eranzekréien. Och kéinten d'Veräiner hir Baler maachen. Esou, wéi et elo ausgesäit, ass dat net de Fall, an den Zougang ass reng fir Sportveräiner. De Buergermeeschter huet gesot, datt et net vill Saache ginn, déi am Rodanger Kulturzenter net kënne gemaach ginn. Mä just dat do ass eng Saach, an dofir war d'Uleies vun de Veräiner fir kënnen e klenge Bal an däer neier Lokalitéit kënnen ze maachen. Dat schéngt mer dann elo, laut däer Conventioun déi elo hei gemaach gëtt, net de Fall kënnen ze sinn. Mä fir de Recht fannen ech et normal, datt e Fussball eng Buvette, déi just hannert sengem Goal ass, och exploitéiert. An dofir kann ech och déi Conventioun ënnerstëtzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et muss ee soen, datt déi Conventioun hei u sech ee Bal net ganz ausschléisst. Am Reglement steet jo och, datt et prioritär fir sportlech Aktivitéite wier. Et steet net dran, datt e Bal ausgeschloss wier. Op Grond vun all deenen Erfahrungen an op Grond vun all deene Reklamatiounen déi vu lénks a riets u mech erugedroe gi wa Baler an ëffentleche Gebaier stattfannen, warnen ech awer virdru fir a groussem Styl Baler do ofzehalen. Mir hu scho Problemer mat dem Fëmmen oder Net-Fëmmen, well an deene Raimlech-keeten do ass et verbueden ze fëmmen. Dat ass och eng Ursaach, firwat mer net méi op de Wee gaange si fir engem Privaten dat ze verlounen, well mer mam Fëmmen ëmmer dee Konflikt hunn. Well e Café, an deem een net dierf fëmmen, ass et leider Gottes haut nach ëmmer esou, datt et e Café ass, deen net gutt geet. Mir wëllen eise Caféen zu Rodange och keng Konkurrenz maachen. Mer wëllen net – doduerch datt mer als Gemeng eng Infrastruktur dohinner stellen, déi vläicht méi flott ass – deenen anere Caféë Konkurrenz maachen. Dofir hätte mer gären, datt dat, wat an de Caféë soll geschéien, och weiderhin do geschitt, an datt op der anerer Säit, wa sportlech Aktivitéite sinn, d'Veräiner och d'Méiglechkeete solle kréie fir hire Spectateuren eppes kënnen unze-bidden. Dat soll awer ëmmer am Kader vun der sportlecher Aktivitéit geschéien.

Et kann natierlech och sinn, datt d'Erfahrung ergëtt, datt mer eng Kéier eng Nobesserung wëlle maachen, da gëtt dat sécherlech gemaach. Mä fir den Ufank ass déi heite Conventioun emol guer net esou schlecht.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech kann och mat dëser Conventioun liewen. Ech hunn nëmmen e puer Froen. Ech hunn de Plang gekuckt, an och gekuckt, wat verlount soll ginn, an do ass mer eng Saach opgefall. Mir hunn an der Délibératioun drastoen, datt 'une salle polyvalente' mat verlount gëtt. Um Plang – esou huelen ech un – ass dee Sall mat 'bureau' bezeechent. Dofir proposéieren ech fir um Plang och den Terme 'salle polyvalente' anzesetzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir kënnen dat um Plang ëmänneren. Da stëmmen déi Saachen och iwwer-eneen.

Jeannot Linden (LSAP):

Dann hätt ech nach eng Fro. Wann eng Manifestatioun ass, da muss jo och vun deem Veräi gebotzt ginn. Kréien se d'Botzmaterial vun eis zur Verfügung gestallt, oder kréien se Zougang zu deem Lokal wou d'Botz-material steet ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Am Artikel 4 steet dran : 'Le club doit maintenir les locaux et l'équipement dans un parfait état de propreté et fournir le matériel d'entretien nécessaire à cette fin'. Dat heescht, si mussen d'Botzmaterial selwer zur Verfügung stellen. Wann natierlech elo en anere Veräin d'Buvette profitéiert, da muss dee säi Botzmaterial selwer matbréngen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Praxis wäert weisen, wou d'Grenze sinn. A wann et net kloer genuch wier, da musse mer dat nach an der Conventioun nobesseren.

Jeannot Linden (LSAP):

Da wollt ech nach wëssen, wiem seng Ausschankkonzessioun drop kënnt ? Wann ech mech gutt kann erënneren, da gouf bei der Ouverture gesot, datt de Munhoven oder d'Brauerei déi Konzessioun och géif stellen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

De Munhoven stellt d'Konzessioun, mä den Zapmeeschter ass awer vum FC Rodange 91.

Jeannot Linden (LSAP):

Da steet och nach an der Conventioun 'L'utilisation gratuite de la buvette par d'autres clubs subsidiés qui exercent leur activité sportive dans le hall polyvalent de Rodange est fixée à une par mois et se fait sur avis du FC Rodange 91 et autorisation préalable du collège des bourgmestre et échevins'.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech ginn Iech do e Beispill : De Volley 80 wëll gäre seng Coupe d'Europe organiséieren, a seet, datt et méi flott zu Rodange wier well en do méi Méiglechkeeten hätt. An deem Fall mécht de Volley 80 eng Demande un d'Gemeng. Duerno kucke mir mam FC Rodange op si net deen Dag schonn eppes do hunn, net datt zwou Saach mateneen do stattfannen. An da gëtt d'Gemeng d'Autorisatioun.

Jeannot Linden (LSAP):

An dann ass fir mech den Alinéa 5 net ganz kloer. 'La fermeture de la buvette doit se faire avant 24.00 heures'. Et steet awer och do 'La buvette restera fermée après la fin des entrainements sportifs.' An dee Saz, deen do dra steet, irritéiert mech e bëssen. Kënnt da just déi 24 Auer vir, wann een e Bal, oder soss eppes ass ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Oder eng Versammlung.

Jeannot Linden (LSAP):

Mä soss ass déi Buvette no den Trainingen zou, oder wéi ass dat auszeleeën ? Well mer mussen eis bewosst sinn, datt – wann den Training eriwwer ass, an et sëtzen nach Leit an der Buvette – d'Buvette och muss zougemaach ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

A moins datt owes eng Aktivitéit ass, wéi zum Beispill eng Versammlung oder eng Sëtzung. Dat do ass och eng Saach, wou d'Erfahrung vläicht wäert weisen, datt sech déi Saach net esou confirméiert, an da musse mer op deem Punkt nobesseren.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt just soen, datt dat dote Saache sinn, déi net ganz kloer sinn. An eis Reglement muss jo och ausgehaange ginn, an da kann et sinn, datt sech Leit vu bausse Froe stelle wéi dat ze verstoen ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Mir wollte keen normale Bistro dohinner kréien. Mä mir wollten awer de Leit, déi zum Beispill hir Kanner op den Training féieren, an déi wëllen do waarde bis den Training eriwwer ass, d'Méiglechkeet ginn, datt se kënnen an der Buvette waarden. A wann den Training fäerdeg ass, da ginn déi Leit och Heem.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Ech wollt just kuerz dorop agoen. Et muss een ëmmer bedenken, datt déi Buvette nëmmen exploitéiert gëtt wann et sech och rentéiert. Wa bei engem Basketstraining 15 Leit sinn, an et ginn der 6 duerno eppes an d'Buvette drénken, da rentéiert et sech net fir d'Buvette opzemaachen. Well dat leeft alles iwwer Bénévolat. D'Buvette ass elo nei, an et gëtt vläicht elo am Ufank gemengt, datt een ëmmer muss op hunn. Mä dat wäert sech awer mat der Zäit leeën. Et wäert schonn drop erauslafen, datt déi Buvette nëmme bei gréissere Manifestatiounen op huet.

Et ass och vläicht elo méi attraktiv, fir datt e Veräin seng Versammlungen elo do an der Buvette ofhält, mä ech sinn der Meenung, datt een d'Leit soll do loosse wou se higehéieren. Well soss rappe mer d'Centren erëm of a mer maachen erëm eppes aneschters. Et ass scho säit laanger Zäit, datt dat dote gewënscht war, a mer sinn och elo frou, datt mer als FC Rodange 91 dat kënne géréieren. Well domatter kënne mer eis finanziell e bësse gesond schrumpfen. Et gëtt och net vill dovunner geschwat, datt mer, wat d'Sanitäranlagen um Terrain ugeet, zanter Joere guer net méi de Normen entsprach hunn. Zanter op mannst 10 Joere sinn déi Vestiairen an déi Tribüne baufälleg, an de Fussball huet schon 20 Rappeler vun der Federatioun kritt, wat d'Hygiène asw, ubelaangt. A fir mech ass ee vun den Haaptpunkten, datt déi Saachen elo mat dëser Hal an d'Rei gesat si ginn.

Guy Brecht (LSAP):

Fir e bëssen ze récapituléieren, esou kann ech soen, datt meng Fraktioun ni géint déi Rodanger Hal an d'Buvette war. Mir hunn eis ëmmer nëmmen enthalen an deem Sënn, datt mer op Detailer gewaart hunn. Dee leschten Detail war effektiv déi Conventioun, déi mer nach sollte virgeluegt kréien, an déi kréie mer jo haut virgeluegt. An ech gräife scho vir a soen, datt mer dat och héchstwahrscheinlech wäerte stëmmen, well et eng ganz gutt Léisung ass.

Dat verhënnert awer net – an ech doen elo d'Kap vum Conseiller of an doen déi vum Vetrieder vun deene Rodanger Veräiner un – datt, esou wéi Péiteng viru Joere gekrasch huet, datt se keen Danzsall hätten, datt Rodange awer elo erëm keen Danzsall huet. Rolleng huet säin Danzsall, Péiteng huet mam Home säin Danzsall, an zu Rodange hu mer leider nach ëmmer keen Danzsall.

Och wann ee vläicht am Ufank e bësse kritiséiert huet wéi dat ganzt Gebai vu bausse géif ausgesinn, esou konnte mer eis awer alleguerten dovunner iwwerzeegen, datt et bannendran eng Réussite ass. Déi Hal ass esou frëndlech, si ass wierklech aluedend. An och déi Buvette, all Respekt fir dat Konzept, dat dir do ausgeschafft hutt. Déi eng Säit gesäit een op den Terrain, an op der anerer Säit gesäit een an d'Hal. Dat ass wierklech eng Réussite. An et konnt ee sech och effektiv dovunner iwwerzeegen, datt, wann do géife Baler stattfannen, datt dat net dee richtegen Uert wier fir esou eppes ze organiséieren.

Wéi gesot, et ass eng Réussite, a mer félicitéieren iech och dozou. An et ass nees erëm eng Attraktivitéit weider fir d'Gemeng.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech soe Merci fir esouvill Luef vun der Oppositioun. Mir sinn dat bal net gewinnt, mä da musse mer awer gutt sinn.

Approbation à l'unanimité.

4.2.

Propriétés.

Cession, par l'Etat Luxembourgeois, d'une emprise d'une contenance d'environ 16 ares sise à Pétange, lieu-dit « Hinter den Gärten » (rue Eucosider) – décision de principe (explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevin).

La cession se fait au prix de 1 euro symbolique et le terrain (rue Eucosider) sera intégré dans le réseau de la voirie publique.

Approbation à l'unanimité. Mme Gansen et MM Brecht et Polfer, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

5.

Ordre public.

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2008 – décision (explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre).

Roger Klein (LSAP):

Ass scho gewosst, wéini d'Braderien am Joer 2008 sinn ? Well déi si jo nach net op der Lëscht drop.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Neen, déi Datume leien nach net fest.

Accord à l'unanimité. Mme Gansen et M. Brecht, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

6.

Personnel.

Création d'un poste d'infirmier dirigeant à temps partiel (m/f) pour le service médical scolaire – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dir wësst, datt mir als Gemeng – vläicht och als eenzeg Gemeng, en Assistant d'hygiène social hunn, an dat zanter ronn 10 Joer. Dat ass fir de Moment keen anere wéi den aktuelle Buergermeeschter vu Suessem. Nodeem datt hien den 1. Dezember 2005 Buergermeeschter ginn ass, sinn aus senge 4 Stonne Congé politique der 18 ginn. Dat huet mat sech bruecht, datt mer an deene leschte Wochen a Méint Problemer hate fir déi 2 Voleten, 'médecine scolaire' an dee soziale Volet, an eise Schoulen ofgedeckt ze kréien. Am leschte Schouljoer si mer higaangen, a mer hunn eng éischt Initiative geholl an e Kontrakt mat enger diploméierter Infirmière gemaach. Dat ass eng Conventioun gewiescht, an déi Dame huet och zur vollster Zefriddenheet geschafft. Dat war d'Madame Syvie Classen, a mer haten hir am Fong geholl den Optrag gi fir d'Médecine scolaire an den Uertschafte Rodange a Lamadelaine ofzedecken, wougéint dann den Här Engel weider fir d'Médecine scolaire zu Péiteng zoustänneg war, y compris de ganze soziale Volet an eisen 3 Uertschaften.

Déi Conventioun hate mer hei am Schäfferot den 30. November 2006 ënnerschriwwen, a mer haten se och kuerz duerno am Gemengerot.

Jidderee weess an der Tëschenzäit, an dat kann een och an den Zeitunge

liesen, datt eng Gemeng wéi Suessem net mat engem Congé politique vun 18 Stonnen ze féieren ass. Den Inneministère ass jo och am gaange fir eng Ännerung ze schafen, déi jo och anscheinend – wann ee jidderengem gleewe kann – geschwënn an d'Haus steet.

Well och op Grond vu sengen Aufgaben, déi en als Assistant d'hygiène social zu Suessem hat, et relativ schwiereg war fir am leschte Schouljoer de Volet 'médecine scolaire' hei an der Péitenger Gemeng ofzedecken, nieft dem soziale Volet, proposéiere mer fir net méi mat enger Conventioun weiderzefueren. Well no engem Gespréich mat däer Infirmière, déi dat d'lescht Joer gemaach huet, wier si net méi bereet fir dat nach auszedehnen. Si kéint sech net virstellen, datt dat kéint integral iwwer d'Conventioun gemaach ginn, a wa se sollt esouvill hei an der Gemeng schaffen – well et geet ëmmerhi vun enger Tâche vu 70% Rieds – da ka se sech dat nëmme virstelle wa se och engagéiert wier. Dofir proposéiere mer dem Gemengerot haut fir e Posten ze schafen, deen da soll déi ganz 'médecine scolaire' hei an der Gemeng ofdecken.

Dee Poste soll dann ausgeschriwwe ginn op eisem Info-Canal, an aus deene Kandidaturen, déi mer erakréie wëlle mer dann een, wa méiglech nach am Dezember, eraussichen. Mir maachen dat gäre relativ schnell fir de Fall, wou de Buergermeeschter vun enger Gemeng wéi Suessem sollt ganz fräigestallt ginn, a mer dann an der Situatioun wieren, datt mer de Volet 'médecine scolaire' hei an der Gemeng trotzdem ofgedeckt kréien.

Sollt de Buergermeeschter net ganz fräigestallt ginn, esou sinn ech der Meenung, datt mer et trotzdem sollte maachen, well mer Problemer d'lescht Joer um Niveau vun der 'médecine scolaire' kannt hunn, a wou mer d'Aarbechten net alleguerte konnten an engem Schouljoer ofschléissen. An dat ass jo awer net vertrietbar.

Den Assistant social géif sech dann exklusiv ëm de soziale Volet an eise Schoule këmmeren, wat – an dat ass meng perséinlech Meenung – net genuch ass fir eng hallef Tâche ze fëllen. Mä op Grond vun deene Schwieregkeeten, déi d'Verbanne vun deenen zwou Tâchen, déi eng als Buergermeeschter vu Suessem, an déi aner als Assistant d'hygiène sociale hei an der Gemeng, mat sech bréngen, géif ech trotzdem proposéiere fir am Numm vum Schäfferot op deen heite Wee ze goen. An dat ëmsou méi – an dat konnte mer bei eisen 'Titres de recettes' haut feststellen, datt de Remboursement vun deem Congé politique vum Här Engel wahrscheinlech dee gréissten Deel vun däer neier Dépense – déi duerch d'Astelle vun däer Infirmière op eis duerkënnt – ofgedeckt gëtt. Esou datt et fir eis als Gemeng, wat de finanzielle Volet ugeet, sécherlech keng substantiell Verdeierecht géif mat sech bréngen. Dat natierlech ëmmer nëmmen op eng gewëssen Zäit. Ech sinn dee leschten, deen dem Här Engel net wënscht, datt hien nach 20 Joer Buergermeeschter bleift, mä dir wësst jo all, datt e politescht Amt nëmmen op Zäit ass. A wann hien erëmkënnt, dann hu mer nieft sengem Poste vun 90% nach e weider zousätzleche Posten zu 70%. Dat ass awer fir mech weider net problematesch, well eis Population scolaire awer stänneg am gaangen ass ze wuessen.

Norbert Pierre (LSAP):

Wéi kommt dir bei deem neie Poste just op 70% ? Firwat net 75%, well dat schéngt mer éischter normal ze si fir eng Tâche ze besetzen.

Da wollt ech nach wëssen, ob d'Verdeele vun de Kompetenzberäicher mam Här Engel ofgeschwat ginn ass ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir hunn eng Berechnung gemaach fir op déi 70% ze kommen. Déi Persoun schafft jo déi ganz Vakanzen net. Dat heescht, d'Differenz geholl tëscht enger normaler Tâche, minus de Congé a minus d'Feierdeeg, an enger Tâche vun engem deen an der Schoul schafft, an deen an de Vakanzen net schafft. A wa mer alleguerten déi Stonnen ofrechnen, da gëtt dat schonn e groussen Deel manner. Et ass esou wéi bei den Educateuren zu Rodange, wou mer quasi och keng Tâche zu 100% hunn.

Da muss een och soen, datt während der Woch déi Persoun nëmmen 28 Stonne schafft. Well et kann ee jo keng Kanner kontrolléiere wa se net do sinn. Mir hunn awer e gewëssenen administrativen Deel – fir zu, Beispill d'Préparatioun vun de Dossieren – dobäigerechent. Mir waren och ee Moment tëscht 60 an 75%, mä mir sinn awer zur Conclusioun komm, wa mer géife bei 75% bleiwen, d'Zuel vun de Stonnen, déi fir déi administrativ Aarbecht ufält, esou héich wier, datt et bal net méi ze vertriede wier. Esou datt mer elo op 70% komm sinn, an dat wier och vertrietbar.

Selbstverständlech ass dat doten och mam Assistant d'hygiène social ofgeschwat ginn. Dat gouf och schonn déi éischte Kéier, wou d'Conventioun gemaach ginn ass, op Grond vu senger Interventioun um Niveau vun der Gemeng esou gemaach. An d'Conventioun gouf jo och dem Gemengerot virgeluegt. An hei war d'Situatioun esou, datt ech den 20. September 2007 e längert Gespréich mam Här Engel hat, a Präsenz vum Préposé vum Schoulservice, an datt mer zum Schluss komm si fir den Här Engel nach weider ze déchargéieren an him déi ganz 'médecine scolaire' ewechzehuelen, esou datt hie sech just nach brauch ëm de soziale Volet ze bekëmmeren. An domatter géife mer him bal optimal Konditioune schafe fir déi zwee Ämter mateneen ze verbannen.

Albert Muller (LSAP) :

Effektiv hunn déi 70% an déi 75% mech och beschäftegt, mä elo weess ech awer Bescheed firwat dat esou ass.

Eng zweet Saach beschäftegt mech awer nach. Firwat huet d'Delegatioun vun de Fonctionnairen den Dossier dann esou spéit kritt ? Si bekloe sech jo doriwwer.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Si schreiwen an hirem Avis 'déplore d'être à nouveau saisi dans un délai inacceptable pour donner son avis, d'autant plus que cette situation est connue depuis les dernières élections communales en 2005'. Dat kann ech awer net esou am Raum stoe loossen. Si hu gesot, datt se de leschte Mëttwoch eréischt deen Dossier kritt hunn, an datt et hinnen ze kuerz war fir bis haut deen Avis ze schreiwen. Ech kann dat och akzeptéieren, a mer wäerte versiche fir an Zukunft deen Délai méi laang ze maachen, esou datt se dann och méi Zäit hu fir den Dossier ze kucken. Ech sinn awer net averstane mat der Ausso, datt et eng Situatioun ass, déi schonn zanter 2005 bekannt ass. Dat ass net de Fall, well do hate mer jo aner Léisunge gesicht. Déi Léisungen hu sech awer um Enn vum leschte Schouljoer, an dat nom Gespréich mam Assistant d'hygiène sociale, als net genügend erausgestallt, an als nobesserungsnoutwenneg erwisen. Doduerch si mer higaangen, a mer hu gekuckt, fir déi Situatioun ze verbesseren. Mir hunn och Diskussioune mat der Madame Classen gefouert, an dat wëll ech net hei verstoppen, fir dat op der Basis vun der Conventioun ze verlängeren. Si huet eis awer gesot, datt se dat net kann akzeptéieren an domatter kéint si net averstane sinn, an dat aus ganz raisonnabele Grënn déi se eis och duergeluegt huet. Dofir si mer op dee

Wee gaange fir e Posten ze schafen an eng Persoun anzestellen. Mir hunn och Gespréicher gefouert, ënner watfir enger Form déi Persoun muss agestallt ginn. Et si Recherche gemaach ginn, ob eng Infirmière dat do kann ënnert däer dote Form maachen. All déi Saache si gekuckt ginn, a mer ware Mëtt November prett. A well mer wollte kucken, datt mer nees esou schnell wéi méiglech esou kënne fonctionnéieren, datt d'Médecine scolaire zu 100% kann assuréiert ginn, hu mer drop gedrängt, fir et nach haut an de Gemengerot ze kréien, an datt mer doduerch nach am Dezember kéinten eng Persoun op dee Posten nennen, den 1. Januar oder spéitstens den 1. Februar 2008 kéint ufänke mat schaffen.

Wéi gesot, d'Ausso, datt mer dat scho vun 2005 u wëssen, kann ech net esou unhuelen, well mer an der Tëschenzäit aner Léisungen haten.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification (explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre).

Ratification à l'unanimité. MM Gira et Muller, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

7.2.

Enseignement.

Organisation des classes de neige en 2008 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dës Kéier wäerte mer ganz fréi am Joer an d'Schnéiklasse fueren. Et ass dat vum 17. bis de 26. Januar 2008, wou mer mat eise Klassen op Sigmundsberg / Mariazell ginn. Et sinn 180 Kanner, déi a Fro kommen, an et wäerte 26 Erwuessener matgoen, bei deenen déi 4 Buschauffeuren, déi di ganzen Zäit donidde bleiwen, mat agerechent sinn. Mir wäerten och nees mat 4 Busse fueren, an dat Ganzt wäert e Budget hu vun 105.000 €, wouvun d'Gemeng 75.000 € iwwerhëlt, an d'Elteren 30.000 €. Dat heescht, pro Kand kascht dat Déplacement 585 €, wouvun d'Elteren 170 € bezuelen. Déi Relatioun ass 70/30, dat heescht 70 % fir d'Gemeng an 30 % fir d'Elteren. Et ass och schonn emol hei am Gemengerot gesot ginn, datt d'Relatioun 1 Drëttel / 2 Drëttel soll bäibehale bleiwen, esou datt een an Zukunft net dolaanscht wäert komme fir un eng Hausse ze denken. Bei engem Drëttel géife mer fir d'Participatioun vun den Eltere bei ongeféier 190 € leien. Mir miissten eis an nächster Zukunft heibannen iwwerleeën, ob een net miisst de Präis eropsetzen. Dat solle mer awer nach net fir dës Schnéiklasse maachen, well d'Elteren de Präis vun 170 € scho matgedeelt kruten. Mä mer sollten am Ufank vum nächste Joer Gespréicher mat der Asbl Classes de Neige féiere fir ze kucken, ob een deen Tarif net soll eropsetzen. Well deen ablécklechen Tarif besteet schonn zanter enger ganzer Rei vu Joeren, an eng Adaptatioun wier schonn ubruecht.

Lily Gansen (LSAP):

Mir sollen eis net zevill Gedanken zum Präis vun den Eltere maachen, well 190 € fir d'Classes de neige ass net zevill wann ee weess wat haut de Wantersport kascht. Op der anerer Säit kéint een och vläicht soen, datt d'Leit sech obligéiert fille wann d'Kanner mat der Schoul an de Wantersport ginn.

Et fält mer awer op, datt nëmmen 1 Bus vun enger Firma hei aus der Gemeng, an awer 3 Busse vun Eschette matfueren. No watfir Critère ginn déi ausgesicht ? Gëtt do dee Bëllegste geholl ? Dat wonnert mech e bëssen, well mir hu jo awer genuch Firmaen hei fueren déi vill méi no sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Si froen d'Präisser ëmmer bei deenen eenzelne Firmaen un, an dat hei sinn déi Firmaen, déi iwwerhaapt interesséiert si fir matzefueren. Et sinn och eng Rei Firmaen, déi keng weider Bussen hu fir kënne matzefueren. An da spillt de Präis sécherlech och eng Roll. Mir kënnen de Grond awer bei der Asbl Classes de neige nofroen.

Guy Brecht (LSAP):

Et muss ee sech wierklech an deenen nächste Joere Gedanke maache fir eventuell déi Part vun den Elteren, déi fir de Moment bei 170 € läit, e wéineg ze héijen. Ech proposéiere fir dat och ze staffelen, esou datt et net esou an d'Gewiicht fir deen Eenzelne fält.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat gëtt souwisou gemaach. D'Eltere bezuele fir d'éischt en Acompte an duerno dann de Rescht. An ech kann iech soen, datt mäi Bouf fir eng Woch, mam Lycée, 400 € bezilt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech fannen déi Schnéiklassen nach ëmmer net ubruecht, an et gëtt vu Joer zu Joer schlëmmer, a wou et manner ubruecht ass fir an der heiteger Situatioun mat Kanner an eng Schivakanz ze fueren. Wann ee gesäit, wat do futti gemaach gëtt a wou Schipisten aménagéiert ginn, a wéi dat am Summer ausgesäit, esou kloen d'Leit am Summer iwwer Bullislawinen, asw.. A mir sëtzen dann nees hei zu Péiteng an et interesséiert kee Mënsch wat mir do gemaach hunn.

Mir priedegen de Kanner Ökologie vu mueres bis owes. Mir probéieren an de Schoulen esou wäit an esou vill wéi méiglech Ëmweltbewosstsäin op de Programm ze setzen, an da fuere mer mat deene selwechte Kanner mat 4 Bussen an eng Schivakanz.

Dësweideren huet den Här Buergermeeschter de 14. Dezember 2006 an der Sëtzung gesot, ech zitéieren : 'Ech wëll iech net verstoppen, datt Iwwerleeunge lafen, fir méi nobäi ze kommen, well et bis op Mariazell ëmmer eng wäit Rees ass. Et gëtt een neie Site an der Géigend vun Innsbruck gebaut'. Wéisou fuere mer dann – wa mer scho mussen an de Wantersport fueren – elo net an déi nei Géigend, wat jo anscheinend net esou wäit soll sinn ?

Laut mengen Informatioune si mir och déi eenzeg Gemeng aus dem Land, wou d'Kanner am 6. Schouljoer an eng Schivakanz fueren, an dat an der Zäit wou d'Tester lafe fir op de Lycée, respektiv de Lycée technique. Aner Gemenge fueren, wa se mat de Klassen en Ausfluch maachen, alleguerten am 5. Schouljoer. Firwat hale mir nach ëmmer dru fest fir am 6. Schouljoer ze fueren ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Déi Saach mam 5. oder 6. Schouljoer stoung schonn eng Kéier zur Debatt, an do hat sech d'Majoritéit vun de Schoulmeeschtere fir 6. Schouljoer ausgeschwat. Haut huet et och net méi déi selwecht Importenz wéi et vläicht nach viru Joere war, wou den Opnamexamen nach bestanen huet. Dunn hätt een dat doten Argument nach kënnen éischter opféieren. Well Tester stellen haut jo nëmmen e klengen Deel vun däer ganzer Orientatioun duer. D'Orientatioun selwer mécht sech iwwer 2 Joer, esou datt 5. Joer haut méi eng grouss Roll spillt wéi virdrun. Mir kënnen awer d'Fro nach eng Kéier opwäerfen, mä ech weess awer elo schonn, datt d'Schoulmeeschtere sech éischter fir 6. Schouljoer wäerten ausschwätzen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Och wann d'Schoulmeeschtere sech fir 6. Schouljoer ausschwätzen, esou gëtt et jo nach ëmmer eng Autorité supérieure. A wann déi dat aneschters décidéieren, da musse sech d'Schoulmeeschtere jo awer drun halen, oder ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass scho richteg. Mä si hu jo Argumenter virgeluegt, an haut ass et net méi esou wéi fréier, wou kuerz duerno den Opnamexame war a wou sech do drop huet miisste preparéiert ginn. Haut ass et esou, datt dat 5. Schouljoer an der Orientatioun grad esou wichteg ass wéi 6. Schouljoer. D'Orientatioun geet iwwer déi 2 Joer, an dofir ass d'Noutwennegkeet, fir et ze änneren, net méi esou gi wéi dat nach vläicht virun 10 Joer de Fall war.

Ech ka mech och erënneren, datt an den 90er Joeren eng Kéier eng Ëmfro gemaach ginn ass, an do ass sech kloer fir 6. Schouljoer ausgeschwat ginn. Natierlech, wann de Gemengerot elo wëll décidéieren, datt dat 5. Schouljoer soll fueren, an dat géint Iwwerleeunge vun de Schoulmeeschteren, da kann de Gemengerot dat maachen.

An da miisste mer eis natierlech och bewosst sinn, datt mer ee Joer mam 5. a mam 6. Schouljoer miisste fueren. Well mir kënne jo awer net ee Joer bestrofen a soen, datt se net dierfen an d'Schivakanz fueren. Mir kréien dat Joer dann net alleng eng duebel Ausgab, mä mer mussen och kucken, datt mer esouvill méi Personal dozou bewegt kréie fir matzefueren. Dat sinn natierlech nëmmen technesch Problemer, an dat soll eis net ofhale fir eng Décisioun ze huelen.

Mä fir de Moment gëtt mer vu Pädagoge gesot, an ech kann dat och novollzéien, datt, wann 6. Schouljoer fiert, et net méi esou problematesch war wéi nach viru Joeren, wou nach den Opnamexame bestanen huet.

Dann nach zu deem, wat ech am Dezember 2006 gesot hunn. Effektiv ass d'Asbl Classes de neige am Dezember dëst Joer op Innsbruck gefuer fir ze kucke wéi dee Site ausgesäit. De Site war zu deem Zäitpunkt nach net ganz fäerdeg. Dat war deen éischte Problem. En anere Problem war, datt dat Haus wesentlech méi grouss ass wéi dat, wou mer elo sinn. Dat Haus ass sécherlech ganz interessant, wann eis Population scolaire op 230 oder 240 Kanner wäert klammen. Well fir de Moment kënne mer keng Garantie kréien, datt mir alleng dat Haus zur Verfügung hu wa mer mat de Classes de neige do sinn. Zu Mariazell ass dat awer de Fall, an dat ass sécherlech méi interessant, well all déi Gemeinschaftsraim exklusiv vun eise Schoulkanner profitéiert ginn. Zu Innsbruck hätten se déi Saache miisste mat aneren deelen, an dat hätt sécherlech organisatoresch Problemer mat sech bruecht.

Dofir hu mer gesot, datt mer fir de Moment nach weider op Mariazell fueren. Mä deen anere Site ass sécherlech net vun der Hand ze weisen, an deen ass sécherlech net definitiv um Dësch.

Ech wier och frou, wa mer net esouwäit bräichten ze fueren. Mä fir de Moment ass et nach net onbedéngt sënnvoll.

Romain Becker (Déi Gréng):

Mir halen awer als Gemeng Péiteng nach ëmmer un de Classes de neige fest ? Mir stellen net iergendwann an Aussiicht fir vun der Schivakanz ewechzekommen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech fir mäin Deel, si weiderhin dofir, datt d'Kanner an d'Schivakanz fueren. Ech fuere selwer Schi, an ech kann net soen, datt ech dowéinst keen ëmweltfrëndleche Mënsch sinn, wann ech eng Woch an de Wantersport fueren. An ech géif och net mengen, datt mer esou ee schlecht Zeeche fir eis Jugend setzen, wa mer se eng Kéier an e Bus setzen an eng Woch an de Wantersport féieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Esou ass dat och net geduecht. Wann een dat privat mécht, da kann en dat jo maachen. Mä et soll een net mat 4 Bussen a mat 180 Kanner dat maachen. Ech mengen, wann d'Leit am Private samschdes a sonndes wëllen an d'Mass goen, da kënnen se dat maachen. Mä se sollen, wann ech gelift, awer net mat der Schoul da kommen. Wann Dir wëllt mat Äre Kanner privat an d'Vakanz fueren, da kënnt Dir dat maachen. Do huet jidderee mat sengem Gewëssen ze spillen. Mä wou mäi Gewëssen net méi mat mécht, dat ass wa mer mat 180 Schoulkanner dohinner fueren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wann heibannen eng Majoritéit géif décidéiere fir net méi an d'Schivakanz ze fueren, da fuere mer net méi dohinner. Ech ka mech awer och nach drun erënneren, datt viru Joeren, wou déi Gréng Partei nach an der Majoritéit war, eng Ëmfro bei den Eltere gemaach gi war. An déi Ëmfro hat erginn, datt 80% vun den Eltere fir, an 20% géint eng Schnéivakanz waren. An dunn huet déi Gréng Partei, ech weess net méi mat wiem se dunn an der Koalitioun waren, net méi insistéiert fir d'Classes de neige ofzeschafen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Well dat jo schonn iwwer 10 Joer hir ass, kéint ee jo nach eng Kéier esou eng Ëmfro maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat kënne mer ëmmer nach eng Kéier maachen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Well ech ka mer virstellen, datt d'Resultat net méi esou wäert ausfale wéi nach virun 10 Joer.

Lily Gansen (LSAP):

Vu datt ech déi Classes de neige awer vun Ufank u suivéiert hunn, an och ëmmer matgaange sinn, muss een awer Folgendes soen :

Deen ee Volet, deen den Här Becker ugeschwat huet, datt vill geholzt gëtt, ass sécherlech richteg. Mä et gëtt awer nach vill méi Schlëmmes an der Welt wéi déi Pisten do. An dovunner schwätzt keen, an et si Verschiddener déi gutt dovunner profitéieren.

Mä d'Schnéiklassen hunn awer och e grousse sozialen Aspekt. Et gi Kanner, déi an hirem Liewen ni eng Schivakanz ze gesi kréien, an déi net wësse wat et ass. An déi kréien e Bezuch dozou, an déi hunn dat Gléck op eng Plaz matzegoe wou se soss ni géifen hikommen. An dat ass esou wichteg, datt d'Kanner kënne matschwätzen. An et muss een et och vun deem Point de vue kucken.

Romain Becker (Déi Gréng):

Mä et sinn der am 6. Schouljoer, déi emol net wësse wou Klierf läit.

Lily Gansen (LSAP):

Ech sinn och zu Klierf net kënneg. Ech sëtzen awer hei zu Péiteng am Gemengerot. Dat féiert awer elo ze wäit, a jidderee kann dozou seng Meenung hunn, mä et soll een awer net dat eent an dat anert Dëppe geheien.

Well Äre Schäffen an der Stad betount och, datt d'Bréck muss kommen, an datt dat programméiert ass, an d'Leit hunn eben näischt ze diskutéieren. Et gëtt gemaach. Esou flexibel ass keng Partei, déi net Saachen duerchzitt.

An ech sinn och net dofir, fir d'Schnéiklasse stande pedes ofzeschafen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wéi gesot, mir kënnen awer hei eng Kéier festhalen, datt mer solle bei den Eltere vum 5. Schouljoer nach eng Kéier eng Ëmfro maache fir ze kucken, wéi si zu de Schnéiklasse stinn. Mä ech maache mer awer net zevill Hoffnungen, datt d'Majoritéit dogéint wier.

Accord par 14 voix contre 1 voix (Déi Gréng)

8.1.

Prévisions sociales.

Office social : budget rectifié de l'exercice 2007 et budget de l'exercice 2008 – approbations.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dir hutt de Budget vum Office social virleien, esou wéi en an der Sëtzung vum 15. Oktober 2007 vum Office social ënnert der Leedung vum Här Libert arrêtéiert ginn ass. De Budget gesäit esouwuel fir de Budget rectifié wéi och fir de Budget 2008 eng Zomm vu ronn 750.000 € fir. Dat ass een héije Chiffer, a mer kënne feststellen, datt dee gréissten Deel de 'placement des nécessiteux aux centres d'accueil' mat 370.000 € duerstellt.

Et ass awer och vun dëser Plaz ubruecht, fir deem ganzen Office social Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi se erëm dëst Joer geleescht hunn. Et ass net ëmmer eng einfach Aarbecht, mä et ass eng wäertvoll Aarbecht, déi duerch eng nei Gesetzgebung, déi am Kommen ass, nach ännere wäert.

Ech wëll och eisen zwou Assistantes sociales Merci soe fir déi Aarbecht, déi se maachen. Och si hunn net ëmmer en einfache Stand.

Et stellt sech ënnert dem Strëch eraus, datt mer am Rectifié 2007 vun der Gemeng aus 110.965,98 € aschreiwen, an am Budget 2008 116.400 €. Do kann ee soen, datt déi Defiziter vum Office social – wann een dat als Defizit kann duerstellen – sécherlech méi héich leie wéi déi vun de Joeren 2005 an 2006, an awer wäit ënnert deene vun de Joeren 2001 bis 2004 leien. Dat heescht, och do geet et op an of, an et sinn Zäite wou mer mussen als Gemeng méi an den Office social verséieren, an et ginn Zäite wou et manner ass. Dat hei ass en duerchschnëttlecht Joer, wou ee ka soen, datt eng gutt Aarbecht gemaach gouf, an datt déi Zomm, déi mer als Gemeng bäileeën, sech an engem akzeptabele Rahmen hält.

Guy Brecht (LSAP):

Selbstverständlech schléissen ech mech deene Wieder vum Här Buergermeeschter un, fir der ganzer Equipe, ënnert der Presidentschaft vum Här Josy Libert ze begléckwënsche fir hir gutt Aarbecht déi se gemaach hunn. Ech hätt awer just eng Bemierkung dozou. Do ass den Artikel 2/004, wou déi zwee Veräiner sech opgeléist hunn, an deenen hir Suen an den Office social gefloss sinn. Et bedauert een natierlech ëmmer, wann ee Veräin ophält, mä wat bei deenen zwee Veräiner erstaunlech ass, dat ass, datt de Photo-Club Rodange 1.922 € an de Keeleclub Les Copains 1.035 € an den Office social ginn. Dat ass ganz rar haut, well déi meeschte Clibb, déi mer an der Lescht hei haten, hate keen Cent méi an der Keess. Dofir ass dat hei och eng gutt Saach.

Jeannot Linden (LSAP):

Et gouf schonn drop higewisen, well wann ee kuckt, datt mer 1995 nach 150.000 € hate fir d'Placementer vun den Nécessiteux, esou hu mer elo 370.000 €. Et ass dat deen déckste Posten am Budget. Dat heescht, mir ginn ëmmer méi aarm, well et mussen ëmmer méi Leit placéiert ginn.

Approbation à l'unanimité.

8.2.

Prévisions sociales.

Office social : renouvellement d'un cinquième du bureau – décision.

Ce point a été traité en séance secrète.

8.3.

Prévisions sociales.

Aides au Tiers Monde : formation de dirigeants communautaires dans les provinces de Sucumbios et Orellana (Ecuador) – décision.

Gilbert Welter, Schäffen :

Als Klimabündnisgemeng hu mer eis duerch eng Conventioun, déi hei am Gemengerot den 1. Abrëll 1996 approuvéiert gouf, engagéiert fir 3. Weltlänner ze ënnerstëtzen. D'ASBL Action Solidarité Tiers Monde huet eis e Projet de financement eraginn, an zwar fir d'Formatioun vun Dirigeants communautaires an de Provënzen Sucumbios an Orellana am Ecuador.

Ëm wat geet et ? Eng grouss amerikanesch Petrolsfirma huet tëscht 1967 am 1990 Pertrolsbuerungen am Nord-Ecuador virgeholl. Toxesch Offäll sinn einfach, ouni Sécherung, an de Buedem gebuddelt ginn. Duerch d'Wieder, virun allem duerch de Reen, hunn déi toxesch Offäll d'Flëss contaminéiert. Zanter 1993 lafen déi bekannte Prozesser, datt d'Ëmwelt vergëft ginn ass, an datt d'Awunner vun Amazonien schro Gesondheetschied opzeweisen hunn. Dës Prozesser sinn nach ëmmer net ofgeschloss.

1994 hu sech hir Baueren, Duerfgemeinschaften, Mënscherechtsorganisatiounen an Ëmweltorganisatiounen iwwer d'ganz Welt zesumme gedoen, am Kampf géint den Ëmweltschued an Amazonien. Ënnert anerem huet och d'Action Solidarité Tiers Monde do kollaboréiert.

Dëse jëtzege Projet leeft vun 2007 bis 2009, a besteet doranner fir eng 30 Formateure vun den Uelegprovënzen Sucumbios an Orellana auszebilde fir deene vereenzelten Duerfbewunner hir ekonomesch, sozial a kulturell Rechter matzedeelen. Dës Informatiounen iwwer d'Violatioun vun hire Rechter ginn da vun deene Leit wieder kommunizéiert. Och besteet en drëtte Grupp mat Techniker déi hëllefen, fir mat Kameraen, Mikroen, Computer, asw., déi zwee aner Gruppen ze ënnerstëtzen.

Déi direkt Bénéficiaire vum Projet sinn déi 30 forméiert 'dirigeants communautaires', an indirekt déi 5.000 Leit, déi an 23 Communautéite vun deene Provënze liewen. De Budget vum Finanzéierungsplang beleeft sech 58.425 €. Den Ausseministère huet een Accord-cadre mat der Action Solidarité Tiers Monde getraff, a subventionéiert hir Projeten zu 80%.

Eng Rei Klimabündnisgemengen hëllefen och dëse Projet ze finanzéieren, wéi zum Beispill d'Gemenge Schëtter a Fréiseng.

Ech wollt iech proposéieren der ASBL Action Solidarité Tiers Monde op der Nummer 55 an der Avenue de la Liberté an der Stad Lëtzebuerg eng Subventioun vun 5.000 € iwwert eise Budgetsartikel 'Aides aux Tiers Monde' zoukommen ze loossen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass, wéi all déi Saachen déi mer am Kader vum Klimabündnis maachen, eng gutt Saach, virun allem datt mer deene Leit hëllefe fir sech ze wieren. Wat awer net hei am Text steet, weder an eiser Délibératioun, nach am Text vun der ASTM, ass, datt am Ganzen eng ronn 68 Milliarde Liter verseuchte Réckstänn egalwéi duerch d'Dierfer lafen, respektiv an iergendee Lach gebuddelt gi sinn, an elo erëm zum Virschäi kommen, a wou d'Leit Kriibs dovunner kréien an d'Kanner dru stierwen. Ënnert anerem steet och net an eiser Délibératioun dran, wien dofir responsabel ass. Et steet an der Délibératioun '... une grand compagnie pétrolière américaine ...'. Déi grouss amerikanesch Petrolscompagnie ass keen anere wéi ChevronTexaco. Wat een och dozou muss soen, dat ass, datt d'Directrice vu ChevronTexaco – bis zu deem Moment wou de President Bush et bis a säi Cabinet geholl huet – keen anert wéi Condoleezza Rice ass. Dat zur 'petite histoire'. Dat ass och eppes, wat d'Leit dobausse solle gewuer ginn.

Op der anerer Säit ass et eng international Problematik, déi mir mat Fréiseng a mat Schëtter wahrscheinlech net esou geléist kréien. Dat eenzegt, wat mir kënne maachen ass, datt mer deene Leit hëllefe fir sech ze wieren. Well et awer eppes internationales ass, kënnte mer als Land Lëtzebuerg méi ënnerhuele wéi alleng als Gemengen Fréiseng, Schëtter a Péiteng.

Approbation à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.4.

Prévisions sociales.

Aides au Tiers Monde : appui à la consolidation des activités de l'humanité infantile à l'hôpital pédiatrique de Kalembe Lembe au Kinshasa (République Démocratique du Congo) – décision.

Gilbert Welter, Schäffen :

Wa mer 2006 e gréissere Projet a Kolumbien ënnerstëtzt hunn, esou wëlle mer dëst Joer an Afrika hëllefen, an dat an der Demokratescher Republik Congo, a fir méi präzis ze sinn an engem Kannerspidol zu Kalembe Lembe zu Kinshasa.

Mir hu folgend Situatioun : De Congo huet 62 Milliounen Awunner, an dovunner liewen 7 Milliounen zu Kinshasa. D'Halschent huet manner wéi 15 Joer. D'Inland-Bruttoprodukt ass negativ an d'Majoritéit lieft ënner der Aarmutsgrenz. Op der Statistik vun der Kannerstierflechkeet läit de Congo u 5. Plaz weltwäit. Krankekeese besti quasi net, 80% vun der Populatioun huet keen Accès op Gesondheetshëllef.

D'Lëtzebuerger Rout Kräiz, an Zesummenaarbecht mat der belscher Croix Rouge, ass säit 1998 am Kannerspidol zu Kalembe Lembe täteg an offréiert ënnert anerem Berodung, Basisbehandlung an huet en Département wou Infektiounskrankheete behandelt ginn. Et passéieren do all Mount ronn 1.400 Kanner.

Dësen neie Projet besteet doranner, fir en Département am Spidol ze bauen an e Program ze lancéiere fir chirurgesch Agréff bei Kanner ze maachen. Et sinn 3 Etappe virgesinn :

1. Lancement de l'activité chirurgicale à froid : Dat sinn d'Equipementer déi gebraucht ginn, d'Formatioun, d'Investissementer fir d'Fonctionnéiere vun deenen éischte 6 Méint ;
2. Lancement de l'activité chirurgicale d'urgence : Dozou gehéiert z. B. d'Organiséiere vun den Urgencen, respektiv d'Schafe vun engem Fong fir Mëttelen ze hu wann d'Kanner d'urgence mussen operéiert ginn a wou d'Intervention financière net konnt am Viraus gerechent ginn ;
3. Complexification des actes de chirurgie : Hei gëtt versicht fir e Maximum vun Operatiounen um héchste Niveau duerchzezéien.

D'Rout Kräiz ass un eis erugetruede mat der Demande fir hinnen ze hëllefen dësen interessante Projet deelweis ze finanzéieren. De Budget, dee gebraucht gëtt an deen eis virläit, chiffréiert sech op 330.000 €. Zwee Drëttel gi vum Stat iwwerholl, an dee leschten Drëttel, also 110.000 € muss d'Rout Kräiz zesummekréien.

Mir hunn um Kredit fir 'Aides au Tiers Monde' nach 25.000 € stoen, an ech géif iech proposéiere fir 20.000 € dem Lëtzebuerger Roude Kräiz zoukommen ze loosse fir de Kanner am Congo ze hëllefen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Och dat fannen ech eng ganz gutt Saach, virun allem wa mer als Lëtzebuerger nach eng jett gutt ze maachen hunn. Mir waren deemools och mat de Belsch dru bedeelegt fir aus dem Congo erauszehuele wat mer konnten. Dat ware sécherlech net alleguerten déi, déi donidde waren, mä awer Verschiddener. Ech denken do haaptsächlech un déi Ausstellung, déi während Jorzéngten hei am Gemengenhaus houng. An dofir fannen ech et eng gutt Saach, datt mir dohinner – wou mer fréier matgeraibert hunn – hëllefe ginn.

Camille Bosseler (CSV) :

Ech fannen et och wichteg, datt mer an der heiteger Zäit trotzdem en Don hu fir déi Leit, esou datt déi och aus hirem Misär erauskommen. Et kann een net zefridde sinn, wann ee gesäit, datt do esouvill Leit an der Nout sëtzen.

Approbation à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.

Culture.

Mise en place d'un central de détection d'incendie au centre culturel à Rodange – approbation du devis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Eise Rodanger Kulturzenter ass net grad conforme, well do feelt eis nach e 'central de détection d'incendie'. Wann der dësem Punkt géift zoustëmmen, da kéinte mer och dee Centre a Conformitéit setzen.

Den Devis heifir beleeft sech op 37.500 €, an deen Devis gouf vun eisen Techniker den 10. Oktober 2007 opgestallt.

Albert Muller (LSAP) :

Ech fannen et eng gutt Saach, datt och am Rodanger Kulturzenter eng Alarmanlag installéiert gëtt. Ech muss och soen, datt den Devis fir meng Begréffer tip top opgestallt ginn ass, a virun allem déi Persoun, déi deen Devis opgestallt huet - wann ech weess wat déi fréier geschafft huet – esou muss ech soen, datt dee sech excellent an déi Matière ageschafft huet. All Respekt fir deejéinegen, deen dat dote gemaach huet. Deen eenzege klenge Schéinheetsfeeler, deen an deem Ganzen ass, ass, datt Rieds geet vun 'une centrale de détection d'incendie'. Richteg miisst et sinn 'un central de détection d'incendie'.

Guy Brecht (LSAP):

Selbstverständlech ass dat heiten ze begréissen. Ech wollt awer froe firwat dat esoulaang gedauert huet bis mer dat elo installéieren ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech muss Iech éierlech soen, datt ech net wosst, datt dat géif feelen. Ech war der Meenung, datt dat – wou de Centre gebaut gi war – schonn installéiert gi war. An den Här Heinen ass am gaangen all eis Gebaier duerchzekucken, an do ass dat opgefall.

Approbation à l'unanimité.

10.

Questions des conseillers communaux.

Romain Becker (Déi Gréng):

Mir kruten alleguerten e Bréif vun den Awunner aus der Parkstrooss vu Péiteng, wou eng Petitioun, ënnerschriwwe vun 47 Leit, dobäi louch, déi sech iwwert den Zoustand vun därselwechter Strooss bekloen. Kéint dir eis informéieren, resp. konfirméieren, ob dat wierklech esou ass, datt déi Strooss an engem katastrofalen Zoustand ass, ob do wierklech Fissuren an eenzelne Fassade sinn, bedéngt duerch déi schwéier Camionen ? Kéint dir eis soen, ob den Trafic an däer Strooss dann esou dramatesch zougeholl huet, a wat d'Ursaache sinn ? Wat gedenkt dir do ze ënnerhuelen, fir dëser Situatioun, wann et dann esou ass, een Enn ze maachen ? Muss do wierklech en neien Tapis drop ?

Roland Breyer, Schäffen :

Dee Problem ass scho méi laang bekannt. An och wann elo haut an däer Strooss geschafft gëtt, esou huet dat näischt mat der Strooss selwer ze dinn, mä et huet mam Sudgaz ze dinn. Et hunn e puer Vannë gerënnt, an et huet doduerch direkt miissten dorunner geschafft ginn. Déi Aarbechte sollen awer bis Enn der Woch fäerdeg sinn.

Zu der Strooss selwer ass ze soen, datt déi Petitioun erakomm ass op Grond vu Leit, déi schonn am ganze Joer mat eis geschwat hunn. An een Drëttel vun deenen, déi ënnerschriwwen hunn, waren och schonn iergendwéi eng Kéier bei mir um Bureau fir ze soen, datt Problemer géife bestoen, datt ze vill Trafic do wier an d'Strooss net an der Rei wier.

Wann een doduerch fiert, da kann ee feststellen, datt an deene leschte Joeren eng ganz Rei Fléckaarbechte gemaach si ginn, an datt déi Fléckaarbechten an engem Zoustand sinn, datt net nach eng Kéier kënne gefléckt ginn. Et muss effektiv flächendeckend eng nei Solutioun gemaach ginn. Déi Aarbechte sinn och vun eis aus am Kredit 'Reprofilage des rues' virgesinn, a schonn am September huet d'Firma Cajot den Optrag kritt fir déi Strooss nei ze maachen. Well mer awer net vill Fournisseuren hei am Land hunn déi dat maachen, sti mer op der Waardelëscht. Mir stinn am Prinzip um Plang, fir datt dat sollt d'nächst Woch gemaach ginn, wann d'Wieder et erlaabt. D'Strooss soll ofgehuwwelt ginn, an et kënnt en neien Teppech drop. Esou datt d'Strooss dann nees an der Rei wier.

Deen zweete Problem, dee besteet, ass de Camionsverkéier, deen duerch déi Strooss geet. Mir hunn eisen Apparat, dee mer hu fir den Trafic ze moossen, dohinner gestallt, a mer kucken elo emol watfir Ween duerch déi Strooss fueren, a wéi d'Kadenz dovunner ass. Et gëtt eis gezielt, an dat kann och stëmmen, datt wann an der Haaptstrooss d'Luuchte rout sinn, d'Camionen effektiv do ofbéien a guer net méi duerch rout fueren, well et méi séier duerch d'Parkstrooss geet. Wann dat effektiv sollt de Fall sinn, da si mer ganz séier bereet fir d'Verkéiersreglement esou ëmzeänneren, datt et fir Poids lourds verbueden ass duerch déi Strooss ze fueren. A wa mer et an der Parkstrooss maachen, da musse mer et och an der Aloyse Kayser-Strooss a vläicht och an der rue de l'Indépendance maachen. Well do ass d'Situatioun déi selwecht.

Et soll ee sech awer net zevill dovunner verspriechen, well et muss een et och kontrolléiert kréien. Well et steet net op all Eck e Polizist. Mä et schreckt awer vläicht deen een oder aneren of fir doduerch ze fueren.

Dann nach zu der Vitesse, fir déi op 30 Stonnekilometer erofzesetzen. Do wäerte mer dem Gemengerot am Kader vun de Budgetsdikussiounen eis Iwwerleeungen zu der Zone 30 soen. D'Gemeng Péiteng eegent sech net duerch hir Configuratioun fir flächendeckend Zone 30 anzeféieren. Mir kënnen eventuell punktuell driwwer diskutéieren. Hei si Saachen, wou d'Einbahnstroosse sinn, a wou sech eng Zone 30 net richteg vum Prinzip aus eegent, esou datt mer do sollen net déi Hoffnung opkomme loossen, datt eng Zone 30-Strooss entsteet. Och eng Zone 30 ass ëmmer objektiv, well et muss een et och kontrolléieren ob d'Leit sech och wierklech drun halen. Mä dat wäerte mer am Kader vum Budget diskutéieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Virun e puer Méint hutt dir an der Haaptstrooss zu Péiteng, op der Héicht vun der Guillaume-Strooss, nei Luuchten opgestallt fir den Zebrasträife besser ze beliichten. Hutt dir an Tëschenzäit Erfahrungswäerter, resp. Echoen, wat dësen, besser beliichtene Foussgängeriwwerwee ugeet ? Et ass näämlech net ze iwwersinn, virun allem elo am Hierscht an am Wanter, wann et méi fréi däischter, resp. ni richteg hell gëtt, datt dësen Zebrasträife besser beliicht ass, dat heescht, datt d'Automobilisten d'Foussgänger besser gesinn. Wier et net ubruecht, déi Abberzuel vun Zebrasträifen op der Haaptstrooss mat esou engem System ze beliichten ? Dëst virun allem fir eng gutt Relatioun vun Autoen a Foussgänger, a virun allem fir hir Sécherheet ze garantéieren. Well ech als Foussgänger muss dozou soen, datt et ëmmer erëm Foussgänger ginn, déi einfach beim Zebrasträifen eriwwerlafen ouni drop opzepassen, ob den Automobilist se gesinn huet oder net. An dat mécht et natierlech net méi einfach fir dat gutt Zesummeliewe vu Foussgänger an Automobilisten.

Roland Breyer, Schäffen :

Déi Erfahrungen, déi mer mat deem neie System gemaach hunn, si ganz gutt. Et ass bemierkbar méi hell op deene Plazen. Et sinn och, säit dat do ass, keng Accidenter do geschitt. Et sinn 2 Joer, datt déi Luucht schonn do installéiert ass. Als Désavantage huet awer dee System, datt mer all Kéiers mussen en neie Luuchtepoteau setzen, deen an der Axe vum Foussgängersträife muss sinn. De Moment hu mer déi normal Luuchtepoteauen, déi nieft dem Zebrasträife stinn, an déi net eriwwerliichten. Deen neie System muss wierklech an der Axe vum Foussgängersträife stoen, well soss fonctionnéiert et net. Dat ass awer éischtens ëmmer komplizéiert fir e Poteau bäizesetzen, an zweetens och mat Käschte verbonnen. Esou ee Poteau mat der Luucht wäert wéinstens 2.400 € kaschten, plus d'Aarbechtsstonnen déi nach dobäikommen.

Mir hunn awer virgesi fir déi ganz Haaptstrooss an all déi däischter Plazen ënnert d'Lupp ze huelen. Esou hu mer zu Rodange um Parking 'Schaeffer' aner Luuchten higemaach, dat ass vu Ponts et Chaussées, vum Service de l'Energie de l'Etat gemaach ginn, an dat gëtt eis och Satisfactioun. An am Kader vum Budget gitt der och gewuer, datt déi ganz Kierchstrooss hei zu Péiteng eng nei Beliichtung kritt. Mir sinn am gaange mat Ponts et Chaussées a mam Service de l'Energie de l'Etat ze kucken, ob mer net kënne Problemer geléist kréien andeem nei Bieren agesat ginn. Wa sech dat awer net an der Axe vum Foussgängersträife maache léist, da si mir awer averstane fir op vereenzelte Punkten däer heite Luuchten nach weider ze installéieren, an dat och am Kader vum 'Plan local de la sécurité'. Dat wäerten hei zu Péiteng net all d'Foussgängersträife sinn, mä nëmmen haaptsächlech déi wou ganz vill Trafic ass a wou Oniwwersiichtlechkeete sinn. Well et bedéngt, datt mer all Kéiers mussen en neie Poteau setzen. Fir d'nächst Joer sinn der op mannst 4 virgesinn, an déi aner Amélioratioune ginn am Kader vum Budget mam Service de l'Enegie de l'Etat gekuckt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wéilt nach eng Kéier wëssen , wéi wäit mer am Dossier 'Beliichtung vum Schwaarze Wee zu Péiteng' sinn ? Well och hei schénge mer kee Schratt virun ze kommen, a schonn nees hu mer Wanter an et ass stachdäischter op deem Wee, an domatter och immens gefäierlech. An dësen Zoustand ass och bei der Presentatioun vum 'plan local de sécurité' zur Sprooch komm.

Roland Breyer, Schäffen :

De Schwaarze Wee ass effektiv e vun deene Weeër, déi markant am 'Plan local de sécurité' stinn. A well ech elo selwer am Comité de politage si fir de Suivi ze maache vun deene Saachen, hu mer dat och als eng vun de Prioritéiten ugesinn. Mir hu mat eise Servicer geschwat fir ze kucke wat een do ka maachen. Mir kucke fir am Kader vum Budget elo eng éischt Amélioratioun ze maachen, fir eventuell mam CIGL e Réaménagement vum Schwaarze Wee ze maachen, fir datt en

e bësse méi propper ausgesäit a vläicht net méi all Mënsch dozou verleet fir Dreck dohinner ze maachen. De Wee soll op jiddefall méi hell ginn. Dat ass sécher eng Prioritéit. D'Solutioun ass awer sécher net esou einfach ze realiséieren. Well mer hu keen Approvisionnement do, a mer musse Leitungen zéien. Mir hu scho miisste fir an d'Kasären eng Leitung zéie fir kënnen e puer Ecker ze beliichten. Fréier ass dat ëmmer vun der Eisebunn aus gespeist ginn. Mir hunn deelweis eng Fräileitung do hänken, an et muss ee kucke wat technesch méiglech ass. Wann ech mech richteg kann erënneren, dann ass et eng Saach vu Suen. 1989/1990 hate mer e schéine Projet hei um Dësch leie fir de Schwaarze Wee wierklech flott ze maachen. Et war ganz flotte Projet, an et hätt 20 Milliounen déi Zäit kascht. Et ass ëmmer zeréckgesat ginn, an ech géif mer wënschen, datt mer erëm eng Kéier e finanzielle Sputt hätte fir erëm eng Kéier op den original Projet kënnen zeréckzekommen. Mä näischt verhënnert awer fir déi Pläng nach eng Kéier ze huelen an ze kucken, wat mat eise Leit, mat engem CIGL, oder mat anere Supporten, méiglech ass ze realiséieren. De Wee steet op der Prioritéitelëscht vum 'Plan local de la sécurité'.

Norbert Pierre (LSAP):

An der rue des Prés, Kräizung mat der rue de la Gare, beim Geschäft 'City Press', läit elo scho méintelaang eng Eiseplaque um Trëttoir virun den Tableaux-Schief vun der Gemeinschaftsantenn. Dat ass geféierlech, wann een do driwwer geet, well déi Plaque wackelt. Wat gedenkt de Schäfferot ze maachen ? Wéini gëtt den Trëttoir endlech erëm an d'Rei gesat ?

Roland Breyer, Schäffen :

De Schäfferot huet nokucke gelooss fir ze kucken, wou déi Aarbechten dru sinn. Et ass dat e Chantier vun der Cegedel a vun der Antenne. Si sinn am gaange Connectiounen ze maachen. Duerno soll dann de Schaf vun der Gemeinschaftsantenn ewechkommen, well alles an de Buedem verluegt gëtt. An déi Aarbechte sollen déi nächst Woch fäerdeg sinn.

Norbert Pierre (LSAP):

An der 'rue Prince Jean' zu Rodange ass d'Fahrtrichtung geännert ginn. Wann ee vum Gemengeparking tëscht der 'avenue Dr Gaasch' an der 'rue Prince Jean' eraus kënnt, huet ee Problemer fir no lénks ofzebéien. Well vis-à-vis sti Behälteren um Trëttoir déi d'Ofbéie behënneren. Wiem seng Behältere sinn dat ? Kann een op den Trëttoir stelle wat ee wëll ? Wat geschitt an dësem Fall ? Wéini gëtt de Marquage fir lénks ofzebéien um Buedem ubruecht ? Wéini ginn endlech d'Grénganlagen um Parking ugeplanzt ? Ass dee Parking och am Plang, fir de Summer a de Wanter an der Rei gehalen ze ginn, virgesinn ?

Roland Breyer, Schäffen :

Déi Bacen, déi um Trëttoir stinn, gehéieren engem Privatmann. Dee Mann huet keng Autorisatioun dofir, a gëtt opgefuerdert se ewechzehuelen.

Mir hunn eng grouss Enveloppe an der Strooss agezeechent, fir datt d'Autoe kënnen erauskommen. Déi Enveloppe ass 8 Meter breet, an dat miisst duergoe fir datt jiddereen do kann erauskommen, esoulaang wéi sech jidderee beim Stationéieren drun hält.

Wat de Stréch um Buedem ugeet, esou hutt Dir Recht, datt deen nach deelweis um Buedem no riets weist, an net no lénks, wéi et miisst sinn. Deen ännere mer direkt déi nächst Woch, well fir dës Woch ass et ze kuerz.

Wat d'Uplanzungen ugeet, esou ass mir gesot ginn, datt et net un der Gemeng wier, fir unzeplanzen, mä dat miisst vun der Firma Cardoso gemaach ginn. Et gouf och schonn e puermol vun eisem techneschen Service reklaméiert, an et gouf gesot, datt mir duerno fir den Entretien ze suergen hätten, mä datt d'Uplanzung vun der Firma Cardoso ze maache wier. Dat miisst am Kader vum ganze Lotissement nach gemaach ginn.

Et muss Kloerheet do geschafe ginn. Mä et schéngt mer awer esou ze sinn, datt de Promoteur miisst uplanzen. À moins datt en eis Suen dofir ginn hätt, mä ech ka mech net dorunner erënneren. Ech mengen hie muss uplanzen, an dat muss hie gesot kréien, oder ee gëtt eis Suen a mir planzen dann un.

Norbert Pierre (LSAP):

Dir hutt eis gesot, wéi grouss datt déi Enveloppe an der Strooss agezeechent ass. Mä mer hu jo awer Pecherten hei an der Gemeng, déi d'Leit soss jo och belästege mam Protokolléieren. Da sollen se och emol do hinner goen a protokolléieren. Well dat si keng Lëtzebuerger, mä Fransousen déi do halen. D'Pecherte miissten och emol opgefuerdert ginn hir Aarbecht ze maachen, a Plaz d'Aen zouzemaachen a riicht laanscht ze trëppelen.

Roland Breyer, Schäffen :

Eis Agente sinn awer net esou, wéi Dir se elo hei duerstellt. Mir kënnen awer kucke fir am Kader vum Verkéiersreglement, dat mer am gaange sinn ze reviséieren, déi Virschléi, déi gemaach si ginn, mat afléissen ze loossen. An dëse Mount soll nach eng Entrevue mat der Commissioun nationale de la circulation stattfannen. Well mer musse jo all Kéiers en Avis préalable vun de Ponts et Chaussées hu wa mer eist Verkéiersreglement änneren. A wa vun hinnen aus alles an der Rei ass, da kënne mer och endlech domatter an de Gemengerot kommen.

Norbert Pierre (LSAP):

Emstellen op Oeko-Stroum an eiser Gemeng :

Mat dem Akaf vun Oeko-Stroum kéint eis Gemeng e klenge Bäitrag zur Reduzéierung vun den CO2-Emmissioune leeschten. Huet de Schäfferot schonn eppes an deem Sënn ënnerholl ? Si schonn Offere beim Stroumliwwerant ugefrot ? Wa 'Jo', wéivill géif den Oeko-Stroum d'Gemeng méi kaschten ? Wéivill Prozent CO2-Emissioune kënnen doduerch gespuert ginn ? Wéini gedenkt de Schäfferot Oeko-Stroum fir eis sämtlech Gebaier ze kafen ?

Den Här Welter huet elo virdrun, bei de Communicatioune vum Schäfferot, versicht déi Fro ze beäntweren. An ech fannen dat e wéineg eng bëlleg Manéier fir op engem Conseiller seng Fro hin am Ufank vun der Sëtzung eng Communicatioun ze maachen. Wann ech déi Fro net gestallt hätt, da wier bestëmmt keng Communicatioun komm. Ech fannen dat, Här Welter, e wéineg hannerhälteg. Dir kënnt elo dovunner denke wat der wëllt, mä ech fannen dat net an der Rei an net korrekt ! An ech hätt gären eng schrëftlech Äntwert op déi Froen, déi ech hei gestallt hunn !

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech wëll awer viraussoen, datt dat, wat haut an de Communicatioune vum Schäfferot gesot géif ginn, scho laang feststoung. Mir hunn déi Communicatioun net gemaach, well Dir eng Fro gestallt hutt. Beim Här Welter senger Matdeelung war scho laang virdrun am Schäfferot décidéiert ginn, datt mer wéilten dat soen. De Beweis ass jo och do, datt mer jo schonn am Oktober esou ee Kontrakt mat der Cegedel ënnerschriwwen hunn. Dat kënne mer lech och schwaarz op wäiss weisen. D'Etappe sinn am Fong geholl hei ausgezeechent wéi mer viruginn, 'étappe par étappe'. Mir kënnen lech awer nach eng Kéier schrëftlech d'Äntwert zoukomme loossen. Dat ass kee Problem, well schlussendlech ass et dat, wat den Här Welter gesot huet. Dir hutt d'Äntwert scho kritt.

Et ass net esou, an dat weisen ech of, an domatter wier ech och net averstane gewiescht, wann op Grond vun enger Fro vun engem Conseiller am Virfeld eppes gesot gi wier. Et ass ganz kloer, datt mer wëlles haten an dëser Sëtzung dës Communicatioun ze maachen. A mir hunn et net gemaach, well eng Fro erakomm ass. Well wa mer dat hätte wëlle maachen, dann hätte mer dat all Kéiers kënne maachen.

Gilbert Welter, Schäffen :

Et sollt an der leschter Gemengerots-sëtzung scho gesot ginn, mä mer haten de Kontrakt nach net ënnerschriwwen erëm. An de Kontrakt gouf vun eis den 12. Oktober ënnerschriwwen. An et gouf am Schäfferot festgehalen, datt mer d'Communicatioun am Gemengerot géife maachen esoubal mer de Kontrakt erëm hunn. An dat hu mer och haut gemaach. An déi Décisioun hate mer geholl - an et si Leit heibannen, déi dat kënne confirméieren - ier déi Sëtzung hei stattfonnt huet.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech gleewen lech dat alles, Här Welter. Dir kënnt dat ziele wat Dir wëllt, mä ech gleewe mäint.